

**22. NOVEMBER**
**2024**

# Gemengebuet

**#LIEWENZUESCH**

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
↻ = Procuratioun

22.
NOVEMBER
2024

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**22. November 2024**

*Réunion à huis clos*

## 1. Questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

## 2. Zukunftsrot Metzeschmelz; rapport final sur le premier cycle de travail octobre 2023- juin 2024; présentation

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleege vum Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis eventuell iwwer de Stream oder EschTV suivéieren, ech begréissen Iech dann hei an der ëffentlecher, am ëffentlechen Deel vun der haiteger Sëtzung.

Éier mer zu e puer Formalitéite kommen, wéilt ech mat enger positiver Nouvelle ufänken a confirméieren, dass mer den Titel vun der europäescher Sportstad unerkannt kritt hunn. Dat ass e flott Resultat vun dëser Kandidatur. An ech hunn et och appreciéiert a fannen et flott, dass mer zesummen dës Kandidatur hei am Escher Gemengerot ënnerstëtzt hunn.

Ech erlabe mer dann, all de bedeelegte Servicer am Numm vun eis, wéi mer hei sëtzen, Merci ze soen. An ze felicitéieren. An dem Här Zwally ze felicitéieren.

Da wéilt ech nach eng aner Aktualitéit ervirhiewen, déi déi international Engagementer vun der Stad Esch betrëfft. An zwar hutt Der matkritt, dass leschten Donneschden, de 14. November, 90 Computeren an eis Partnerstad an d'Ukrain op Stryj geschéckt goufen. Ech wollt dat awer eng Kéier ervirhiewen, well dësen Dënschden den Dausendsten Dag war vun dem russeschen Ugrëffskrich an der Ukrain.

An och wann eis Partnerstad an der Westukrain läit, gouf et och Nuechten, an deene Rakéiten an dëser Regioun an och bei hinnen ageschloe sinn. An och déi Regioun erlierft och elo erëm eng Kéier, méi wéi virdrun, eng batter Krichsrealitéit.

Um Gemengenniveau ass dat fir eis Partneren dohanne verbonne mat Erausfuerderungen, an der Haapterausfuerderung, fir eigentlech d'Grondaufgabe vun der Administratioun, ënner Aschränkunge vu Moyenen, och weiderhin ze garantéieren.

Dee Message vun der Solidaritéit mat der Ukrain a mat eiser Partnerstad soll weiderhin unhalen an dofir wollt ech dëse Message da mat de Computeren och vun eis aus hei matschécken.

Et ass elo net esou evident, en eleganten Iwwergang an d'Realitéit vun der Ukrain bis bei eis Realitéit hei an dëse Gremium ze maachen. Ech kommen awer zu e puer Formalitéiten.

Als éischt wëll ech drop hiweisen, dass, wann e Gemengerot ass, dass ee probéiere sollt, mat Zäit ze kommen. Dat trëfft elo eng Persoun, déi net hei ass. An et sollt een och drun denken, sech virun der Sëtzung ofzemellen, wann ee verhënnert ass.

Ech ernimmen dat just, well ech muss drop verweisen, dass d'Gesetz virgesäit, dass, wann dat e puermol net geschitt, dass een da souguer aus dem Gemengerot kann entlooss gi vum Inneminister.

Par rapport zum Ordre du jour si keng Ajoutten erakomm an et ass och keng Demande do, fir e Punkt op den Ordre du jour, vum Ordre du jour erofzehuelen.

Wat allerdéngs erakomm ass, dat ass e Bréif vun der grénger Fraktioun, an där eis matgedeelt gouf, dass d'Madamm Broers elo Conseillère, als Conseillère déi gréng Partei hei am Gemengerot géing vertrieden, wat notamment dann nach domat verbonnen ass bei engem Changement vun der Sëtzuerdnung an dëser Ronn.

Ech soe Merci deenen anere Conseilleren, dass dat ganz onproblematesch konnt sou amenagéiert ginn.

De Wiessel bréngt awer soss fir eis keng gréisser Verännerungen hei fir d'Organisatioun vum Schäfferot mat sech. An de Kommissioune par conter kann dem Wiessel awer net Rechnung gedroe ginn.

Op Nofro beim Inneministère hu mer confirméiert, dass de Verdeelungsschlëssel an de Kommissiounen, vun de Sëtz an de Kommissiounen och weiderhin dee vum Walresultat vum 11. Juni 2023 muss sinn. Also deem muss Rechnung gedroe ginn. Dat heescht, dass déi Lëscht vun der Piratepartei och nach weiderhin d'Recht huet, fir ee Sëtz an der Kommissioun ze besetzen, well se awer 5,31 % vun de Wielerstëmme kritt huet.

An do ass et och sou, dass d'Piratepartei eis och scho kontaktéiert huet, déi national, a mer waarden dann elo drop, ob mer iergende Retour kréien, wie se wëllen dann an d'Kommissiounen hei schécken.

Ginn et soss nach Froen oder Remarke par rapport zum Ordre du jour?

Da géinge mer iwwergoen an ech ginn dem Urbanismusschäffen d'Wuert, fir éischt Konklusiounen zum Zukunftsrot Metzeschmelz ze presentéieren. Här Sehovic, Dir hutt d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir befaassen de Gemengerot haut mam Rapport final vum éischte Cycle vum Zukunftsrot, wat ee vun den Instrumenter ass, déi zeréckbehale gi sinn, fir d'Bierger.inne.bedeelegung an der Entwécklung vun dem neie Quartier ze garantéieren.

Ech wëll, bevir ech eiser Cheforganistin d'Wuert ginn, fir den Detail vum Rapport ze erklären, awer elo schonn ausdrécklech de Risemerci ausschwätzen un d'Biergerinnen a Bierger, déi sech Zäit geholl hunn a sech weiderhin Zäit huelen, fir sech am Zukunftsrot ze bedeelegen, hir Iddien, hir Visioune fir den neie Quartier anzebréngen.

Ech soen och Merci deenen Associatiounen, déi am Kader vun deem Prozess mat bedeelegt sinn. Natierlech och eise Servicer vun der Stad, déi proaktiv deen dote Prozess suivéieren, an natierlech och der Agora.

Et ass e spannende Prozess vu geliefter Bierger.inne.bedeelegung, an an deem Sënn freeën ech mech, dass mer och hei am Gemengerot déi Aarbecht valoriséiere kënnen a sécher kënne stellen, dass eng Réckkopplung do ass tëschent deem, wat d'Biergerinnen an d'Bierger gesi fir d'Entwécklung vun deem neie Quartier, an deem, wat de Gemengerot decidéiert. An domadder géing ech gären dann dem Daisy Wagner d'Wuert ginn.

**Daisy Wagner**

Ma ech klammen direkt an de Sujet an. Ech weisen hei eng Kéier just sou de Branding am Fong vun deem ganze Prozess, wat d'Bedeelegung ubelaangt.

Et geet jo drëm, dass mer den neie Quartier fir 10.000 Awunner an nach emol sou vill

Aarbechtsplazen, déi do projezéiert sinn, datt, wa mer do wëllen zesumme liewen an Zukunft, musse mer en och zesumme beliewen. Dat ass e bëssen de Slogan, ënner deem de ganze Participatiounsprozess och leeft.

Dat heescht, alles, wat och publizéiert gëtt an deem Kader, dréit ëmmer eeben dëse Stempel. Dat just emol als klenge Rappel.

De ganze Prozess vun der Bedeelegung fir d'Entwécklung vun dem Quartier Metzeschmelz beinhalt véier grouss Voleten. Dat ass, engersäits sinn et déi Forumen, déi scho stattfonnt hunn um Site vun der Metzeschmelz. Da sinn et d'Pionéier, déi eebe schonn täteg sinn och um Site selwer. D'bescht Beispill ass de FerroForum.

Och d'Schmelzaarbechter, och mir vun der Stad Esch fir alles, wat d'Organisatioun vu grousse kulturelle Manifestatiounen ubelaangt, d'Notze vun den Deeler vun deenen Halen, déi um Site sinn. Dat heescht, och déi Pionéier, déi leeschten eng ganz bedeitend Aarbecht, fir punktuell och dee Site ze animéieren an zougänglech ze maache scho fir de Public.

Da gëtt et eng elektronesch Plattform, déi ëmmer erëm weider gefiddert gëtt. Do lueden och jiddereen an, ëmmer erëm reegelméisseg och kucken ze goen. Vun de verschiddene Forumen oder och wéi dëse Bericht – et fënnt een ëmmer erëm Publikatiounen op deem Site. Déi kann een eroflueden, do steet alles bereet.

An dann ass eeben ee wichtegen Deel vun deem ganze Prozess ass eeben den Zukunftsrot, deen de ganzen Entwécklungsprozess iwwer déi nächst Joer an huet elo scho begleet a wäert nach begleeden, fir permanent kënnen eebe vun dem wichtegen Input vun de Bierger kënnen ze profitéiere bei deene verschiddenen Entwécklungsetappen.

Hei just nach emol als klenge Rappel, wat huet schonn alles stattfonnt och um Site am Kader vun der Participatioun. Ugefaangen natierlech 2016 – just fir de Start nach emol kloerzestellen. Déi ganz Elaboratioun vum Concours war och schonn e participative Prozess. Deemools, wéi déi international Ekippen hei um Site täteg waren, konnten och d'Bierger dovu profitéieren, op de Site ze kommen an zesumme mat den Experten a Planer en Austausch ze hunn. Och Visitte sinn deemools ugebuede ginn. Domadder war am Fong schonn de Startschoss och gi vun deem ganze participative Volet um Site vun der Metzeschmelz.

D'Kulturjoer, do hate mer d'Aktivitéiten haaptsächlech och vu Cueva mat der Ausstellung. De Site war punktuell op. FerroForum huet ganz vill ugebueden. Et konnt een d'Weekender vun Esch bis Schëffleng an och ëmgekéiert de Wee fannen iwwer de Site.

Da wéilt ech och ervirhiewen nach eemol den Numm, wéi en deemools gesicht ginn ass. Dat war och e Concours, wou d'Leit sech mat abruecht hunn. Deemools hu mer ganz vill Input gesammelt. Metzeschmelz war de finalen Numm, et sinn awer nach aner Inputten deemools erakomm an déi fannen och herno hir Berücksichtegung wann et och drëm geet, fir Stroossen oder ëffentlech Plazen oder vläicht och Residencen hiren Numm ze ginn, gëtt dat doten nach emol zur Hand geholl.

Den offizielle Go war dunn den 8. Oktober 2022 mat deem Opening Day, wou de ganze Planungsprozess dann och zesumme mat KOBE Urban Agency am Fong richteg lassgaangen ass och um Site, a wou och Agora offiziell dunn och Proprietär ginn ass vun all deenen Terrainen, déi hei betraff sinn.

D'Pionéier, déi gi säit 2023 och ganz konkreet zesummen an Aarbechtsgruppen zesummegefaasst, wou och Koordinatiounsaarbechten oflafen: wie bitt wat un.

Dann, den éischte Forum, dat war de Fréijoersforum 2023, wou a verschiddenen theemateschen Atelieren zesumme geschafft ginn ass. Den Hierschtforum, deen am September 2023 war, wou et och e Battle of the Planers ginn ass.

Dann am Oktober 2023 war dunn eigentlech, wou den Zukunftsrot dunn och kreéiert ginn ass, wou si hiren éischte feste Rendez-vous um Site och hate mat enger grousser Visitt iwwer de Site. A si hunn eebe säitdeem bis elo Juni 2024 zesumme geschafft, fir eebe Recommandatiounen ze ginn an engem éischten Zyklus. Dorobber ginn ech awer, wéi gesot, nach drop an.

A mir haten elo am Juli 2024 e weidere Forum um Site, an dee war haaptsächlech eeben dediéiert fir eis Jugend, fir eis Kanner. Et ware ganz vill Schoulklassen, besonnesch eebe Lycéeën um Site, mat deene mer dunn zesummen och a verschiddenen Atelieren zesumme geschafft hunn a wou och ganz flotten Input komm ass, wou ech och soen, eis Jugend däerf een net ënnerschätzen. An d'Jugend ass am Fong, sinn déi zukünfteg Usageren eigentlech vun deem neie Quartier.

Wéi ass elo den Zukunftsrot zesummegesat? Dat sinn 30 Leit, dovunner si 24 Awunner. Déi 24 Awunner si bei der éischter Phas ausgesicht ginn. Do hu mer ... „Mir", dat ass Agora, déi de ganze Prozess jo eigentlech feederfürend maachen. Mir sinn ëmmer mat bedeelegt.

Agora huet do eeben zeréckgegraff op de LISER, fir dass eeben d'Compositioun och ganz ekilibréiert ass. Dat heescht, d'Leit sinn ugeschriwwe ginn, jee no verschidden, iwwer d'Geschlecht, Alter, Originn, wou se hierkommen, an och Niveau vun der Ausbildung, fir dass dat ganz eklibréiert awer ass, déi Zesummestellung, dass eeben eng breetgefächert Bevëlkerungsschicht eeben do representéiert ass.

Da sinn och verschidde Representantë vu verschiddenen Organisatiounen dobäi gewiescht. Bei der éischter Phas war dat de LISER, d'ACAIE, d'Fondation pour l'accès au logement, Up Foundation. Up Foundation, déi och elo nach aktiv sinn um Site, wou se mat Kanner och reegelméisseg am Bâtiment V Aktivitéiten hunn. ProVëlo an d'AFAL, wat eeben d'Associatioun vun de Grenzgänger hei zu Lëtzebuerg ass, déi eeben och bei dësem éischten Zyklus vum Zukunftsrot mat dobäi waren.

Wat sinn hir Haaptmissiounen? Elo fir den éischten Zyklus war déi wichteg éischt Missioun, Recommandatiounen ze sammele vum Zukunftsrot, fir kënnen d'Charta Metzeschmelz ze finaliséieren.

Déi Charta, dat war vun Ufank un eigentlech schonn eng vun den Iddien, déi Agora och hat, fir sou eppes opzestellen, fir e gewësse Kader ze hunn, wou mer eis dra beweegen, wat d'Planung eeben ubelaangt. An net nëmmen d'Planung, mee herno och d'Entwécklung a bei der Ëmsetzung, wou déi Charta eigentlech d'Basis bilt, fir kloerzestellen, wat eis Objektiver bei der Entwécklung eebe sinn.

Dann ass et awer och e méi laangefächert Missioun, déi den Zukunftsrot huet. Eeben d'Begleedung eigentlech vun all deene Prozesser, vun deene verschiddene Planungsetappen, déi kommen. An et ass eebe ganz wichteg, dass mer do permanent de richtegen Input hunn an d'Perspektiven och kenne vun den zukünftegen Awunner.

Den éischten Zyklus ass gelaf vun Oktober bis eebe Juni elo 2024. 25 Réunions à présentielles

hu stattfonnt. Dat si Reuniounen, déi ëmmer samschdes moies um Site stattfonnt hunn, haaptsächlech am Bâtiment V.

Bei deene Reuniounen ass ganz intensiv an diversen Atelieren zesummegeschafft ginn. Si hu ganz vill Input kritt, haaptsächlech am Ufank war dat de Fall. Si hu ganz vill Informatioune kritt; ob dat elo vun eiser Säit ass oder och vum nationalen Niveau de Fall war.

Et sinn awer och verschidde Visiokonferenzen ofgelaf. An et ass vläicht ze erwänen, dass fir déi verschidde Rendez-vouse kréien och d'Bierger, awer just d'Bierger, eng kleng Indemnisatioun. Dat war e wichtege Volet fir Agora, fir hinnen awer eng kleng, awer och eng entgéint ze kommen, wat den Zäitopwand awer bedeit, deen déi Leit dann och opbrénge fir den Zukunftsrot.

Um Schluss elo huet dann och eng kollektiv Validatioun stattfonnt vun deene Recommandatiounen, déi d'Membere vun dem Zukunftsrot dann elo och zesummegestallt hunn.

Déi Recommandatiounen, déi een elo erëmfënnt och an där Publikatioun, déi lech virläit, déi baséiere sech ëmmer op sechs Objektiver. Déi sechs Objektiver gëllen awer net nëmmen hei am Kader vun den Aarbechte vum Zukunftsrot, mee dat sinn Objektiver, déi vun de Planer zesummegestallt gi sinn. A sämtlech Konzepter fënnt een ëmmer erëm, baséiere sech ëmmer op dës strateegesch Ziler.

Ech mengen, mir haten déi och schonn emol erwäänt gehat. Mer hate se hei och schonn emol presentéiert. Et gëtt deene verschiddene Konzepter och ëmmer eng propper Struktur, well sech ëmmer erëm op dës Ziler och baséieren.

Zum engen ass dat natierlech den Espace de vie vert et bleu, wat eisen Naturraum ubelaangt eeben um Site, mat eise Parkstrukturen, Renaturatioun vun Uelzecht an Dipbech.

An dann eeben d'Verbanne vun deene verschiddenen Naturraim, déi sech eigentlech op dee Site opdrängen. Ob dat vum Lallenger Bierg ass, wat méi en industrielle Charakter wäert hunn, oder eeben eisen Naturraum ronderëm d'Waasser. D'Waasser, en Element, wat och hei e ganz wichtege Volet ass.

Dann d'Mobilitéit. Ech mengen, et ass bekannt, den Auto ass just e Visiteur vun dësem Site a verschwënnt eeben an deene Mobility Hubs. An d'Prämiss, oder eng wichteg Bedeitung huet eeben de Foussgänger an de Vëlosfuerer um Site. An natierlech all déi Offeren, déi nach dobäikommen, wat den ëffentleche Verkéier ubelaangt, ob dat elo den Tram ass, en neien Zucharrêt oder de Bus à haut niveau de service, deen de Site och wäert desservéieren.

Dann d'staark Identitéit, déi de Site huet duerch den erhalenswäerte Strukturen, déi mer um Site hunn. Dann d'Diversité spatiale fonctionnelle sociale, déi Mixitéit, déi aviséiert ass um Site, ob dat am ëffentleche Rau mass oder och d'Funktiounen an de Gebaier.

Dann d'Liewensqualitéit u sech, déi ganz Thematik ronderëm de Logement an d'Economie circulaire, wat och ee vun de wichtege strateegeschen Ziler ass bei der Entwécklung vum Projet.

Den Zukunftsrot huet sech also, hir Recommandatiounen entspriechen ëmmer diversen Ziler – also ee vun deene sechs oder zwee oder dräi. An hir Recommandatioune si ganz kloer geriicht u verschidde Gruppen. An dat si véier Gruppen. Do hu mer engersäits d'Manager, dann d'Proprietären, d'Utilisateuren an déi politesch Responsabel.

Wat versti mer ënner Manager? Dat sinn all déi, déi herno wäerten all déi Strukturen, Infrastrukturen, Gebaier, ëffentleche Raum geréieren. Dat heescht, dat kënne privater sinn, dat kënnen awer och, dat sinn awer och ëffentlecher. Dann d'Proprietären insgesamt. Ech mengen, dat erkläert sech vu selwem; d'Besëtzer also vun deene verschiddenen Infrastrukturen och an och Gebaier.

Dann d'Utilisateure selwer, ob dat elo d'Awunner sinn oder déi Leit, déi dohinner schaffe kommen. An da Recommandatiounen, déi och un déi politesch Responsabel geriicht sinn.

Sou ass d'Dokument dann och opgestallt. Dat heescht, et huet een eng Recommandatioun an ënnendrënner fënnt een dann ëmmer d'Representatioun vun de verschiddenen Ziler, deenen dann déi Recommandatioun och entsprécht.

Dann ass nach eng Representatioun do, déi weist, wéi ass déi Recommandatioun ugeholl ginn insgesamt vun de Membere vum Zukunftsrot. Wat dee bloe Punkt méi no lénks ass, wat den Zousproch méi grouss war. Wat dee bloe Punkt méi no riets rutscht, wou och emol Leit waren, déi da gesot hunn, dat ass mer manner wichteg. Aner Punkte si mer do méi wichteg. Dat ass just als Erklärung, wéi eeben dee Bericht eeben och opgestallt ass.

Den éischte Grupp, wat eeben d'Manager betrëfft, do dréine sech d'Recommandatioune ganz vill ronderëm alles, wat communautaire, d'Gemeinschaft och ass, d'gemeinschaftlecht Liewen ubelaangt um Site vun der Metzeschmelz. Do komme ganz konkreet Virschléi, wéi beispillsweis och eng Maison de quartier, wou een och dozou initiéiert gëtt, fir och Saache selwer um Site kënnen ze organiséieren, wou een och Informatioune fënnt, wat alles leeft. Net nëmmen am Quartier, mee och an der Stad.

Sou eng Maison de quartier, dat ass eigentlech sou déi Quartiersaarbecht, déi och alt emol erwäänt gëtt, wann et ëm d'Sozialaarbecht geet. Dat heescht, ganz vill Input, dee vun de Membere vum Zukunftsrot kënnt, geet ëm dat gemeinschaftlecht Liewen, fir dass dat funktionéiert an dem neie Quartier vun der Metzeschmelz.

Et sinn och Recommandatiounen zum Beispill komm ëm déi multifunktional Notzung vum ëffentleche Raum och beispillsweis, dass dat méiglech ass, dass net een ausgeschloss ass, dass mer Notzunge méiglech maache fir Jonk an Al an dass mer do net just e gewësse Public cible aviséieren, mee dass dat sou breet gefächert kann oflafe wéi méiglech.

An dann den M3, dat ass eng Recommandatioun, déi fokusséiert sech méi op eeben och den Heritage vum Site, dass deen och liesbar ass. Ob dat elo iwwer divers Parcoursen ass oder och Informatiounen, déi een och ëmmer am ëffentleche Raum erëmfënnt. Mee dass déi Geschicht, déi de Site och huet, dass déi och verzielt gëtt um Site selwer am ëffentleche Raum a bei de Gebaier och.

M4 ass e Beispill dann och, fir ze soen, de Vëlo huet eng Wichtegkeet, mee de Vëlo brauch awer och verschidden entspriechend Infrastrukturen. Ob dat ass, fir e kënnen ze kafen, fir e kënnen an der Rei ze halen, souwéi d'Maison de vélo. Dat si Saachen, déi hei genannt gi sinn, an och d'Ofstellméiglechkeeten, dass déi ganz breet gefächert sinn, dass eeben d'Handhab mam Vëlo ganz einfach um Site machbar ass.

Da sinn et awer och Indikatiounen, Recommandatiounen a wat déi communautaire Notzbarkeet och vum ëffentleche Raum, also haaptsächlech den Naturraum och ubelaangt. D'Konzept gesäit ganz vill net nëmmen

ëffentlech gréng Surfacë vir, mee eeben och privat gréng Surfacen. An dass déi eeben och an deem communautairë Sënn exploitéiert ginn.

Fir d'Proprietäre fënnt een e bëssen idem déi selwecht Saachen erëm. Et dréint sech wierklech – ech muss dat ëmmer erëm widderhuelen hei – et sinn ëmmer erëm déi Gemeinschaftlechkeet, déi de Leit wichteg ass, dass déi eebe Fouss ka faassen an deem neie Quartier. An dass een eeben an deene verschiddene Gebailechkeete beispillsweis multifunktional Säll och huet.

Bon, do derzou kënnt, dass mer dat aktuell och schonn an eiser Inscriptioun hunn. All Residence, déi méi wéi zwielef Logementer huet, muss esou eng Salle polyvalente virgesinn.

Mee si wëllen, dass dat e bësse méi wäit nach geet. Och mat gemeinschaftlech notzbar Kiche beispillsweis, dass eeben d'Gebaier deementspriechend ausgestatt sinn, fir dass eeben dat communautairet Liewe ka stattfannen an och insgesamt sou Strukture bestinn, wou d'Leit dozou initiéiert ginn, eeben och matzemaachen, dass een net muss Member sinn an engem Veräin, mee dass dat eebe méi informell eeben och kann oflafen an deem neie Quartier.

Och gëtt erëm emol de Gréngraum och genannt als wichegt Element, wou och déi Gemeinschaftlechkeet alt erëm emol am Vierdergrond steet. Och hei, wéi beispillsweis P4 ass och erëm eng Kéier dee Punkt vum Patrimoine historique an industriel, wou eeben och déi Recommandatioun komm ass, dass d'Proprietären, wann en Numm gesicht gëtt fir eng Residence, oder och mir als Proprietär vum ëffentleche Raum beim Nummsiche vun de Stroossen an dem ëffentleche Raum, dass dat Nimm sinn, déi eeben op der Vergaangenheet vum Site och sech baséieren. Do hu mer jo schonn e gewëssen Input gesammelt mat dem Concours vum Numm vum Quartier.

Wat sinn elo nach Saachen, déi fir d'Proprietären hei genannt sinn? Si setzen eeben do och drop, dass och déi Bedeelegung och weiderhin net nëmmen elo bei der Konzeptioun vum Quartier e wichtege Rôle ass, mee och herno bei der Evaluatioun, wéi d'Liewen ofleeft, an dass och do erëm dee participative Volet am Vierdergrond soll stoen, fir op d'Bewunnerschaft zeréckzegräifen, wann et Verbesserungen, nei Amenagementer ginn, etcetera.

Dann d'Utilisateuren. Natierlech do ass, do sinn d'Recommandatioune ginn an déi Richtung, dass vläicht sou Wunnquartiere wéi d'Metzeschmelz fir een, deem den Auto ganz wichteg ass, ass dat vläicht net de richtege Quartier.

Dat heescht, et ass kloer hei de Message vum Zukunftsrot, dass d'Liewen hei eigentlech e bëssen anescht ze organiséieren ass, well eeben den Auto verschwënnt an deene Mobility Hubs. Et ass alles eebe méi accéiert op Foussgänger a Vëlosweeër.

Et ass och do e Wonsch vum Zukunftsrot – dat sinn natierlech ëmmer ganz flott Aussoen –, mee dass jidderee sech matenee verdréit. An dofir ass och nach emol déi communautaire Infrastrukturen, wéi Maison de quartier, ëmmer erëm als wichtege Volet genannt.

D'Leit, d'Utilisateure sollen och dozou initiéiert ginn, fir matzemaachen. Dat heescht, och ... et ginn eeben déi semi-preventiv Gréngsurfacen, dass déi eeben och communautaire ënnerhale ginn an dass do eeben d'Utilisateuren dozou incitéiert ginn, och matzemaachen.

Et geet drëm, dass d'Utilisateure sech informéieren an, wéi gesot, mat abréngen.

Dat ass dat, wat vun de Membere vum Zukunftsrot eeben un dëse Grupp vun Usagere geriicht ass.

Bei de Responsables politiques, bei dësem Grupp, do ass et éischter och accéiert drop, wat d'Evaluatioun och ubelaangt an dass een eeben all deene verschiddenen Notzergruppe Rechnung dréit, hire Besoinen, dass een déi Besoinen och erkennt an dass een deenen eebe Rechnung dréit, an och iwwer d'Zäit ewech evaluéiert, wat geschitt, wéi gëtt et ugeholl, wat si Verbesserungen, déi een nach kann aviséieren.

An dann ass ee Punkt och, den R3, dee sech méi accéiert op déi Zwëschennotzung. Dat ass eppes, wat de Membere vum Zukunftsrot ganz ganz wichteg ass. Dat ass eng Phas, déi een eeben elo scho muss gestalten. Dat ass net eréischt herno, mee déi musse mer elo zesumme gestalten. An dass do och déi Responsabel vu politescher Säit gefuerdert sinn, dass dat beschtméiglechst eeben och ka stattfannen.

Dat ass sou grob zu deene verschiddene Recommandatiounen. Et liest een eigentlech ganz kloer ënner dem Stréch eraus, dass de Wonsch ass, dass en ideaalt Zesummeliewen eebe ka stattfannen op deem Site. An dofir brauch et eeben e staarkt Engagement vun deene verschiddenen Notzergruppen. Net nëmme vun den Usageren herno, mee eeben och vun deenen, déi Proprietär sinn an déi dat Ganzt och managen herno.

Elo nach eemol, wéi geet et elo weider mam Zukunftsrot. Ech mengen, dat heite war elo en éischte Bericht, wou eeben déi Recommandatiounen elo eeben an déi Charta mat afléissen. Déi Charta gëtt 2025, also Ufank 2025 fäerdeggestallt a wäert dann och validéiert ginn. Dat wäert dann och e Sujet sinn, wou mer dann eemol hei och kënne virdroen dee Moment.

De weidere Zyklus leeft elo un, oder ass elo ugelaf. An deen axéiert sech e bëssen nach op eng aner Thematik. Do ginn ech um nächste Slide drop an.

Mee ech wéilt awer och nach emol erwänen, wéi ass iwwerhaapt déi éischt Aarbecht ukomm vum Zukunftsrot. Dat ass och evaluéiert gi mat engem Punktesystem. An d'Bewäertung ass eigentlech generell mat 4,3 vu 5 ganz gutt ausgefall.

Wat ganz ganz positiv ass, dat ass, well den direkten Dialog och mat eis. Well mir waren och als Servicer mat punktuell implizéiert, an do huet een da ganz informell Gespréicher, déi ee ka féieren, wat ganz ganz hëllefräich ass. Souwuel fir eis wéi och fir d'Leit.

An déi Convivialitéit, déi och stattfonnt huet am Zukunftsrot, dat ass eppes, wat ganz ganz positiv opkomm ass. Et huet keen elo fonnt, dass dat en Zäitopwand war, dee fir näischt war. Well et si kleng Detailer, déi een eeben erlieft an deene Sitzungen, déi ganz wichteg sinn, déi net onbedéngt och elo an engem Dossier drastinn oder an engem Rapport.

Et kann ee sou Beispiller nennen, just wéi och ech am Dialog mat de Leit am Zukunftsrot eebe konnt feststellen, dass verschidde Saachen, déi ee virgesäit, wou ee seet, dovunner ass ee planeresch iwwerzeegt, dat mécht Sënn, an da mierkt een awer an dem Austausch mat de Leit, dass dat net sou gefrot ass oder net sou ukënnt.

Oder et ass een iwwerrascht, bei wiem et ukënnt, bei wéi enger Bevëlkerungsgrupp oder Alter, a bei engem aneren net. Ech nennen e Beispill vu gemeinschaftlech Wunnstrukturen, wou ech iwwerzeegt war, déi Jonk, dat ass sécherlech eppes, wat déi sichen.

A komescherweis ass dat e Jonken, deen am Rushhour vum Liewe steet an eng Famill

grënnt, sicht dat eigentlech guer net. Mee et sinn éischter déi Leit, déi elo an d'Pensioun ginn, déi dat da sichen. An dat sinn da sou Erkenntnisser – dat war elo e ganz klengen, ass ee Beispill – wat een awer am direkten Dialog mat de Leit da ka kloerstellen. An dat hëlleft fir déi weider Demarchen.

An déi weider Demarchë sinn an deem ganze Prozess natierlech d'Ausschaffen elo vun nächste PAPen. En éischte PAP erstreckt sech iwwer eng bedeitend Surface. D'Duerstellung ass hei e bësse schwéier ze erkenne mat de Faarwen, mee mer hunn eng éischt Amorce eeben op Escher Territoire an och op Schéfflenger Territoire, deen den éischte PAP wäert bedecken. An da kommen nach Phas 2, 3 a 4.

Mee fir déi éischt Phas vum PAP si ganz vill Etüden natierlech noutwendeg. Hei ass just eemol opgelëscht, wat do alles sou ausgeschafft gëtt. An et ass och eng vun den Etüden och den ëffentleche Raum, fir deen am Detail ze plangen.

An dat ass zum Beispill elo d'Thematik fir den zweeten Zyklus och vum Zukunftsrot, wou si sech kënne ganz kloer mat abrénge mat hiren direkte Virstellungen. Wat brauch den Awunner, den Notzer am Alldag an dem ëffentleche Raum, Raimlechkeeten, deene mer musse Rechnung droen?

Dat wäert also déi nächst Thematik sinn, mat deene sech d'Membere da wäerte befaassen.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Daisy Wagner, fir d'Presentatioun vun de Konklusioune vum éischte Rapport vum Zukunftsrot.

Vu menger Säit vläicht nach e puer Erklärungen zum Rapport. Et ass wichteg, dass de Prozess weidergeet a sech och mat der Zäit à fur et à mesure, wéi mer och de Quartier entwéckelen, och verfeinert.

D'Daisy Wagner huet elo beschriwwen, wat elo déi nächst Schrëtt sinn. An do gesäit een och, dass mat deene verschiddene Phasen, mengen ech, vun der Entwécklung och d'Aarbecht vum Zukunftsrot wäert evoluéieren a matgoe mat der Entwécklung vum Quartier.

Wichteg ass awer och, dass mer déi sechs strateegesch Ziler vun der Entwécklung fest am Bléck behalen: Espaces de vie verts et bleus, Mobilité pérenne, forte identité basée sur l'héritage industriel, diversité spatiale, fonctionnelle et sociale, vie saine et qualité du logement élevé a Solutions de l'économie circulaire.

Wéi gesot, sechs strateegesch Objektiver, déi mer ganz am Ufank definéiert hunn an déi musse gëlle bis Horizont 2045, wa mer dann, hoffentlech, d'Entwécklung vum Quartier sou lues ofschléissen.

Wat d'Recommandatiounen en général ugeet un déi verschidden Acteuren, mengen ech, kann ech am Numm vum Schäfferot soen, dass mer eng breet Zoustëmmung kënne gi fir d'Recommandatiounen. An ech ginn och dovunner aus, dass dat och hei am Gemengerot warscheinlech majoritairement d'selwecht gesi gëtt.

Erlaabt mer, vläicht ganz kuerz spezifesch anzegoen op d'Recommandatioune fir d'Politik a fir d'Administratiounen, déi eis jo dann nach méi concernéieren. En général gëtt gefrot, dass mer bei der Entwécklung vum Quartier „tenir en compte les évolutions technologiques, climatiques et sociétales". Ech mengen, dass dat e ganz wichtege Punkt ass, do sinn ech 100 % d'accord.

Grad an de Beräicher Bau, Energieproduktioun, Chauffage, Mobilitéit, Smart City. Dat sinn alles Beräicher, mengen ech, wou mer an deem Quartier op der Sich sinn no innovative Léisungen, déi eebe maache wäerten, dass dat doten e Quartier ass, dee fit ass fir d'Zukunft.

Et gëtt eng Reommandatioun, dass een och weiderhi soll am Planungs- an am Entscheedungsprozess d'Besoine vun deene verschiddenen Interessegruppen am Quartier soll en compte huelen, sou wéi mer et och mam Zukunftsrot a mat deenen anere participativen Outile jo scho maachen.

Ech mengen, dass d'Biergerbedeelegung, an ech schwätzen do ënner dem Contrôle vum Biergerbedeelegungsschäffen, dass dat eng Prioritéit ass fir eis an alle Beräicher, an naiterlech och an dësem. D'Daisy Wagner huet schonn erwäänt, dass an deem Sënn och d'Aarbecht vum Zukunftsrot wäert weidergoen.

Et war eng weider Recommandatioun, wou mer eis wierklech kënnen zu 100 % ralliéieren. Dat ass et, fir och temporär an intermediär Notzunge vum Site am Bléck ze behalen, a sou wäit et geet méiglech ze maachen. Mir hunn eng ganz Rei Aktivitéiten elo schonn um Site, déi ganz flott sinn. Mir hunn de Jardin communautaire, mir hu rezent zesumme mam Sportschäffen e Pumptrack installéiert um Site.

Et ass eng Valorisatioun vum Patrimoine industriel elo schonn. Mir hunn eng ganz Rei grouss flott kulturell Evenementer och gehat um Site. An an deem Sënn, mengen ech, ass dat eppes, wat mer och weider wëlle pousséieren, well mer iwwerzeegt sinn, dass et wichteg ass, dee Site esou séier wéi méiglech de Biergerinnen a Bierger zougänglech ze maachen.

Erlaabt mer, vläicht och kuerz en Ausbléck ze maachen op déi nächst Schrëtt an der Entwécklung vum Quartier, jenseits och vun der Biergerparticipatioun. Pour rappel, mir haten am Januar dëst Joer hei am Gemengerot eng Diskussioun an e Vott iwwer eisen Avis zur Programmation urbaine. Déi hu mer gestëmmt. Säitdeem ass d'Programmation urbaine op Basis vun eisem an och dem Schëfflenger Avis iwwerschafft ginn.

An dann hat Der op engem Slide gesinn, dass mer aktuell dobäi sinn, déi éischt Ofrëssaarbechten ze starten. Et sinn Etüden amgaange fir d'Notzung vun de klasséierte Gebaier, fir d'Notzung vun Espace-publiquen, Etüde fir d'Renaturéierung vun der Uelzecht, fir de Logement.

Dohier d'Phase 2 steet un. Weider Etüden am Beräich vum Projet Symbiosis, wou et ëm d'Zirkularitéit vun de Waasserstréim an Ofwaasserstréim geet, a sou weider a sou virun. An da lues awer sécher och d'Preparatiounen dann en vue vun dem éischte PAP nouveau quartier op Escher a Schëfflenger Säit.

Mir hunn insgesamt eng Entwécklung vum Site a véier Phasen. Déi éischt Phas ass och, soe mer mol, déi wichtegst, op béide Säiten. Am Kader vun der éischter Phas sollen 1.257 Logementer entstoen op Escher Säit an 199 Logementer op Schëfflenger Säit.

Deel vun der éischter Entwécklungsphas sinn natierlech awer och d'Hierstellung vun den Accèsen op de Site, d'Hierstellung vun der noutwendeger Infrastruktur fir d'Mobilitéit. Ausdrécklech och Deel vun der éischter Entwécklungsphas ass am Moment geplangt, an dat muss och sou bleiwe fir eis hei zu Esch, de Bau vun der neier Zuchgare um Site Metzeschmelz, an awer och d'Ukomme vum Tram, vum séieren Tram.

D'Zuchgare Metzeschmelz hate mer virun zwou Wochen an der Mobilitéitskommissioun vun der Chamber. Déi wäert Deel si vun der Lëscht vun de grands Projets d'infrastructures.

A wann d'Chamber dann de Go gëtt, dann ass dann domadder och d'Grondlag geschaf, fir dass d'Acteure kënnen de Projet Gare op den Niveau APD weiderféieren a wierklech an den Detail méi kënne goen. Als Basis dann och fir e Finanzéierungsgesetz, dat da muss virbereet ginn a wou de Käschtepunkt aktuell op eng ronn 100 Milliounen Euro estiméiert gëtt.

Zur Phas 1 gehéiert och de Bau vun der gréisster Schoul, déi um Site virgesinn ass. Natierlech och mat der Maison relais an den annexen Infrastrukturen, déi zum Schoulliewen dozougehéieren.

Geplangt ass aktuell, dass déi éischt Awunner Horizont 2031 plënnere kënnen an den neie Quartier. A wéi gesot, eng fäerdeg Entwécklung Richtung 2045.

Fir dass dat alles klappt, ass et wichteg, dass all d'Acteuren, déi hei um Site intervenéieren – de Staat, déi zwou Gemengen, den Entwéckler, all d'Partie-prenanten –, dass mer do weiderhin un engem Strang zéien an dass mer zesumme séier déi noutwendeg Etüde finaliséieren, fir dann och, hoffentlech geschwënn, en éischte PAP op deem dote Site kënnen ze maachen.

Ech soen Iech Merci an ech freeë mech op d'Diskussioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Wie kann ech aschreiwen? Den Här Pulli huet d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci.

Ech wollt och vun eiser Säit aus awer e puer Wuert dozou soen. Merci och fir dës interessant Presentatioun iwwer engersäits jo de Fonctionnement vum Zukunftsrot, awer och eeben d'Virstellung vun de verschiddene Recommandatiounen, déi ganz interessant sinn.

Ech hu probéiert, verschidde Recommandatiounen an e puer Theemeberäicher ze ënnerdeelen. Dir hutt jo vun deene véier Gruppe geschwat, Manager, Proprietären, Utilisteuren a politesch Responsabel.

A fir erauszefannen, wat wëllen d'Bierger. innen, déi am Zukunftsrot matgeschafft hunn, eigentlech. An, voilà, dat deckt sech e bësse mat deene Saachen, wou hei gesot gi sinn.

En éischte Punkt ass dee vun der Communautéit, vun der Gemeinschaft. Et ass, mengen ech, flott ze gesinn, dass awer an enger Zäit, wou oft gesot gëtt, den Individualismus gëtt an de Vierdergrond gestallt, dass hei Fuerderunge gestallt ginn, déi d'Leit sollen zesummebréngen, deen de Kollektiv éischter an de Mëttelpunkt stellt. An dass d'Leit hei gär e Quartier hätten, wou ee sech begéint.

An, voilà, déi Recommandatiounen, déi Iddien, wou entstane sinn, ginn dann och an déi Richtung, wou ee Plaze schaaft, wou d'Bewunner kënne gemeinsam u Projete schaffen, awer och, wéi Der scho gesot hutt, eng Aart Maison du quartier, déi zu verschiddenen Zäiten den Awunner zur Verfügung gestallt gëtt. Oder d'Iddi vum Centre cultruel steet jo och an de Remarken, wou mer jo och hei am Gemengerot eigentlech eng Majoritéit fonnt hu mat eiser Motioun deemools.

An et ass och interessant ze gesinn, dass solle Gebaier geschafe ginn, déi jee no Besoin kënne fir Aarbecht a Fräizäit sou e bësse multimodal ëmgebaut ginn. Dat sinn, mengen ech, ganz interessant Pisten och.

En zweete Punkt, deen eis och wichteg ass, ass dee vum Patrimoine historique natierlech

vum Quartier, deen eng wichteg Roll soll spillen. Dozou gehéiert dann natierlech och de pedagogesche Volet.

Dat heescht, d'Leit iwwer d'Geschicht vum Quartier opzeklären, déi jo awer iwwer den Numm vun der Metzeschmelz elo eleng wäit eraus geet. An domat och Kooperatiounen ze schafen, wéi zum Beispill mat Associatiounen, wéi dem FerroForum, an déi dann an de Quartier ze integréieren.

Mee do hu mer och da Vertrauen an de responsabele Schäffen, den Här Zwally, deen et net méi wäert zouloossen, dass sou Aktioune wéi mat de Keeseminnen da wäerte kommen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Mir halen alles.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Drëtte Punkt ass dann deen, mengen ech, vun der Mobilitéit. Jo, wat och gesot ginn ass, wou soll e gudden Accès zum ëffentlechen Transport garantéiert ginn, wat, mengen ech, jo de Quartier duerchaus wäert hunn. Awer natierlech och e Quartier, an deem de Vëlo soll eng zentral Roll spillen, wou zu Esch jo nach ganz vill Potential awer ass.

An dann, sou interpretéieren ech et emol, e Quartier, an deem den ëffentleche Raum wierklech soll, wéi et jo och geplangt ass, de Leit zur Verfügung gestallt ginn, an dee Moment net den Autoen.

An da vläicht nach e leschte Punkt ass natierlech dee vum Logement, wat jo net verwonnerlech ass, dass dat e wichtege Punkt ass an de Recommandatiounen. Dee soziale Problem bei eis am Land.

An do si mer, mengen ech, och heibannen all eens, dass soll gekuckt ginn eeben, dass déi Mixitéit garantéiert gëtt, fir neien abordabele Wunnraum, fir jonk Leit, jonk Familljen, awer och fir Studenten a fir eeler Leit soll entstoen.

Bei de Recommandatiounen un déi politesch Responsabel fannen ech et och interessant, d'Iddi vum, wéi et drasteet, „Tübinger Modell", wat jo dann eng Aart Genossenschaft da wär – sou hunn ech et emol verstanen –, wou zesumme soll u Bauprojete geplangt ginn an déi dann och zesumme gestalt solle ginn.

An dann nach vläicht eng lescht Remark, wou sech elo manner mat de Recommandatioune befaasst, mee éischter mat der Zefriddenheet vun all de Leit, déi beim Zukunftsrot matgemaach hunn. An do geet jo och ervir, dass d'Leit allgemeng ganz zefridde waren, wou se deen Aarbechtszyklus selwer bewäert hunn. Souwuel wat hir Aarbecht ugeet, wéi och d'Moderatioun an och de Rôle vun den Experten, wat jo dann och eigentlech ganz positiv ass fir den zweeten Zyklus, deen dee Moment dann elo wäert ufänken.

Dat war am Fong alles. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli. Ech kucken nach eng Kéier an d'Ronn. Den Här Bermes an duerno den Här Baum an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Presentatioun.

Mir ralliéieren eis natierlech och un all d'Recommandatiounen. Ech mengen, Metzeschmelz ass eng grouss Chance fir Esch. Ech mengen, et ass en neie Quartier. A wat

mer och gefält, ass eeben dee participativen a besonnesch dat Wuert „Gemeinsamkeet" all Kéier.

Ech mengen, dat ass wichteg. Den Här Pulli huet et och schonns gesot. A grad an dësen Zäiten.

Et gëtt e Quartier, wou een déi Work-Life-Balance ka maachen an och en anere Quartier, wou den Auto e bësse verschwënnt, wat och eng Chance ass fir Esch. A mir sinn och frou, datt de Schäfferot sech asetzt, fir datt dee Quartier sech an Esch integréiert, datt et e Quartier gëtt, wou et flott ze liewen ass, awer och e Quartier, deen zu Esch gehéiert an och duerch Büroen a kleng Commercen Esch vergréissert.

An dann net ze vergiessen, déi grouss Chance eebe vun der Zuchgare a vum schnellen Tram wäert eis och hei hëllefen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, effektiv, d'Erschléisse vu Metzeschmelz ass e groussen Zukunftsprojet. Et ass e wichtegen, well et och warscheinlech de leschte groussen Zukunftsprojet ass, well mer net sou vill Terrain hunn, wou mer weider kënne wuessen. A Metzeschmelz ass definitiv dee gréissten.

Den Horizont 2045, bis de Projet ofgeschloss ass, beweist och, datt mer nach déi nächst 20 Joer doriwwer schwätze wäerten. An déi Zesummestellung an dat, wat mer elo haut presentéiert kritt hunn, déi éischt Recommandatioune vum Zukunftsrot weisen och, datt déi Feeler, déi virun 20 Joer gemeet gi si bei der Erschléissung vu Belval, versicht ginn, net méi ze maachen.

An eleng schonn d'Tatsaach, datt et deen Zukunftsrot gëtt, wéi en zesummekënnt, wéi e constituéiert ass, weist, datt et e wichtege kollektive Prozess ass, deen do stattfënnt. Och wa mer elo vläicht awer e bëssen op eisem Honger sëtze bleiwen, well sou ganz konkreet ass et dann awer nach net. Kann et och vläicht nach net sinn an dësem Stadium.

Déi éischt Bewunner, an dat ass gesot ginn, sollen 2031 op de Site wunne kommen. Dat sinn nach siwe Joer, an dofir stellt sech effektiv – an den Här Sehovic huet dat och gesot – d'Fro vun der Tëschennotzung, vun der temporärer Notzung, wat an där Zäit bis dohinner op deem Site awer nach alles ka geschéien, respektiv wat och scho geschitt ass.

An d'Madamm Wagner huet zu Recht vun de Pionéier geschwat, vu FerroForum, déi elo scho permanent Aktivitéiten do hunn, wichteg Aktivitéiten, datt de Site weider erschléissbar ass. Se huet sech zwar, mengen ech, a falscher Bescheidenheet gebuet, well se huet de Projet Cueva vergiess ze erwänen, deen och e ganz wichtegt Element war, fir den Accès fir ganz vill Escher op dee Site kënnen ze gewärleeschten an eng kulturell Programmatioun, déi do awer iwwer Wochen, voire Méint funktionéiert huet.

Dat heescht, d'Fro vun der temporärer Notzung, mengen ech, ass eng, déi fir d'Escher elo am konkreetste sech stellt an den nächste Joren. An als Lénk kënne mer de Schäfferot nëmmen invitéieren, deem eng besonnesch Wichtegkeet ze ginn, an déi Initiativen, déi et ginn, weider ze ënnerstëtzen, respektiv och nei Initiativen, déi vläicht entstinn, weiderhin ze ënnerstëtzen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, d'Metzeschmelz, dat ass eigentlech wierklech e Projet, deen net nëmme fir d'Leit ass, mee e Projet, dee mat de Leit zesumme geplangt an duerchduecht gëtt. D'Bierger si vun Ufank un, wéi mer elo hei bei der Presentatioun gesinn hunn, och mat involvéiert ginn.

Et ass e Projet, wou eigentlech elo schonn de Site immens belieft gëtt duerch déi kulturell Aktivitéiten, awer och déi Up Foundation, déi sech elo do niddergeluecht hunn an déi do dann Aktivitéite mat deene Jonken zesumme maachen. Dat ass wierklech immens flott.

Oder och, wéi gesot ginn ass, dass d'Lycéeë scho mat involvéiert ginn ass, fir do Iddien ... well een awer och do net däerf vergiessen, dass och an Zukunft do Kanner a Jonker wäerten opwuessen a wunnen an an deem Quartier dann och wäerte spillen.

Et ass e Quartier, deen duerchduecht gëtt a wou ee wierklech immens drop pocht, dass een einfach erëm dem Mënsch den urbane Raum gëtt, deem em och eigentlech gehéiert. Wou d'Kanner kënne wierklech erëm op der Strooss spillen, ouni d'Gefor, dass dann eventuell en Auto duerch hir Strooss fiert. Dat ass wierklech eppes, soen ech, wat immens flott ass.

Mir gesinn haut, wéi schwéier et eigentlech ass, an deene bestoende Quartieren erëm dat doen ze maachen. Dat heescht, et ass flott, dass dat wierklech vun Ufank un duerchduecht gëtt. An natierlech déi ganz Gréngflächen, déi och do u sech ugeduecht sinn.

Wat awer och immens flott ass, ass, dass déi verschidden Associatioune mat dra sinn, wéi zum Beispill d'ACAIE, d'Up Foundation. An do wollt ech just kuerz drop opmierksam maachen, well ech vun „Esch biken" opmierksam gemaach sinn. Et ass net méi de ProVëlo, dee mat dran ass, mee et ass „Esch biken", déi mat dra sinn. Just als Klamer op a Klamer zou.

Dat ass immens flott, dass déi eigentlech mat abezu gi sinn, fir datt mer wierklech och evitéieren, datt mer mat dësem Quartier zum Beispill erëm wierklech der Uelzechtstrooss Konkurrenz schafe mat de Geschäfter. Dass eng ACAIE zum Beispill wierklech erëm direkt do mat dra sëtzt a sech do vun Ufank u mat iwwerleeë kann, wéi déi Commercë kënnen ausgesinn, wéi dat Ganzt belieft ka ginn a wat do erakënnt.

Wéi gesot, et ass wierklech e flotte Projet a mir sinn da gespaant, ob et dann dozou kënnt, dass bis 2045 dëse Projet fäerdeg ass. Mir freeën eis drop. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech kucken eng Kéier an d'Ronn. An ech ginn dem Här Sehovic d'Wuert, fir ze äntweren.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Ech wëll fir d'alleréischt Merci soe fir déi breet Ënnerstëtzung.

Zum Sujet insgesamt an zur Entwécklung vum Quartier bleift mer eigentlech net méi vill ze ergänzen. Ech mengen, mir sinn do ganz d'accord mat allem, wat gesot ginn ass.

Vläicht nach par rapport zum Logement abordable, deen den Här Pulli ugeschwat huet ganz zu Recht. Ech mengen, dass dat ee vun de wichtegen Aspekter ass an eng vun de ganz grousse Plus-valuen, dass op deem dote Site jo och 30 % vun de Logementer wäerten abordabel Logementer sinn. Dat ass an der Phas 1 vun der Entwécklung eppes iwwer 400 Appartementer, déi reng am Logement abordable wäerten entstoen.

E Quartier, deen zu Esch gehéiert an an Esch, am gewuessenen Esch implantéiert ass, huet de Pascal Bermes zu Recht betount. Dat ass awer wierklech eng vun de wichtege Prioritéiten, déi mer mussen am Bléck behalen elo an der Entwécklung vum Site. Doweinst wäert et och wichteg sinn, dass mer grad d'Accèsen an de Site elo prioritär och plangen. An doweinst gehéiert dat jo och zu enger éischter Phas vun der Entwécklung vum Site.

An da wat d'Tëschennotzung ugeet, déi den Här Baum ugeschwat huet. Och dat, och do kënne mer eis ralliéieren. Mam Hiweis, dass eng ganz Rei vun Aktivitéiten do sinn, an dass mer och weiderhin interesséiert sinn an och selwer iwwerleeën, wéi eng zousätzlech Aktivitéiten an Initiative mer kënnen nach weider op de Site bréngen. An do natierlech och en Appell maache fir jiddereen, dee gutt Iddien huet.

Ech soen Iech Merci. An nach eng Kéier dem Daisy Wagner, dem Service Urbanisme an all de Servicer vun der Direction de l'Architecte an der Direction de l'Ingénieur an allen aneren Direktiounen, déi an iergendenger Form bedeelegt sinn un der Entwécklung vum Site, e grousse Merci.

## 3.1. Règlement communal relatif aux Bains du Parc ; modification ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Hei gëtt et näischt ofzestëmmen, dofir komme mer elo bei de Punkt 3.1. D'Règlement communal, wou et ëm d'Schwämme geet, ëm d'Schwämm geet. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech mengen, Der wësst, dass mer hei reegelméisseg mat eise Reglementer hei an de Gemengerot kommen. Dat hei ass eng Adaptatioun vun de Reglementer, déi bestinn.

Ech mengen, d'Gesellschaft changéiert, an domadder och heiansdo déi technesch Elementer, déi et an enger Stad eebe ginn, an déi muss een dat och definitiv ofklären an och eng Definitioun an dat Reglement setzen.

Ech wëll just nëmmen e puer Artikelen eraushuelen, déi eng bestëmmt Bedeitung hunn. Dat ass den Artikel 1 vun der Generalitéit. Do hu mer eng prezis Definitioun fir den Espace Bains du Parc agefouert. Am Artikel 2 ginn déi verschidde Präiskategorien an ugebuede Servicer méi kloer erkläert, fir déi Mëssverständnisser ze vermeiden an d'Reegelen ze vereinfachen.

Et gouf allgemeng och decidéiert, datt Kanner ënner 4 Joer gratis Zougang an d'Schwämm hunn, amplaz eng Reegelung, déi virdrun existéiert huet, wou den Zougang op maximal zwee Kanner ënner 4 Joer pro Erwuessene limitéiert war. Gläichzäiteg bleift awer och, datt d'Schoulen an d'Crèchë weiderhin de Betrag bezuelen, dee vum Règlement-taxe virgesinn ass.

Am neien Artikel 3 gouf agefouert, d'Notzung an d'Konditioune vum elektronesche Badge fir den Zougang zu der Escher Schwämm. Dee muss dann och gereegelt ginn. Dat ass e Changement. Fréier hues du ëmmer däi Schlëssel kritt, entre-temps si mer beim System vum Badge ukomm.

Am Artikel 4 gouf op Virschlag och vun der juristescher Kommissioun d'Altersgrenz vun 8 Joer op 10 Joer erhéicht, dat heescht, den Accompagnement vun engem Jugendlechen, dee bis zu 10 Joer da muss garantéiert bleiwen. Et gouf och decidéiert, e puer Verbueter am Zesummenhang mat kierperlecher Aktivitéiten, déi onhygienesch an och potenziell problematesch sinn, méi prezis ze definéieren.

Dat ass zum Beispill de Verbuet vun enger Pedikür, d'Hoerfierwen a sou weider – an dat ass et alles ginn. An dës Aféierung ass duerch d'Tätegkeeten, déi d'Raimlechkeete kënne verschmotzen an och d'Gesondheet vun anere Persoune geféerdet, ganz einfach bedéngt, fir ëmzeänneren.

Zousätzlech goufen och an dësem Artikel nei Reegelen agedroen, dorënner och d'Erlabnis, fir vun engem Assistenzhond begleet ze ginn. De Verbuet, Waffen an d'Schwämm eranzebréngen, wat bis dohinner net definéiert war. Mir hunn dat e bëssen als selbstverständlech fonnt, oder mir fannen dat als selbstverständlech, wat awer net ëmmer de Fall ass. An eng méi prezis Definitioun vun de Beräicher, wou net gefëmmt däerf ginn.

Am Artikel 5 gëtt preziséiert, wat als korrekt Schwammbekleedung gëllt. D'Stad huet sech op d'Sécherheetsamt, Hygièneskrittäre baséiert, déi den aquateschen Aktivitéiten ugepasst sinn.

Fir méi Kloerheet gëtt preziséiert, datt Burkinien erlaabt sinn, virausgesat, datt se d'Sécherheets- an och d'Hygièneskrittären erfëllen. Sou soll och de Burkini aus dem selwechte Material bestoe wéi d'tradtionell Schwammbekleedung an och d'Beweegungsfräiheet garantéieren.

Am Artikel 6 gi mer méi detailléiert Consignen zum Verhalen am Wellness-Beräich. Dir gesitt, doduech dass mer vun enger normaler Schwämm dach awer gréisstendeels eis adaptéiert hu mat eise Servicer. Mer hunn och Wellness-Beräicher agefouert mat Sauna an alles, wat dozou gehéiert. An dobäi ginn dann och déi Aspekter vun der Bekleedung an d'Notzung vun der Raum, vum Raum selwer méi prezis definéiert.

Am Artikel 7 ginn och do méi prezis Richtlinne fir d'Notzung vum Fitness-Beräich agesat, dorënner och d'Obligatioun, fir d'Apparter ze desinfizéieren, och en Handduch ze benotzen.

An am Artikel 8 gëtt den Titel geännert amplaz vu Gestion vun den Espacen huet d'Stad versicht an dësem Artikel, d'Moossnamen ze encadréieren an zesummenzefaassen, mee d'Uerdnung, d'Sécherheet an och d'Hygiène an déi korrekt Notzung vun der Escher Schwämm garantéiert.

Den alen Artikel 8 ass komplett ewechgeholl ginn, an deem Sënn, well déi Consignë souwisou an dem neie Reglement och deenen eenzelen Artikelen agefouert ginn.

Ech mengen, mir haten och eng Diskussioun, an dat wëll ech awer net virenthalen. Dat war am Januar 2022, hate mer d'Diskussioun iwwer déi Präiserhéijung, déi deemools hei zur Diskussioun stoung.

A wann ech elo mol d'Statistiken däerf opzielen, dann hu mer tëschent 2016, wou 109.122 Persounen an eis Schwämm komm sinn. 2017 waren et der 107.096 – do war schonn eng Augmentatioun vu +/- 1.000 Leit. Mir haten 2018, do sinn der 110.000 scho

komm. Dat war schonn 3.000 par rapport zu 2017. 2019 hate mer erëm eng Kéier eng Augmentatioun vun iwwer 2.000; dat sinn 112.439 Persounen.

An 2020, wéi de Covid bis komm ass, do ass dat drastesch erofgaangen. 2020 hate mer Entréeë vu 57.216. An 2021 ass et lues erëm ugaangen : do ware mer bei 97.028. 2022, do sinn 117.205 Persounen erakomm. A fir d'Joer 2023 waren et der 117.685.

Mir gesinn also, dass eigentlech déi Präisdiskussioun am Zesummenhang mat der Augmentatioun vun den Zuelen dach awer steeteg amgaangen ass, eropzegoen. An ech mengen, mir mussen och eng Kéier kucken, wéi wäit dass eis Capacitéit iwwerhaapt leescht. Well mer gesinn, dass permanent Leit kommen a kommen. Et gëtt ëmmer méi gefrot.

Dat Ganzt gëtt ëmmer méi grouss, an dofir muss een och eng Kéier kucken, wou dat iergendwou eng Kéier ophält oder iergendwéi eppes Aneschters kann organiséieren an deem Ganzen. Ech mengen, dat ass dat, wat ech elo wollt soen.

D'Verhale vun de Leit léisst och ze wënschen iwwereg. Ech wëll och soen, dass mer am August hu missen op de Wee goen, fir och Sécherheetspersonal an d'Keess ze setzen am Accueil. Mir haten dee Problem scho bei eis hei am Biergeramt, respektiv och wat den Etat civil ubelaangt.

Bon, mir ginn elo op de Wee, fir wärend sechs Méint punktuell ab dem Mee bis September e Sécherheetsmann an den Accueil ze setzen, well mir haten do schonn e Virfall gehat, déi einfach inakzeptabel sinn. An zënter dass dee Mann do ass, ass dat alles zeréckgaangen, sou dass mer dann och d'Garantie mussen hu par rapport zu eise Leit, déi do schaffen. Déi mussen och protegéiert ginn an deem Sënn.

Ech mengen, dat ass eigentlech, wat ech lech wollt soen. An, jo, ech géif lech dann och bieden, deem neie Reglement zouzestëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, also ech war och an där Commission juridique, an et ass schued, datt den Här Tonnar elo net hei ass. Ech mengen, da wär aus dësem Punkt en eepesch laange Punkt ginn, mat Detailfroen, déi gestallt konnte ginn, wou ech iwwerhaapt net gewosst hunn, datt dat iwwerhaapt méiglech wier.

Vläicht just zwou kleng Saachen, déi ech wëll bäifügen. Dat ass den Alter, fir ouni Begleedung kënnen an d'Schwämm ze goen, ass net vun 8 op 10, mee vun 9 op 10 an d'Luucht gesat ginn. Et war ee Moment d'Diskussioun, ob e soll erofgesat ginn op 8, an d'Kommissioun huet awer fonnt, 8 wär awer e bëssen ze jonk, dofir ass sech herno op 10 gëeenegt ginn.

Mee vu datt Dir, Här Zwally, effektiv d'Diskussioun effektiv e bësse méi breet opgemeet hutt, wou et jo elo net nëmmen ëm d'Reglement geet, mee iwwerhaapt ëm den Usage vun der Schwämm, iwwer d'Notze vun der Schwämm an d'Benotzung. Nämlech wou Der zu Recht sot, datt 117.000 Usageren d'Joer – dat ass enorm vill. An Dir sot och selwer, datt d'Schwämm effektiv un hir Limitte kënnt.

An do stelle sech, dat bréngt och Source vu Konflikter. Et gi Leit an d'Schwämm, déi wëllen einfach hir Längte schwammen, an et gi Leit an d'Schwämm, déi wëlle Spaass hunn. Sou, béides ass legitimm.

An et gëtt, mengen ech, ëmmer méi schwiereg, béid Interessie gemeinsam zesummenzebréngen. Dat kann och deelweis zu Konflikter féieren. An Dir hutt gesot, mir mussen eis effektiv Gedanke maachen, wéi mer domadder eens ginn, respektiv, Zitat, wéi mer iergendwéi eppes Aneschters kënne maachen.

Ech mengen, dat „iergendwéi eppes Aneschters", dat misst eng zweet Schwämm sinn. An dofir wéilt ech an dësem Kontext froen: Viru Joren ass eis virgestallt ginn, datt um Site vun der aler ERA Projeten, zumindest Etüde géife lafen, fir ze kucken, a wéi wäit et méiglech ass, déi al ERA ze rehabilitéieren, eventuell erëm opzemaachen.

An ech mengen, datt sech déi Fro vun der zweeter Schwämm generell stellt och an der Erschléissung vum neie Quartier Metzeschmelz. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Här Baum, Dir maacht mer relativ vill Drock, deen ech scho virdrunner hat bei dësem Punkt. An et gëtt warscheinlech och net sou spektakulär wéi beim Här Tonnar, dat wëll ech direkt soen.

An ech kommen op e puer Punkten zeréck. An ech sinn awer och frou, datt den Här Baum de Punkt vun enger zweeter Schwämm, voire vun der ERAs-Diskussioun opgegraff huet.

Ech mengen, ech hat eng Kéier an enger Budgetsdiskussioun gesot, dass et e Walkampfversprieche vu viregte Majoritéiten och scho war, an och 2017 a Walprogrammer. A souguer a Koalitiounsaccorde stoung virdrun, fir d'Diskussioun opzemaachen.

Ech mengen, mir kruten och duerno eng Kéier gesot, dass et net méiglech war. Ech weeess awer net, ob een déi Diskussiounen net awer vläicht sollt féieren. Prinzipiell ass eng zweet Schwämm awer, mengen ech, iergendwann eng Kéier noutwendeg – ob se op der ERA ass oder soss anzwousch.

Ech kommen awer och eng Kéier kuerz op dat Reglement hei zeréck, wou e puer Saache sinn, wou mer proposéieren, vläicht dann awer ze änneren.

Bei der Abonnementsfro, bei der Validitéit, déi limitéiert gëtt op 24 Méint. Onofhängeg – an ech hu mer soe gelooss, dass an der Kommissioun d'Fro opgeworf ginn ass, ob dat iwwerhaapt legal ass – stellt sech eis eng aner Fro. Et ginn och vläicht Leit, déi aus perséinleche Grënn net méi kënnen oder däerfen an d'Schwämm goen iwwer e gewëssen Zäitraum, oder an d'Sauna oder an de Fitness.

Muss een do net awer eventuell eng Tournure virgesinn, fir deene Leit d'Méiglechkeet ze ginn, hiren Abonnement iergendwéi ze verlängeren, bis se dann erëm kënnen dovunner profitéieren?

Da steet am Artikel 6 am sechste Paragraf Familljendag. E Familljendag fanne mir eng ganz flott Iddi. Ech hu mer soe gelooss, dass et dee bis dato an där Form nach net gëtt. Ech géing awer, oder mir géife begréissen, wann et deen an Zukunft géif ginn. A wann deen, op d'manst een, mee vläicht och méi géif zu engem feste Bestanddeel vum Kalenner vun eiser Badanstalt ginn.

Da kommen ech zur Altersbegrenzung beim Fitness am Artikel 7, zweete Paragraf. Do si mer der Meenung, dass et awer e bësse

streng vläicht ass. Natierlech, an dat si mer eis bewosst, muss ee bei zumools Jonken oppassen, wa se an de Fitness ginn, wat se maachen, dass se sech net iwwer ... also dass de Kraafttraining net ze haart ass a sou weider.

Mee et kann een awer och scho mat 15 vläicht an de Fitness wëlle goen, wann ee begleet gëtt vu senger Mamm, vu sengem Papp oder vu engem Erwuessenen. An ech mengen net, dass mer dat sollte sou streng verbidden. An eisen Informatiounen no ass dat a Fitnessstudioen och erlaabt, wann een ënner Begleedung vun engem Erwuessenen ass.

Ech hu mer och erkläre gelooss – an och dofir e grousse Merci un d'Schwämm, un d'Servicer –, dass dëst Reglement haaptsächlech soll d'Hygiènes- an d'Sécherheetsmoossname méi genau definéieren. Här Zwally, Dir hat dat och gesot, an dat ass och ganz begréissenswäert.

Am Kader vun der Hygiène hunn ech mer awer och geduecht, dass et vläicht interessant wär ze wëssen, a wéi enger Reegelméissegkeet d'Basenge gebotzt gi vun eis. A kënnt Der eis do eventuell Informatioune ginn, wéi eisen Hygiènesplang vun eiser Säit aus ausgesäit? Well hei soe mer, wat d'Usageren net méi däerfen, da wär et awer och flott ze wëssen, wéi eisen Hygiènesplang ausgesäit.

An deem Punkt do wëll ech dann awer och, an ech komme bei engem anere Punkt nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vun de Kommissiounen zeréck, wär et awer och vläicht flott gewiescht, wann d'Hgyiènekommissioun heiriwwer hätt kënnen diskutéieren. Well d'Hygiènekommissioun huet och e wichtege Rôle an dësem Punkt.

An dee Punkt war awer net do. An ech war selwer an der Hygiènekommissioun. Ech hat fonnt, dat wär awer gutt gewiescht, wa mer et och do hätte kënnen diskutéieren, hors mis vu just dem legale Kader.

Als LSAP-Fraktioun wäerte mer dëst Reglement op zwou Aart a Weise vläicht matstëmmen. Mat engem grousse Jo, wann Der vläicht eis Virschléi mat afléisse loosst, a mat engem klenge Jo, wann Der un Ärem dach méi strenge Reglement wëllt festhalen.

A well ech den Här Tonnar hei wëll all Éier maachen, wäert ech mech a sengem Numm enthalen zu dësem Reglement. Ech ginn Iech en Avantgoût op d'Erklärungen, déi hien Iech bestëmmt bei der geleeëner Occasioun wäert ginn.

Dir wësst et, ech mengen, säi Liblingsnumm bei deene Reglementer ass „ridicule". Dofir, sidd gespaant op d'Erklärungen, firwat seng Abstentioun do ass. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, am Prinzipp si mer och éischter, solle mer soen, favorabel hei agestallt, wat dat Reglement ugeet. Just vläicht e puer kleng Remarken dozou.

Beim Artikel 3 iwwer d'Badgen, do hu mer héieren, wat d'Fonctionnement ugeet, wär dat net ëmmer sou einfach an dat géif net reibungslos ëmmer funktionéieren. Elo wollt ech an deem Zusammenhang froen, wann do iergendwéi en techneschen Déngscht muss kommen innerhalb vun ... wéi vill Zäit muss een do rechnen, fir datt déi Saach erëm a Stand gesat gëtt? An ob dat och dann allkéiers zousätzlech Käschte verursaacht?

Well do schéngen anscheinend gréisser Problemer alt emol ze ginn, oder an der Vergaangenheet waren der do. Do wéilt ech da wëssen, wéi dat am Moment ass a wéi dat, jo, wéi dat leeft am Fong geholl. Well de Schlëssel u sech ass vläicht e bëssen eng veraltert Method, mee op jidde Falls funktionéiert dat oft vill besser Schlëssele wéi mat Badgë jeeglecher Aart.

Dofir wollt ech e bëssen trotzdeem ... ech weess jo, datt mer alleguerte gäre wëlle modern sinn oder modern ausgesinn, mee wat dat ubelaangt, wollt ech awer dann nach vläicht e puer Prezisiounen dozou.

Dann, wat de Gardien ubelaangt, fannen ech et leider eng, eng gutt Iddi. An dësen Zäite muss ee leider op d'Sécherheet ... trotzdeem ass se relevant. A wann d'Leit net kënnen, solle mer soen, hir fräi Zäit genéissen, ass dat natierlech e grousse Problem an dofir ënnerstëtze mer dat a verstinn dat natierlech, wann do muss opgepasst ginn, fir datt déi Reglementer, déi wou mir dann hei asetzen, datt déi och agehale ginn.

Wat d'Accompagnant, also d'Mineuren ubelaangt am Fong geholl, si mer éischter zefridde mat där Reegelung, wéi se elo getraff ginn ass. Et ass jo e bëssen, solle mer soen, verschäerft ginn an deem Sënn.

Net onbedéngt, well mer de Kanner hire Spaass wëllen net gënnen, mee am Fong geholl weegent dem oft iwwerschwänglechen, solle mer dat sou soen, Benotzung vun den, vun deenen, vun der Sauna, vum Hamam, dee wou dann deelweis optriede kann, an am Fong geholl déi aner Gäscht éischter des Ëftere stéiert.

Dofir an deem Sënn, wat déi Reegelungen ubelaangt, déi wou am Reglement sinn, si mer also éischter an deem Sënn dofir an hoffen, datt dat dann och esou bleift.

Nach vläicht eng kleng Umierkung iwwer Burkinis. Ech fannen, datt ee vläicht hätt kënnen do méi Courage hunn an do aneschters decidéieren. An zwar, datt een dat géif verbidden.

Ech muss drop hiweisen, datt d'Integratioun kee Schimpfwuert ass an datt eng gewëss Reciprocitéit och eng gutt Saach ass. Wa mir zum Beispill an aner Länner liewe ginn oder an d'Vakanz, da gëtt eis och net alles erlaabt. Dann hu si do hir Flichten an hir Coutûmen an dann hunn eis Fraen zum Beispill sech de Kapp ze bedecken, wa se am ëffentleche Raum zirkuléieren.

Sou, d'Reciprocitéit wär also, datt, wann aner Kulture bei eis liewe kommen, datt se eis Bräich am Fong geholl genausou géife respektéieren a versichen, sech ze integréieren a sou wäit wéi méiglech dann déi Gepflogenheite vun de Lëtzebuerger géifen unhuelen.

Dat heescht, an deem Sënn ... wéi gesot, dat ass elo keng Injonktioun, mee ech froe mech, an dat nach eng Kéier, wéi ech et am Ufank schonn iwwer dat Theema hei gesot hunn, ob do et net besser gewiescht wär, e bësse méi Courage ze weisen.

Well ech mengen, an eise politeschen Entscheedunge si mer ëmmer drop aus, modern a cool an hipp ze wierken, an datt de politesche Courage heiansdo feelt. Ech denke mer, datt vill Leit, zumools an deenen, solle mer soen, éischter Parteie vu riets selwer a bei hire Leit dee Wonsch doudsécher verspieren, och an déi Richtung, solle mer soen, ze handelen, mee datt de Courage, de politesche Courage oft guer net méi do ass. A fir mech ass dat net gutt, éischter traureg.

Mee bon, wéi gesot, déi Interventioun an deem Sënn wollt ech awer hei maachen, fir et gesot ze hunn. Elo, et ass nëmmen eng Umierkung, maacht draus, wat Der mengt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Ech weess net, ob ee vill Courage muss siche goen, wann ee vun eppes iwwerzeegt ass.

Ech ginn der Madamm Scholl d'Wuert. Déi hat nach d'Wuert gefrot.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguer, ech weess net, ob Der Iech nach alleguerte kënnt drun erënneren un déi aacht Editioun vun der Nuit de la Culture 2019, déi an eiser Piscine och ënner anerem stattfonnt huet.

An ech begréissen nach weiderhi sou fantastesch kulturell Projeten, wéi de concert subaquatique, wou deemools de Jean Marc Barr komm ass a mam Michel Redolfi, deen dann och d'Lektür vun Texter ënner Waasser gemaach huet, och eng Method, fir eis Schwämm ze valoriséieren. A voilà, ech wéilt einfach e klenge Rappel un esou Projeten och nach maachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl. Ech ginn d'Wuert un den Här Zwally.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci jiddwerengem, deen hei an d'Diskussioun mat agegraff ass.

Ech géif dann der Rei no goen. Här Baum, mir sinn amgaangen, drun ze schaffen. Dir wësst, dass mer d'Entwécklung hunn, op d'mannst wat d'Metzeschmelz ubelaangt, wou do déi nei Sportsanlagen natierlech wäerten herno zum Virschäi kommen.

Fir à ce stade direkt ze soen, mer kréien direkt eng zweet Schwämm. Ech mengen, dat ass jo e bëssen utopesch. Dofir waarde mer nach. Musse mer nach eng Zäitchen waarden. Mee mer schaffen drun.

Wat d'ERA ubelaangt, et war och Är Fro, wat d'ERA ubelaangt, do sinn nach ëmmer Gespréicher amgaangen. An ech ginn och herno dem Buergermeeschter d'Wuert, hie kann da vläicht méi am Detail soen, wéi wäit dass se dann domadder sinn a wéi et do virugeet.

Op jidde Fall, eise Wëllen ass nach ëmmer do, fir dat doten ze realiséieren. Ech maachen awer ëmmer drop opmierksam, dass et wicheg ass ze wëssen, dass d'ERA net op lëtzebuergeschem Terrain läit. Dat ass ganz kloer.

Mir sinn do just nëmmen, wéi ëmmer gesot gëtt: Mir hate just d'Keess deemools do, an de Rescht alles, dat war alles op franséischem Terrain. Sou dass eisen Afloss an d'Decisiounsgewalten ëmmer ageschränkt si par rapport zu deem, wat dann dobäi erauskënnt.

Den Här Tonnar, den Här Funck. Den Här Funck huet e puer Amendementer hei gefrot, déi ech awer géif mengen, dass mer déi elo net kënnen akzeptéieren telquel. Well mer si jo elo schonn zwee Mol an der Kommissioun gewiescht, an der Commission juridique.

Ech wëll net erëm eng Kéier en drëtten Tour oder de véierten Tour maachen, well ech mierken allkéiers, wann s de mat de Jursite bis amgaange bass ze verhandelen, da bass de bal fäerdeg an da liesen déi den Text nach eng Kéier duerch an da si mer erëm eng Kéier bei der drëtter Versioun.

Dir hutt gefrot, d'Kommissiounen. Jo, et ass richteg. Allgemeng, mengen ech, kéint ee soen, do sinn all d'Kommissiounen

do invitéiert. Dat ass d'Commission de la Jeunesse, dat ass d'Hygièneskommissioun, dat ass d'Drëtt-Alters-Kommissioun.

Also jidderween huet eigentlech e bëssen den Usproch drop, fir ze soen, wann et ëm d'Schwamme geet an ëm d'Schwämm als sollches, da misste mer eigentlech global soen, jiddwereen, deen do kann impliziéiert ginn, huele mer da mat an déi Diskussioun eran. An dat muss ee sech da bei enger nächster Kéier iwwerleeën, wéi wäit dass een dann dohinner geet.

Dir hutt de Fitness ugeschwat. Jo. Wësst Der, eise Fitness ass nach e jonke Betrib, ech soen elo mol Departement. Deen ass nach net esou laang amgaangen.

Ech mengen, do muss een och Erfarungswäerter hunn. An de Verglach ze maachen tëschent enger ëffentlecher Installatioun oder enger ëffentlecher Infrastruktur par rapport zu deem, wat een am Privaten erëmgesäit, ass ënnerschiddlech.

Et kann ee wierklech eppes iwwerhuele vun deem, wann et besser ass wéi dat, wat een eigentlech feststellt. Mee mir sinn aneschters, an aneren Obligatiounen. Wann s de op eemol eng Gemengenautoritéit bass, kanns du net sou handelen, sou wéi s du wëlls. Da bass de an enger anerer Sécherheetskultur, Sécherheetsdiskussioun par rapport zu deene Gebaier, par rapport zu deem, wat s de alles kanns maachen.

An dofir mengen ech, si mer amgaangen nach, Wäerter ze sichen an och nach Erfarungswäerter erauszeschielen, fir et herno da kënnen eigentlech kënnen aneschters ze maachen.

De Familljendag: Ech huelen dat emol mat, well mer hunn och sou en Dag, wou nuets da bis X Auer dann do gefeiert gëtt. Wat iwwregens e ganz grousse Succès ass, wat jo och am Ufank kee gegleeft hat. Dat ass wierklech e ganz grousse Succès, soudass ech de Familljendag emol mathuelen.

Allgemeng gëtt et bei eis jo de Familjendag net méi. Mir hu jo deen aneren Dag agefouert, wou dann – jo „Liewen zu Esch" – wou dat aneschters regruppéiert gouf. An an deem Sënn huelen ech dat doten elo mol mat.

Et gëtt en Hygiènesplang. Reegelméisseg ginn d'Basengen eidel maache gelooss eemol am Joer, an da gëtt dat och propper gemeet mat deene Leit an Experten, déi mer dann hunn. Dann ass natierlech och de Betrib, deen net do ass. An et ass schonn eppes do.

Ech wëll net soen, dass alles gutt ass – ech ginn dovunner aus. Dat si jo awer Experten, déi och do all Dag doru schaffen. Mee mer kënnen eis ëmmer verbesseren, soudatt ech, wat den Hygiènesplang ugeet, wéi gesot, ass een do a mir versichen och steeteg dorunner ze schaffen.

Här Tonnar, hunn ech näischt vergiess?

**M. Ben Funck (LSAP)**

Et ass gutt. Et ass awer nach ëmmer Här Funck.

*(Gelaachs)*

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Majo, ass gutt. Okee, Här Funck, merci.

An dann zum Här Schmit. Bon, den Här Schmit huet d'Schlësselen ugeschwat. Jo, mir kënnen déi zwee awer net huelen. Ech mengen, mir sinn amgaangen, dorun ze schaffen. Dat ass net evident, wann ee sou eppes en place setzt.

Mir hunn dat och erlieft bei eis an eisen eenzele Gebaier. Dat si ganz oft al Gebaier, bis een dann eng modern Technik dragemeet huet, dat dauert alles. Do ginn et aner Wänn, wéi wann een elo an engem Préfabriqué schafft. Do muss ee wëssen, dass dat och eng ganz aner Optik ass an eng ganz Infrastruktur.

Mir versichen, dat allerméiglechst ze maachen, fir dass alles fonctionnéiert. Mir haten d'lescht Kéier d'Diskussioun och iwwer deen Tourniquet, deen een haut brauch, fir och alles kënne statistesch ze erfaassen.

D'Technik, do si mir net ëmmer Meeschter driwwer. Mir kënnen eis net ëmmer dohinner setzen. Mir kënnen ëmmer versichen, déi Funktioune funktionéieren ze maachen. Dat maache mer och gréisstendeels mat deene Leit, déi sur place sinn. Mee wéi gesot, mir schaffen dorun an hoffen, dass mer do déi néideg Konsequenz kréien an och Suen hunn, fir dat dann och esou erauszekréien.

Bon, d'Burkinien. Do sot Der, mer missten e bësse méi couragéiert do erugoen. Ech mengen, mir hunn en Integratiounsprogamm, deen an allem, an alle gesellschaftspolitesche Froen ass. De Sport zum Beispill integréiert all Mënsch. Do stelle mer keng Konditioune par rapport zu deem wat en ass, vu wou dass e kënnt, wat e mat sech bréngt.

Ech mengen, och hei ass dat selwecht. Mir wäerten do keng Ausgrenzung maachen, sou wéi dat bei Iech ganz oft mol gefrot gëtt, entre parenthèse. Dat ass net eise Fonds de commerce. Mir schaffen net dorop.

An dës, wéi gesot, dës Majoritéit, an ech mengen, och grouss Deeler vun der Oppositioun, deelen Är Meenung net doranner. A sou wäerte mir dann och déi méi liberal Haltung anhale par rapport zu all deem, wat da gefuerdert gëtt vun Ärer Säit.

Mir si keng Verbuetspartei a mir sinn alleguerten heibanne censéiert, fir mateneen ze liewen. Mir hunn dofir déi kulturell Mixitéit, déi net all Mënsch huet hei am Land. A mir ginn awer an déi dote Richtung an do wäerte mer eis näischt verbidde loossen doranner.

*(akustesch Zoustëmmung aus dem Sall)*

Dat gesot, mengen ech, hätt ech bal näischt vergiess. An ech géif Iech dann och bieden, wéi gesot, deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech soen nach e Wuert zu der ERA.

Den Här Funck huet vu Walprogrammer geschwat, wou dat dra virkomm ass an der Vergaangenheet. Dat geet scho ganz laang hier. Ech hunn eng ganz gutt Frëndin, déi wunnt an der Barbuerger Strooss an déi huet ee klengen Defaut. Déi huet op hirem Frigo eng Foto aus dem Walprogramm vun der LSAP vun 2011 hänken. Deen heescht „Esch ass d'Zukunft", an do ass d'ERA drop.

Do ass de Crassier, ass e Bild vum Crassier drop, wéi deen da soll ausgesinn. Mat enger Plage, déi do markéiert ass. Et si souguer … ech hunn et hei viru mer dat Bild. Et si souguer sou kleng Schëffer, déi do iwwer de Crassier fueren. An da steet hei ënnendrënner, oder uewendriwwer steet: „Ansicht des ERA-Projekts. Verwirklichung vorgesehen für 2015."

Ech schléissen dorauser, oder et encouragéiert mech, fir ze gesinn, dass mer op d'mannst d'Iddi alleguerten – dat hu mer och hei scho confirméiert – vun enger ERA, déi erëm an iergendenger Form soll opliewen, scho wäit virun der Diskussioun, déi mer hei am Gemengerot haten, gedeelt hunn.

Ech sinn am Moment heiansdo a Versammlungen zesumme mat dem Ministère fir den Amenagement du Territoire, mat dem Grand Est, mat der Vertriedung vun dem Grand Est op der franséischer Säit, an da mat de regionale Vertrieder, an och lokale Vertrieder. D'Buergermeeschtesch vun Däitsch-Oth an da mir op der Säit vun Esch, wou mer tatsächlech iwwer d'Entwécklung vum Crassier diskutéieren. An dat wäert sech bis an d'30er, oder et wäert sech an d'30er zéien, wou mer do wierklech wäerte virukommen.

An deenen Diskussioune fléissen dann och d'ERA-Diskussioune mat an, wat do, wéi a wat fir enger Form méiglech ass. Et ass schonn d'Iwwerleeung, fir do awer och en Amenagement ze maache vun engem Park a sou weider, wéi een dat kéint mat integréieren.

Mee do si sou vill Acteuren – ech denken och un de Proprietär notamment vum Terrain, deen nach ëmmer d'ARBED ass. Ech denken, do si sou vill Acteuren um Dësch mat versammelt, sou dass dat nach e bëssen Zäit huet an net à court terme realistesch ëmsetzbar ass.

Par conter, well mer virdrun d'Metzeschmelz haten, huet den Här Sehovic mech nach eng Kéier drun erënnert, dass an deene Recommandatiounen oder Fuerderungen, wou mir hei als Gemengerot fir d'Programmatioun definéiert hunn, a fir d'Metzeschmelz eng Schwämm froe vun engem Baseng vu 50 Meter an deen och soll op si fir de Grand public.

Dat heescht, ech mengen, dass déi Realisatioun däitlech méi kuerzfristeg machbar ass wéi d'Säit um Crassier vun der ERA.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ⊜ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee, et ginn Abstentiounen. Wëllt een d'Abstentioun begrënnen?

**M. Ben Funck (LSAP)**

Ech däerf net.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dir däerft net fir den Här Tonnar. Okee.

Den Här Schmit wëll seng Abstentioun begrënnen.

M. Bernard Schmit (ADR)

Jo, wéi gesot, just ee Saz dozou, well ech dat net kann alles a vollem Ëmfang am Fong geholl deelen, maachen ech dann do eng Abstentioun.

Et ass éischter eng Form-Abstentioun. Et ass elo net, dass ech do wéilt weegent deem Theema hei eng Revolt ufänken. Also do ka jidderee sech berouegen. Et ass just eeben, datt ech gesinn, also wou ech gesinn an denken, datt een do hätt kënnen nach méi draus maachen. Merci.

### 3.2. Règlement-taxe relatif au repas sur roues ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci. Da komme mer bei de Punkt vum Règlement-taxe fir de Repas sur roues. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Majo, mir hunn déi lescht Taxenerhéijung, wat de Repas sur roues ubelaangt, 2019 gemeet. Duerno hu mer eis gesot, mir géifen all fënnef Joer eng Kéier op de Wee goen, fir ze iwwerpréiwen, wéi wäit dass mer kënnen eng Adaptatioun maachen.

Ech mengen, mir sinn elo fënnef Joer duerno a geschichtlech gesinn ass et nämlech esou, dass de Repas sur roues an de 70er-Joren agefouert gouf. An en huet jo wierklech de sozialen Aspekt, deen een deemools konnt ofsécheren. An et geet jo elo net exklusiv ëm d'Taxen, mee et geet och wierklech ëm de Besoin.

E Besoin, deen eigentlech déi eeler Leit hunn, fir all Dag, déi einfach net méi kënne kachen an deem Ganzen, fir deene kënnen ze hëllefen. Dat war deemools d'Ausriichtung, déi ass elo och nach ëmmer hei.

Bon, wat ass de Repas sur roues? Ech mengen, Dir kritt do eng Entrée, en Haaptplat an och en Dessert. Dat sinn d'Awunner, déi méi wéi 60 Joer hunn, déi einfach net méi kënne kachen, sech selwer kachen oder hirem Mann och kachen, deemno wien an der Famill do ass.

A wann een do ass, dee méi jonk ass wéi 60 Joer, da kann en och eng Attestation médicale mat erareechen, an da gëtt natierlech iwwerpréift, ob en dat dote ka kréien oder net.

Mir hunn am Laf vun deene fënnef Joer natierlech och eis missen adaptéieren opgrond vun dem neie Gesetz, wat mer lescht Kéier hei an der Diskussioun haten a wou mer och gestëmmt hunn.

A gläichzäiteg hate mer natierlech och e Changement. Mir si vum CHEM eriwwergaange bei de Servior. An de Servior huet eis natierlech ëmmer erëm entspriechend den neien Indextranchen de Verkafspräis méi héich gerechent, wou mir net adaptéiert hunn.

A wéi gesot, mir sinn elo fënnef Joer duerno zu der Konklusioun komm, dass mer eis sollen adaptéieren un den Akafspräis. Deen ass 12,94 €. An Dir hutt e Virschlag do leien. Mir hunn an deem Ganzen, wéi gesot, eng Rubrik bäigemeet par rapport zu der aler. Dat ass déi, déi méi wéi 2.501 € Akommes hunn. Dat betrëfft ëmmer den Netto vun dem Akommes. Dat Anert hätt jo alles kee Sënn an deem Ganzen.

A mir hunn déi selwecht Logik bäibehale vun deem, wat vridru schonn existéiert huet an deenen eenzelen Tranchen. A mir hunn natierlech och nach d'Logik bäibehalen, fir jeeweils, wat d'Tranchë méi no ënne ginn, allkéiers 1 € manner ze froen. Sou dass mer am Endeffekt haut an enger Logik si wéi déi, déi mer schonn 2019 hunn. An, wéi gesot, dat ass dat, wou ech awer da wollt soen.

Mir sinn eng vun den eenzege Gemengen, déi eigentlech nach de Repas sur roues selwer ausféieren. Dir musst wëssen, dass dat och net näischt kascht. Dat heescht, am ordinäre Budget si mer ongeféier bei 500.000 €, wat eis dat dann d'ganzt Joer kascht, déi mer net weiderverrechnen, ganz kloer.

Wann Der aner Gemengen huelt, do fannt Der Repas-sur-roues-Rechnungen, déi wäit iwwer 18, 19 € kaschten. Mir maachen dat net. Mir gesinn eis sozial Verflichtung doranner, fir hinnen entgéintzekommen.

An an deem Sënn, d'Altersmoyenne läit ongeféier bei 80 Joer – also 79,4 Joer. Sou dass Der dann och gesitt, dass effektiv hei déi Leit gehollef kréien, déi am Alter sech selwer net méi kënne kachen an net méi kënnen hëllefen. Tout en sachant dass mer ab und zu awer och mussen, wéi gesot, eng Präiserhéijung maachen. Voilà, merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och dem Här Zwally fir déi Erklärungen. Ech hunn nawell e bëssen e Problem mat dëser Taxenerhéijung. Ech probéieren dat ze erklären.

Ech mengen, datt déi Taxenerhéijung hei, datt d'Päerd vun hannen opgesuedelt ginn ass. Här Zwally, Dir hutt ganz zu Recht gesot, datt dat e Service ass, deen d'Escher Gemeng zënter Enn de 70er-Joren ubitt fir seng Biergerinnen a Bierger. Et ass e Service, deen och benotzt gëtt. Ech mengen, et sinn eng 250 Leit, déi ageschriwwe sinn. An der Moyenne sinn eng 180 Menüen den Dag, déi livréiert ginn un eng Populatioun, déi an der Moyenne ëm 80 Joer al ass.

An ech begréissen natierlech och, datt d'Escher Gemeng dee Service weider ubitt, well ech mengen, datt et e wichtege soziale Service ass, wat e Service ass, deen och Ausdrock vun der sozialer Kohesioun ass.

Ech verstinn, datt een d'Präisser jee no Entwécklung all puer Joer muss iwwerpréiwen a kucken. Ech sinn och domadder averstanen, datt een den héchste Montant, also déi héchst Stuf ab engem bestëmmte Revenu, deen een huet, datt een einfach den Akafspräis verrechent. Dat fannen ech legitimm. Dat heescht, déi allerhéchst Stuf, datt do elo ronn 13 € verrechent ginn, dat fannen ech an der Rei.

Ech hunn awer Schwieregkeete mat deene Kategorien drënner. Et ass sou, datt 2023 de Seuil de risque de pauvreté geschat ginn ass op 2.518 €. Dat heescht, een deen e Revenu vun ënner 2.518 € huet, ass dem Aarmutsrisiko ausgesat.

An ech mengen, datt do d'Escher Gemeng awer ganz virsiichteg muss sinn, wat do Augmentatiounen ugeet. Well och déi Leit ënner dem Aarmutsrisiko, fir déi bedeit dat hei jee no Kategorie soit eng Augmentatioun vun 2,5 respektiv 3,5 € jee no Kategorie, wat eng awer considerabel Augmentatioun ass.

Ech wëll och drun erënneren, datt zënter, an de leschten zéng Joer, also 2012 war et esou, datt den Aarmutsrisiko bei Pensionären, also Leit 65+, loung en zu Lëtzebuerg bei ënner 4 %. Dat war en awer marginale Phenomeen zu Lëtzebuerg, Altersaarmut. Deen ass entretemps 2022 op iwwer 10 % geklommen.

Wa mer d'sozial Struktur vun Esch kennen, kënne mer dovun ausgoen, datt deen och zu Esch méi héich ass wéi an der Moyenne

vum Land. An dofir, an deene Kategorien ënnert dem Seuil de risque de pauvreté déi doten Augmentatioune virzehuelen, domadder hunn ech awer wierklech meng Schwieregkeeten.

Wëssend, datt et awer wierklech eng Populatioun ass, déi drop ugewisen ass – wéi gesot, d'Moyenne d'âge ass 80 Joer. A fir alles dat, wat ënner dem Aarmutsrisiko läit, fir do eng Augmentatioun an dësen Zäite virzehuelen, deem kann ech net meng Zoustëmmung ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Soss nach Wuertmeldungen? Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, dat heiten ass … wéi ech an der Kommissioun war, war ech e bëssen, also wéi mer dat gewuer gi sinn, war ech e bëssen och iwwerrascht iwwer dee Fait.

Well elo, wou den Index am Fong geholl verréckelt ginn ass an d'Inflatioun am Fong geholl e bëssen, solle mer soen, e bësse provisoresch, op jiddefalls e bësse méi am Grëff ass, maache mir dann hei eng relativ grouss Augmentatioun. Do kënnt dann e Gefill op bei de Leit, datt se dat doudsécher net wäerte verstoen.

Wat ech och géif proposéieren, ass, datt ee vläicht Adaptatioune järlech mécht, wou dann d'Leit, wann een der muss maachen, wou dann d'Leit net esou iwwerrascht ginn an, solle mer soen, eng kleng mam Hummer kréien.

Mir schwätzen hei trotzdeem jo meeschtens vu Rentner, déi wou net, solle mer soen, alleguerten och sou gutt gestiwwelt sinn, wéi een dat vläicht sou kéint mengen. Et gi Leit, déi hunn eng gutt Rent, awer et ginn och Leit, déi hunn eng kleng.

An do muss ech soen, vu que datt ech jo aus der Gewerkschaftzeen stamen, hunn ech awer do nach ëmmer ganz vill sozial, wéi solle mer soen, jo, e soziaalt Häerz, wann ee sou wëll hunn. Dat si Sujeten, déi si fir mech wichteg.

Wéi gesot, mäi Papp war Aarbechter d'ganzt Liewe laang. Mir wëssen, solle mer soen, mir wëssen och, vu wou mer kommen. An dat sinn Theemen, déi wou ech souguer gewerkschaftlech an der Bank, am Bankesecteur ëmmer héichgehalen hunn iwwer 20 Joer laang.

An dat heescht, dat wäert ech och net vun haut op muer vergiessen. Dat heescht, dat Soziaalt, obscho vum ADR, ass fir mech ganz wichteg. Extreem wichteg als Escher.

Wéi gesot, déi Augmentatioun ass fir mech vill ze krass. An ech géif souguer nach méi wäit goe wéi den Här Baum, andeem ech soen, datt se souguer fir déi héchst Klass fir mech net direkt ze vertrieden ass an enger Kéier.

Wéi gesot, wann Der musst onbedéngt Augmentatioune maachen, da maacht se wannechgelift méi punktuell a méi kleng, an net sou op ee Coup.

Dofir, dobäi muss ech mech froen, froen ech mech souguer och nach, ob ee se onbedéngt muss maachen, well fir aner Saache fannt Der oft Suen. Fir aner Projete fannt Der oft Suen. An, jo, da kéint ee se vläicht och an deem heite Fall fir d'Rentner fannen.

Voilà, dat ass, wat ech, éierlech gesot, iwwer dee Sujet denken. Dir denkt warscheinlech eppes Aneschters, mee vu que datt een hei jo op d'mannst seng Meenung dozou ka soen … voilà. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci de Virriedner. Merci, Här Zwally, fir d'Presentatioun.

Mee virun allem e grousse Merci un déi Leit um Terrain. Well et ass e ganz wichtege Service, deen dagdeeglech do geliwwert gëtt, wou ganz vill Leit dovunner kënne profitéieren.

An ech wëll virun allem dem Service Merci soe fir de Rapport annuel. An den Här Baum huet mat Recht drop ugeschwat, dass d'Zäite vill méi schlëmm si wéi 2019 nach, wou déi éischt Augmentatioun gemaach ginn ass.

An am Rapport steet dran, dass 11 vun 215 Usageren den Tarif réduit kritt hunn. An et riskéiert mat deenen Zäiten, wou mer haut hunn, dass déi Zuel och wäert an d'Luucht goen an engem nächsten oder iwwernächste Rapport, dee mer wäerte kréien.

An der Finanzkommissioun hu mer erkläert kritt, wat d'Grénn si fir déi Tariffadaptatioun. An, wéi gesot, mir verstinn d'Grénn alleguerten. Dat ass an der Rei. Mee ech mengen, dass mer hei wierklech eng sozial Verflichtung géigeniwwer vun eise Senioren hunn.

An ech hat ëmmer, an all Discours, gesot, an ech bleiwen och där Meenung, dass eis Senioren enorm wichteg sinn an en enorm wichtege Pilier vun eiser Gesellschaft sinn. An ech mengen och, dass mer eng Kéier sollten driwwer nodenken, wéi mer déi Tariffer do kënnen anescht upassen.

An ech géing proposéieren, dass mer haut kee Vott dozou maachen an dass mer einfach géife soen, komm, mer diskutéieren zesummen, wéi mer et méi sozial a méi gerecht kënnen upassen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Wann et soss keng Wuertmeldunge méi ginn, dann huet den Här Zwally d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci alleguerten de Riedner.

Bon, mir hu missen op de Wee goen, fir eng Decisioun ze huelen. An déi war déi doten, Richtung Akafspolitik. Well mer jo och do ganz oft an der Diskussioun sinn. Jo, Här Schmit, engersäits sot Der ëmmer, op d'Finanze musst Der oppassen. A wa mer dann op de Wee ginn, fir iergendwou eng Adaptatioun ze maachen, da sidd Der och net zefridde mat deem Ganzen.

Ech deele grouss Deeler vun deem, wat hei gesot gouf. Et ass u sech sou, dass den Aarmutsrisiko an déi verbonnen Diskussioun, déi domadder dann hei eng Kéier wäert stattfannen, wéi een dat aneschters kann organiséieren, oder och orientéieren.

Well mir wëssen, dass mer hei an Esch eigentlech iwwer 7.600 Leit hunn, déi méi wéi 65 Joer hunn. A vun deene sinn der, déi nach ganz gutt sinn, déi och finanziell ganz gutt do stinn. An hei geet et jo wierklech ëm déi, déi wierklech elo näischt méi kënne sech kachen.

An ech schwätzen elo net vun deenen, déi sech näischt méi kënne leeschten,

mee wierklech och net méi selwer kënne kachen. Dofir hu mer déi Staffelung, déi sozial Staffelung gemeet.

An et ass och sou, dass, wann een eng Kéier ënner dee Seuil fält, deen och bei eis an de sozialen Déngschter par rapport zu den Assistante-sociallen, déi och mat engagéiert sinn, Hëllef brauch, finanziell Hëllef brauch, kritt deen och gehollef. Mir hunn 2023 sechs Leit gehat, déi einfach deen aneren Tariff ugefrot hunn, well se et net konnte bezuelen.

Mee wann ech dat a Relatioun setzen zu deenen anere 7.600, da schwätze mer hei vun 215 Usageren, déi eigentlech dovunner kënne profitéieren. Mee exklusiv, wéi gesot, net aus finanzielle Grënn ganz oft, mee och einfach, well se sech net méi kënne selwer hëllefen an net méi selwer kënne kachen.

Ech si bereet, an engem Joer erëmzekommen. Dat hunn ech och gesot. Dat hei ass elo mol eng éischt Approche, wou mer hunn, well am Laf vun der Zäit wäert jo nach dat eent oder dat anert geschéien.

Mir hunn och elo nach eng Kéier de Rapport, dee mer wäerte virstellen, do komme jo och aner Zuelen zur Diskussioun. Den  Aarmutsrisiko hei an Esch, deen ass net méi kleng ginn. Dat wësse mer, well och landeswäit dat och an d'Luucht gaangen ass.

An ech maachen elo hei d'Propos, och zesumme mam Schäfferot, fir ze kucken d'nächst Joer, wat dann eigentlech elo u Fäll bäikomm sinn, neie Fäll bäikomm sinn, d'Augmentatioun an deem Ganzen ass. An da muss een eebe kucken eng Kéier, wéi mer dat dann aneschters gestalten.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Da stëmme mer of. Au vote.

- ≡ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ≡ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ≡ **Steve Faltz**
- ≡ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ≡ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ≡ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ≡ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt d'LSAP d'Abstentioun begrënnen?

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci fir d'Wuert. Ech mengen, dass den Här Zwally elo eng ganz wichteg Ausso gemaach huet. Dat eent, dat ass, déi eng Säit, dat sinn déi Leit, déi do bedéngt sinn, sinn déi, déi sech guer net kënnen hëllefen an dofir musse gekacht kréien. An dat anert sinn déi, déi eng sozial prekär Situatioun hunn. An dat soll een elo hei net vermëschen.

An dofir froen ech mech, an dat ass am Fong och de Grond vun eiser Abstentioun, ob déi Gewiichtung, déi Klassifizéierung, déi mer maachen, bis 2.500, ob déi net der reeller Situatioun net ugepasst ass.

Dir hutt et richteg gesot, et sinn natierlech och Retraitéen, déi sech definitiv besser stinn. An ech mengen, dass een do kéint ... et sinn aner Gemengen, well mir si ganz kompetitiv mat deenen 12,95 €. Dat ass guer keen Zweiwel.

Mee do sinn aner Gemengen, déi zum Beispill eng Aart Transport verrechnen oder wat och ëmmer. An ech denken, dass mer awer do Leit, déi an enger, mat enger Rent vu 5.000, 6.000 €, déi mer sécher an där do Grupp hunn, dass een déi awer kéint mat sou engem klengen Obulus belaaschten, fir eventuell dann déi Äermst aus där do Situatioun ze entlaaschten.

Wéi gesot, déi Abstentioun geet éischter fir dee Rot mat op de Wee ze ginn. Ech begréissen, oder mir begréissen, dass Der sot, komm, mer kucken dat do nach eng Kéier d'nächst Joer. Mee dass een do vläicht net onbedéngt, komm mer soen emol, eng logesch Upassung mécht, dass een do e Rechner, en Ekonomist dru geet a seet, hei dat do ass déi Mass, déi muss elo iergendwéi erakommen.

An ass et vläicht méiglech, mat deenen, wou et elo besser geet, méiglech, fir deenen eng 16, 17 € fir sou e Menü, dee jo dann awer zimmlech oppulent ass – et ass Entrée, Haaptplat, Dessert fir 17 € ass, fir et sou ze soen, nach net d'Welt.

An ech froe mech, ob een iwwer dee Schlëssel net awer d'Méiglechkeet kritt, fir déi awer Defavoriséiert aus där doter Grupp ... a mir schwätzen ënner 2.500 vu lauter Defavoriséierten ... an alleguerten, déi driwwer sinn, ob déi net kënnen do e bësse knaen, fir deenen aneren eng Hand mat unzepaken. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Schmit, Dir wëllt och Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Am Fong geholl ass et esou, datt dat, wat mäi Virriedner elo am Fong geholl richteg, dat richteg notéiert huet. Mir begréissen dann och, datt mer dann also d'nächst Joer nach eng Kéier kënnen doriwwer schwätzen.

Wat ech nach wollt dozou soen, ass, et ass richteg, Här Zwally, datt mer net vill Leit hunn, déi wou onbedéngt elo um ënneschten Enn dann eng Ufro maachen, fir net, well se net kënnen de Präis bezuelen.

Där hu mer net sou vill. Gottseidank hu mer där net sou vill. Mee och fir déi, déi wou sech alt nach am normale Rame beweegen, et sinn och vill vun deenen, déi bal vläicht net méi kënnen, awer sech net wëllen d'Blöße ginn, fir do eng Extra-Demande ze maachen, fir gehollef ze kréien a bei d'Gemeng ze goen an, solle mer soen, hir Situatioun duerzeleeën, wéi se vläicht ass.

Mee se wëllen absolutt vläicht verhënneren, datt se sou ugesi ginn, wéi wa se wierklech guer keng, absolutt guer keng Mëttele méi hätten. An dofir hu mer vläicht där am Fong geholl net sou vill.

Ech géif soen, datt déi meescht awer, déi wou eng kleng Pensioun hunn, mat där Augmentatioun hei wäerte guer net zefridde sinn. An, wéi gesot, mir mussen eis do eppes Aneschters iwwerleeën.

Wa mer wierklech mussen Augmentatioune maachen, da musse mer se warscheinlech méi punktuell maachen, datt se net sou an d'Gewiicht schloen. Well d'Leit um Terrain, also déi al Leit, d'Retraitéierten, déi géife verdéngen, dass ee se awer um Enn vun hirem Liewen e bëssen, solle mer soen, méi mënschlech géif behandelen. Dat ass op jiddefalls eis Meenung. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

### 3.3. Règlement communal concernant le subside extraordinaire dans le cadre d'un jumelage ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Reglement, wou et ëm de Subside extraordinaire fir Jumelagë geet. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, Dir wësst alleguer, d'Stad Esch huet am Ganze 13 Partnerstied. Ech wäert déi elo net all opzielen. Ech mengen, Dir kennt se.

Wärend Joren hu mer natierlech mat déi eng oder déi aner Stied méi oder manner Echangen, Relatiounen. An et ass fir eis Gemeng wichteg ass, datt een tatsächlech déi Relatiounen ëmmer méi aktivéiert.

Dat heescht, mir hunn, wéi Der wësst, déi 13 Partnerstied. Mir hunn och nach aner Gruppementer, wou mer aktiv sinn. Ob dat elo de GECT, Tonicités am transfrontalier. An et ass natierlech scho reng am Niveau vun der Gemeng e staarken Echange, wou mer wierklech vun deene Stied profitéieren.

Et ass och ëmmer méi en Appell, wou mer och maachen als politesch Responsabel un eis Servicer, fir deen Echange och mat de Stied kënnen ze hunn. Mir léieren ee vun deem aneren. An dat erlaabt eis, heiansdo verschidde Projeten oder Iwwerleeungen, wou mer maachen, och aneschters ze betruechten a vun deenen aneren hiren Erfarungen kënnen ze léieren.

Natierlech ass dat e Volet éischter am Beräich Institutionell. Op déi aner Säit wëlle mer awer och um Beräich vun eiser Gesellschaft, vun eiser Populatioun, datt déi Echangen och ëmmer méi stattfanne mat eise Partnerstied. An dat wëlle mer encouragéieren natierlech iwwer de Volet vun engem Subside au jumelage. Dat ass och dat, wat mer hei haut an der Diskussioun och hu fir de Vott.

U sech hu mer schonn e Subside extraordinaire fir d'Jumelagen, mee mir hate bis dohin am Fong geholl kee Reglement, deen och e bëssen de Kader geschaaft huet, fir hei kënnen de Veräiner oder déi eenzel Acteuren, och Schoulklassen, fir deenen dee Subsid kënnen ze octroyéieren.

Dofir proposéiere mer Iech hei e Reglement, deen am Fong geholl dee Subsid soll definéieren an eebe kloerstellen, wéi mer do virginn, fir deen och kënnen ze verdeelen.

De Subsid ass eebe virgesi fir all Associatioun, déi säi Siège social hei um Escher Territoire huet. An de Porteur vum Projet soll deementspriechend, wann en eeben e Projet huet, de Projet presentéieren op Basis eebe vun engem Formulaire, deen online eeben erofzelueden ass, wou en dann eebe seng Kandidatur ka maachen, fir dee Subsid kënnen ze kréien.

Dee Subsid ass gebonnen natierlech un eng Dossier, mat Presentatioun vun engem Budget prévisionnel vum Projet, mat den néidegen Devisen, déi och sollen annexéiert ginn. An déi Projete sollen am Fong geholl a verschidde Beräicher agoen.

Ob dat elo am Beräich vun der Kultur, Sport, Jeunesse, Peronnes âgées, am Beräich vun der Ëmwelt, Developpement durable, Egalité des chances, Participation citoyenne, dat Soziaalt, Defense des droits humains a vun de Minoritéiten.

Wéi gesot, alles Valeuren, déi mir hei och verteidegen. An ech mengen, virdrun hu mer et och nach eng Kéier gesot, Valeuren, déi eis wierklech extreem wichteg sinn.

Déi Projete kënnen net an engem kommerzielle Beräich agoen an och net fir politesch oder gewerkschaftlech oder touristesch Aktioune consideréiert ginn.

D'Dossiere gi presentéiert, sou gutt fir Beräicher, déi mat de Partnerstied ze dinn hunn, respektiv am Kader zum Beispill vun de Villes tonicités. Do sinn dann eeben Arel, Lonkesch, Esch, Stad Lëtzebuerg, Metz an Diddenuewen.

Déi Demandë ginn agereecht un den Departement Relations internationales, jumelages et transfrontaliers iwwer eng global E-Mail-Adress: jumelages@villeesch.lu. An déi Projete sollen am Fong geholl Projete sinn, déi soit um Escher Territoire organiséiert ginn, oder a Verbindung sinn eebe mat de Partnerstied, déi ech do schonn opgezielt hunn.

De Reglement gesäit vir, datt déi Projete sollen evaluéiert gi vun engem Comité d'évaluation. De Comité d'évaluation gëtt constituéiert vum President vun der Commission consultative Jumelage an ee Member vun der Majoritéit an zwee Member vun der Oppositioun, déi eebe vertruede sinn an där Kommissioun.

Do géing ech Iech da schonn invitéieren, herno och ze kucken ënner Iech, wien dann eeben déi eenzel Vertrieder si fir an deem Comité d'évaluation, fir datt, wa mer dee Reglement hei gestëmmt hunn, och dee Comité d'évaluation och kënnen direkt en place setzen.

De Comité d'évaluation, dee statuéiert natierlech op Basis vu verschidde Grilles d'évaluation. Eng éischt Grille d'évaluation, déi Der och virgeluecht kritt hutt, ass am Fong, fir de Projet selwer ze bewäerten an ze kucken, a wéi enge Beräicher deen dann deementspriechend aktiv gëtt. Ob dat elo an der Promotioun vun de Valeuren, ob dat elo am Beräich vun der Kultur, vum Sport, vun der Promotion Démocratie locale.

Ech mengen, an deenen eenzele Sparten, wat de Projet déi eenzel Sparten natierlech deckt, wat deementspriechend och de Betrag vum Subsid méi konsequent ass.

Eng zweet Evaluatioun, Grille d'évaluation, déi virgesinn ass, ass dann herno par rapport natierlech zum Impakt, wou dee Projet dann och huet fir Esch, fir d'Relatiounen, déi mat Esch, mat de Partnerstied eeben ze dinn huet. An do gëtt och gekuckt, wat d'Unzuel vun de Participanten a wéi déi Gruppen dann eebe constituéiert sinn.

D'Beträger, déi do virgesi sinn, sinn am Fong geholl an engem Kader vu Gruppen, déi do a Fro kommen, sinn et 50 € pro Participant maximum fir Echangen oder Projeten, déi dann eebe mat Partnerstied, ech soen elo mol, an Europa géinge stattfannen. A bis 100 € fir Relatioune mat Stied, wéi Stryj oder Joao Monlevade.

De maximum Budget pro Projet, deen dann dee Moment a Fro kënnt, dat sinn dann 2.000 €. An dat gëtt iwwer dee Comité d'évaluation proposéiert. Dat heescht, dee Comité d'évaluation defineiert net den definitive Montant, mee gëtt en Avis un de Schäfferot, fir dann dee Moment dee Subsid kënnen un de Gemengerot kënnen ze presentéieren, fir deen dann ze stëmmen.

Dat ass de Reglement, dee mer haut hei zum Vott bréngen, fir och e bësse méi Konsistenz och kënnen ze ginn. An och fir eeben déi Echangen ënner Partnerstied méi ze promouvéieren an eiser Veräinswelt, och bei eise Schoulklassen, Lycéesklassen, déi eeben hei zu Esch sinn.

An dat géinge mer gären natierlech, datt Der déi matdrot. Ech soen lech villmools Merci fir Är Zoustëmmung fir deen dote Reglement.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Cavaleiro. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Ech fänke mam Här Funck un.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Cavaleiro, fir déi ausféierlech Erklärungen zum Reglement.

Erlaabt mer, op e puer Punkten unzekommen. An ech fänke mat engem un, wou ech e bësse Bauchwéi hunn, an zwar dee vun den Äntwerten, déi mer kritt hunn op eis Froe vum 9. Februar, déi e liichten Hors-delai haten. Den 11. September d'Äntwert kritt. Ech wëll do och elo net onbedéngt weider dorop agoen.

Ech hu mat der Fraktioun gëschter diskutéiert a mir hu kee Problem, wann et e wéineg méi laang dauert, fir Äntwerten ze kréien. Haalt eis just um Lafenden eventuell. A mir hu jo zousätzlech Informatiounen dozou gefrot den 13. November. Ech ginn dovunner aus, dass mer den 12. Dezember nom Budget déi néideg Explikatioune kritt hunn. A wann net, da sot Der eis, wou dat drun ass. Dat ass kee Problem.

Ech wëll awer och elo eng Kéier bei deem Reglement hei op d'Wichtegkeet vun de Kommissiounen agoen. Ech hat dat beim viregte Punkt gesot, dass ech nach eng Kéier géif dorop zeréckkommen. An hei ass elo de Moment, wou ech dorop zeréckkommen.

Well an dësem Reglement si vill Punkte mat dran, déi ophand vun der Kommissioun dragesat gi sinn an och ophand vun der Oppositioun mat agefloss sinn. An Dir gesitt, heiansdo huet d'Oppositioun och Saachen, wou d'Majoritéit ka matdroen. Vläicht ass dat en Denkustouss fir d'Zukunft, wann et drëms geet, Kommissiounen anzeberuffen.

Mir wëssen, dass verschidde Kommissioune wéi Mobilitéit, Kultur an der Lescht vläicht manner zesummekomm ass, obwuel ëmmer wichteg Dossieren trotzdeem um Ordre du jour waren. Gitt deene Kommissiounen, a virun allem och de Memberen an deene Kommissiounen déi néideg Wichtegkeet, wannechgelift.

Ech wëll awer och dem Schäfferot felicitéieren. An zwar, dass Der effektiv nogelauschtert hutt. An zwar, wou dat ursprénglecht Reglement do war, ass et ëm d'Villes jumelées gaangen, a mir waren awer trotzdeem der Meenung, dass et wichteg ass och, déi aner Gruppementer mat eranzehuelen. Well et kann een och zu Thionville eppes maachen, wat wichteg ass am Kader vum Jumelage oder vun enger internationaler Relatioun.

Zum Reglement selwer ass et gutt, wichteg a richteg, datt mer eis endlech Reegele ginn. Ech ka mech un déi heroesch Diskussioun vun dräi Petit-déjeunere fir zwee Leit an enger Nuecht zu Köln erënneren. Ech si frou, dass mer dat elo regléieren hei.

Wichteg ass et och, dass déi Associatioun, déi geet, e Rapport muss ofginn, fir de Subsid kënnen ze kréien. Dëse Rapport gesinn ech guer net als Aarbecht fir déi Associatioun un, mee als Hëllef fir eis alleguerten. Mir mussen d'Rad net ëmmer nei erfannen, mee mer kënne Léieren draus zéien a Messagen draus zéien, fir d'weider Aarbecht am Jumelage an am Transfrontalier weiderzeféieren an op déi richteg Schinnen ze brénge bei verschidde Froen.

An dann hunn ech awer och nach vläicht eng Hausaufgab fir eis alleguerten, eis haut 18, déi mer hei sëtzen. D'Gemeng muss och iwwer

hir Méiglechkeet, déi mer elo wäerten hunn, fir den Associatioune matzedeelen, dass et déi Méiglechkeet hei gëtt, elo sou vill wéi méiglech Reklamm doriwwer maachen, well et wichteg ass, deen heite Volet.

Mee mir alleguerte sinn och aktiv a Veräiner an Associatiounen. A komm, mir alleguerten, mir ginn dëse Message och scho weider, fir aktiv dorunner deelzehuelen, dass mer dat heite kënne profitéieren, vun deem heite kënne profitéieren. Ech mengen, de Budget huet, wann ech mech richteg erënneren, d'lescht Joer, also dëst Joer, 20.000 € virgesinn. Et war net sou vill genotzt ginn dovunner.

Ech hoffen, dass mer d'nächst Joer vill Associatiounen hunn, déi eis e Rapport kënne weise vun all deem, wat se erlieft hunn am Ausland, wat se geléiert hunn, fir dass mer do nach weider kënnen an deem Dossier kommen. An da gesinn ech fir d'Zukunft, dass dat heite wäert relativ flott ginn. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Funck. D'Madamm Scholl huet d'Wuert.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, mat dësem Reglement weise mer ganz kloer, wéi wicheg eis eis Partnerstied sinn. Et ass, wéi den Här Cavaleiro et och gesot huet, eng Méiglechkeet, fir Brécken ze bauen zu eise Partnerstied, sief et um sportleche Plang, um kulturelle Plang.

An och wéi den Här Funck et gesot huet, mir sinn alleguerte ganz aktiv an eise Veräiner hei zu Esch. An ech denken, dass egal wéi e Ressort et ass, ob et d'Kultur oder de Sport ass, dass mer iwwerall Ambassadeure sëtzen hunn, an dass mer esou am Fong Bréckе bauen zu eise Partnerstied.

Et geet wäit iwwer eng Symbolpolitik eraus. Mir wëlle gäre weisen a mer wëllen et och gären ëmsetzen. An dofir begréissen ech dëst Reglement. A mir ënnerstëtzen dëst voll a ganz. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Scholl. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Als Lénk ënnerstëtze mer dat hei natierlech och.

D'Madamm Scholl huet richtegerweis gesot, hei ass eigentlech eng Zort diplomateschen Déngscht, Ambassadeuren, déi heimadder ënnerstëtzt ginn. An dat ass nëmme richteg, an dat ass jo och déi ganz Perceptioun vun Esch an der Welt a gläichzäiteg der Welt zu Esch, déi heimadder ënnerstëtzt gëtt. Domat, dat kann een, wéi gesot, nëmme guttheeschen.

Wat den Här Funck gesot huet, wat d'Implikatioun vun der Kommissioun ugeet, stëmmt absolutt. Hie war, mengen ech, dann an der Jumelage-Kommissioun, ech war an der juristescher Kommissioun.

An do ass eis och opgefall, datt mer, déi éischt Fassung, déi mer virleien haten, war en Text, deen awer nu mol wierklech particulièrement schlecht redigéiert war. An d'Kommissioun huet ganz vill missen dru kniwwele goen, bis mer en dann do haten, wou mer en haten. An och an der zweeter Reunioun hu mer nach eng Kéier missen Ännerunge virhuelen, déi, mengen ech, och net vu Muttwëll waren.

An nawell ass et sou, dat Reglement besteet eigentlech aus den Artikelen, dann en Deel vum Reglement ass och d'Grille d'évaluation. An da steet zum Schluss nach eppes dran iwwer d'Echange-scolairen an d'Deplacement de groupes.

Den Artikel 1 fänkt un, „toute association ayant son siège social sur le territoire de la ville" - mécht absolutt Sënn. Fir opzehalen, iwwer Echange-scolairen ze schwätzen. Elo si Schoulklassen awer keng Associatiounen, an ech mengen, datt mer eis musse bewosst sinn oder eis eens sinn, datt déi domadder awer och gemengt sinn. An datt dat och ënnerstëtzenswäert ass.

An an deem Kontext wär da meng Fro un de Jumelage- oder un de Schoulschäffen: Wéi gesäit am Moment aus mat sou Echange-scolairen tëschent Escher Schoulklassen a Schoulklassen aus eise Partnerstied? Ass dat eng Praxis, déi gängeg ass, déi amgaangen ass, un d'Lafen ze kommen? Oder wéi gesäit dat aus?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Baum. Da ginn ech dem Här Bermes d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Villmools merci fir d'Wuert. Villmools merci, Här Cavaleiro, fir déi Presentatioun. Ech mengen, dat hei Reglement kann een nëmmen ënnerstëtzen, well, wéi den Här Baum och sot, alles dat mam Jumelage ass wichteg.

Ech komme just kuerz zeréck op d'Remark vun de Kommissiounen. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer eis Reglementer ginn. An ech mengen, mir sinn och amgaangen – ech mengen, den Här Faltz weess dat –, an der Subsidekommissioun si mer amgaangen, Reglementer opzestellen.

Mee ech mengen … ech wollt just op eng kleng Remark agoen. Ech mengen, d'Kommissiounen, dat ass déi Plaz, wou ee kann zesummen .. mir hu jo virdru vun deem grousse Wuert „gemeisam" – qualitativ gutt Aarbecht maachen, Amendementer maachen. Et ass net do, fir Politik ze maachen, mee do, fir zesummenzeschaffen.

An et ass egal … ech mengen, do kommen Iddie souwuel vu Representantë vun der Majoritéit, vun der Oppositioun. An do soll een net den Ënnerscheed maachen. Ech mengen, et geet einfach drëms, fir zesumme fir Esch ze schaffen. An dofir sinn d'Kommissiounen déi richteg Plaz. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. An den Här Schmit ofschléissend.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Am Fong geholl, wierklech, mir begréissen dat hei. Also, Dir hat mech eemol gefrot, wou ee kéint da Suen ewechginn, wou mir géife mengen, wou et da gutt wär an net gutt wär an etcetera. Mir sollten eppes presentéieren. Ma ech kann Iech soen, dat heiten zum Beispill begréisse mer.

A wéi gesot, natierlech ass dat och eppes, wat Esch eng gewëss Resonanz am Ausland ka ginn. Dat heescht, déi Partnerstied, da gëtt Esch iergendwéi och méi visibel als zweet Stad hei am Land och am Ausland. Dat ass eppes, wat iergendwéi, solle mer soen,

Retombéeë kann hunn, positiv Retombéeë vun aller Aart: interkulturell, souguer vläicht wéi wirtschaftlech um Enn.

Also, mir begréissen dat. Et ass gutt, datt mer endlech e Reglement hunn, well, wéi gesot, déi Situatioun, déi wou mer an der Vergaangenheet haten, déi war onkloer. Dat hei verschaaft eng gewëss Kloerheet. An do sinn déi Suen, menger Meenung no, gutt ubruecht, also ënnerstëtze mer dat heiten. Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Schmit. An dann den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci alleguer fir Är Commentairen a Remarken zu deem Reglement. Ech kann natierlech all déi Remarken och ënnerschreiwen.

Ech mengen, mir si kloer an engem Prozess, wou mer jiddweree wëlle mat abannen an deenen Diskussiounen. An dofir sinn ech och frou, datt sou Amendementer an enger Kommissioun och stattfonnt hunn.

Ech mengen, wéi den Här Bermes och gesot huet, ass d'Kommissioun och do, fir wierklech Avisen a Recommandatioune kënnen ze ginn an eventuell Remarken ze maachen zu Reglementer. Dat kann ech nëmmen ënnerstëtzen. An ech gesinn dat net als pejorativ par rapport zu enger Propositioun, déi gemeet ginn ass. Et kann ee se ëmmer verbesseren, an dofir soen ech Iech scho vun hei aus Merci.

Kloer ass dës Majoritéit interesséiert, datt déi Relatioune mat eise Partnerstied ëmmer méi aktivéiert ginn. An all déi, déi un deenen Echangen a Projete maachen, sinn, wéi Der alleguer gesot hutt, lauter Ambassadeure vun der Stad Esch.

Ech mengen, dat ass och e Pilier vun der Promotion touristique vun Esch am Ausland, respektiv och vum Besserkenneléiere vun eise Partner, an eeben Erfarungen op Esch kënnen ze bréngen, déi eis alleguer no vir kënne bréngen. An dat heien ass ee vun deene Moyenen, wou mer hunn, fir dat och kënnen ze promouvéieren.

A kloer wëlle mer eeben duerch och déi Rapporten, wou déi eenzel Projeten herno musse liwweren no deene Projeten, och léieren an eeben och Saache verbesseren, déi eeben an deenen eenzele Fäll geschitt sinn.

Ech mengen, et ass eise But, fir no vir ze kucken an déi Saachen ze verbesseren, do wou mer et nëmme kënne maachen. An datt déi Echangen, déi Interculturalitéit tëschent Stied, eis Partnerstied ëmmer méi aktiv ass.

Dofir, ech soen Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An den Här Sehovic huet nach d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi grén), Schäffen**

Jo, ganz kuerz, wann Der erlaabt.

Et war d'Fro no de bisheerege Projeten, wat schonn an de Schoule geschitt. Do gëtt et effektiv schonn Initiativen. Am leschte Joer zum Beispill en Echange mat Köln um Niveau vum Kannertheater. Köln ass och eng Stad, wou dat ganz grouss geschriwwe gëtt, genausou wéi hei zu Esch.

Do gouf et Echangen, och Visitten op Köln. An och Kölnerinnen a Kölner, déi dann heihinner komm sinn. Dat heescht, do gëtt et schonn en Echange. An dat ass, mengen ech, ganz sécher eppes, wat ee weider kann ausbauen.

Ech maachen de Verweis, dass mer hei natierlech am Kader vun deem dote Subsid eng Méiglechkeet hunn, fir dat ze ënnerstëtzen, mee doriwwer eraus natierlech och d'Schoulen e Budget hunn, oder méi Budgetslinnen hunn, fir Aktivitéiten, och Exkursiounen ze maachen, soudass dat effektiv eppes ass, wat et scho gëtt, a wat, mengen ech, wou eng Volontéit ass, fir dat och weider auszebauen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4.1. Convention avec la Fondation Kannerschlass relative à la « Eltereschoul » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer bei d'Konventioun mat der Fondatioun Kannerschlass. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Déi Konventioun, déi mer hei presentéieren, ass am Fong näischt Neies. Et ass awer eng nei Konventioun, déi mer och, wéi gesot, mat der Fondatioun Kannerschlass ënnerschreiwen an der Kontinuitéit vun deem, wat mer mat der Fondatioun schonn haten.

Ech mengen, Der wësst alleguer, d'Fondatioun Kannerschlass huet eng Antenn hei zu Esch an der Rue Pasteur, wou notamment Formatioune fir Elteren a Professioneller proposéiert ginn a wou och de Café des parents, den Elterecafé seng Plaz huet. Dat op 1, Rue Louis Pasteur.

D'Stad Esch ënnerschreift, wéi gesot, proposéiert hei déi Konventioun, wou mer en charge huelen, also en Emploi temps-plein, en ETP. An dat op en estiméierte Montant d'Joer vun 135.000 €, an dat fir kënnen d'Aktivitéite vun der Ecole des parents kënnen ze stemmen.

Déi Aktivitéiten, déi d'Ecole des parents ënnerhëlt, sinn an der Moyenne eppes ëm 40 Aktivitéite pro Joer. Et mécht och d'Koordinatioun vun den Aktivitéiten am Kader vun der Ecole des parents a kooperéiert natierlech um ganzen Territoire mat aner Associatiounen am selwechte Beräich.

Ausser natierlech déi Participatioun un de Fraise vun deem Encadrant, deen do aktiv ass, bedeelegt sech och nach d'Stad Esch u Fonctionnementskäschte bis e Maximumbetrag vu 25.000 €, an och nach u Fraise fir d'Lokalitéiten, déi, wéi gesot, geschat ginn op 42.324 € d'Joer. An dat fir kënnen déi Aktivitéite mat där Antenn kënnen ze realiséieren.

Dann, wéi gesot, och nach aner Fraisen, déi eebe méi mat der Gestioun vum Lokal ze dinn hunn. Do schwätze mer vu 14.000 € TTC. Dat si Fraisen, déi gebonne sinn un d'Locauxen, ob dat elo d'Assurancen, Fourrituren, Elektresch, Waasser, Gas, aner Taxen an och d'Botzen.

Dës Konventioun huet den nämmlechte Mecanismus wéi aner Konventiounen, wou mer mat anere Partneren hunn. Se gesäit vir, d'Paiementer op dräi eenzel Moment: 30 % am Februar, 30 % am Mee, 30 % am Oktober.

Sou datt mer am Fong geholl en cours de route eebe wéi déi Aktivitéite lafen déi eenzel Tranchen ausbezuelen. An e Reschtmontant vun 10 % gëtt ausbezuelt beim Decompte annuel vun den Aktivitéiten, deen eeben och beluecht gëtt mat engem Rapport annuel vun den Aktivitéite vun dëser Konventioun.

Voilà, dat ass dat, wat mer hei an dëser Konventioun ze soen hunn. Ech géif Iech, wéi gesot, Är Zoustëmmung froen, fir dës Konventioun mat ze ënnerstëtzen a mat ze iwwerbréngen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Madamm Agovic.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mir begréissen dëse preventive Service natierlech vun der Fondatioun Kannerschlass. Et ass natierlech och e ganz wichtegen Atout fir d'Elteren, fir jonk Eltere virun allem. An et gëtt och vu ganz villen Eltere positiv erlieft.

Dir kënnt do Gespréicher mat aneren Eltere féieren, mat Educateuren, Experten a sou weider. Virun allem och zu Theemen iwwer Schwieregkeeten, deene se an hirem Alldag begéinen, wéi zum Beispill de Burnout parental oder och Schlofverhale vun de Kanner. An d'Kanner selwer, also et kann een och mat de Kanner dohinner goen, an déi kënne sech ënner sech ënnertenee spillen.

Also et ass wierklech e positiven, e gudde Service. An dat, wat ech héieren hu vun Elteren, déi dohinner ginn, ass, dass wierklech vill Elteren och vun deem Elterecafé profitéieren um Brill.

An, Här Cavaleiro, Dir hutt jo gesot, se wëllen, oder si maachen e Minimum vu 40 Aktivitéiten am Joer. Also dat ass och absolutt gutt a positiv. Et wär vläicht interessant gewiescht, vläicht e klenge Resümmee oder eng, zwou Aktivitéiten hei virgestallt ze kréien.

Ech muss nämlech ganz éierlech soen, ech, meng Fraktiounskolleegen hu mech direkt gefrot, wat mécht deen Elterecafé – vläicht well ech nach jonk Mamm sinn, ech weess et net. Mee et ass einfach just, fir dass ee sech kann e bëssen eppes dorënner virstellen.

An eeben och sou déi Publikatioun vun deem Elterecafé wär vläicht méi auszebreeden. Also et steet jo och an der Konventioun, dass d'Fondatioun Kannerschlass sech doröms bekëmmert, mee et sinn awer nach vill

Leit, déi näischt dovunner wëssen oder do laanscht trëppelen a sech froen, wat ass eng Eltereschoul.

A vläicht wär et gutt, och vun der Gemeng an de Sozialen Netzwierker dat mat ze ënnerstëtzen, déi Publikatioun, am Escher zum Beispill hir Aktivitéite virzestellen. Ech hunn och gesinn, dass am Escher Blog virun zwee Joer den Elterecafé virgestallt gouf. Vläicht dat nach eng Kéier lancéieren, bezéiungsweis Elteren, jonk Elteren, Familljen, déi sech hei zu Esch umellen, hinnen dat da mat op de Wee ginn. Dat wär vläicht och eng Méiglechkeet.

A wat mer schued fannen, ass, dass et wierklech och just begrenzt ass am Quartier Brill. Vläicht kéint een eventuell iergendwann eng Kéier och eng Annex envisagéieren oder undenken, fir eeben nach méi Elteren iergendwéi do mat an d'Boot ze kréien.

Nonnewisen zum Beispill, de Quartier, do si jo ganz vill jonk Familljen, ganz vill jonk Elteren, déi dohinner plënneren. A vläicht dass se do kéinten och dovunner profitéieren. Vläicht aner Auerzäite wéi déi um Brill, da kéint een do eeben och méi flexibel si fir d'Elteren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Agovic. Wa soss keen dozou eppes wëll soen, dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Madamm Agovic, fir Är Remarken.

Kloer ass dat heien e ganz wichtege Partner um Terrain fir eis Familljen, fir déi och kënnen ze beroden, fir deenen och gutt Erfarunge kënne mat op de Wee ze ginn. Ech mengen, et ass e Point de rencontre tëschent Elteren, wou déi dann eeben ee vun deem aneren och kënne léieren, an och wou de Partner selwer och gutt edukativ kënnen deelen.

Wat een hei muss soen, ass, dass natierlech d'Kanner, pardon, d'Eltereschoul an d'Fondatioun geet reegelméisseg zum Beispill an de Maison-relaisen, wou se och do mat den Eltere vun de Kanner aus de Maison-relaisen hir Servicer proposéieren, presentéieren iwwer kuerz Informatiounsowenter a wou dann och d'Elteren invitéiert ginn, soit op deenen eenzelen Aktivitéiten, wou se wärend dem Joer realiséieren, oder och respektiv och nach am Kader vun de Maison-relaisen hir Aktivitéiten oder Projeten och do nach eng Kéier presentéieren.

Ech mengen, déi Aktivitéit ass sécherlech ganz ganz wichteg. Dat flächendeckend, egal a wéi enge Quartieren. Dat kréie mer eeben duerch déi Participatioun un den Echangë mat de Maison-relaisen oder och nach mat vill aner Acteuren, déi um Terrain aktiv sinn am Beräich vum Travail communautaire, wou déi eenzel Associatiounen zesummeschaffen.

Se schaffen am Reseau, se schaffe koordinéiert zesummen, an eebe Best-practises gi gedeelt, an d'Elteren oder eeben déi eenzel Gruppementer ginn dohinner guidéiert, wou déi Besoinen, wou déi Servicer proposéiert ginn.

Dofir, villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☰ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Här Schmit, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Am Prinzipp ass et jo eng gutt Saach. Wat mir awer heibäi opfält, d'Fondatioun Kannerschlass, wéi gesot, déi leet déi ganz Aktivitéiten; Eltereschoul a sou weider.

Wat hei, solle mer soen, hei ass eng finanziellen Aspect, dee wou ech e bëssen, naja, e bëssen iwwerdriwwe fannen. Dat heescht, am Prinzipp ass et jo gutt, mee datt mir déi Käschte vun ... ech mengen, an der Kommissioun hate mer gesot, wann een alles summa summarum zesummenzielt, dann hu mer iwwer 200.000 € am Joer.

An dat sinn Zommen, wou ech fannen, datt een hätt vläicht missen e bëssen aneschters d'Repartitioun maachen.

Dofir meng Abtenstioun. Et ass net, datt ech géint de Projet sinn, mee käschtepunktsméisseg – a mer hate jo virdru scho puermol rieds, datt ech oft géif eppes soen iwwer eise Budget an eis Finanzen, wat erëm ganz aktuell gëtt och elo erëm, well elo gläich komme jo déi grouss Budgetsdiskussiounen, wou ech lech nach oft wäert warscheinlech interpelléieren.

Majo, dat war meng Begrënnung zu där Abstentioun hei.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Mir freeën eis schonn op d'Budgetsdiskussiounen. Dat gëtt ganz gutt.

## 4.2. Convention Hëllef um Terrain ASBL ; Epicerie sociale ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 4.2., d'Konventioun mat HUT. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Bon, wéi gesot, mir hunn elo déi nächst Konventioun, déi wierklech ganz wichteg ass fir eis Stad Esch. An dat och, wann een och d'Remarke vum Här Baum och nach an Erënnerung huet.

Ech mengen, et ass kloer, datt mer eng sensibel Situatioun hunn um Escher Territoire. Ech mengen, ech hat et scho gesot bei der Presentatioun vum Rapport

vum Office social, a wéi enger Situatioun datt mer wieren. An datt mer als Stad Esch an als Majoritéit dat wierklech och kloer am, en vue hunn.

Déi Konventioun … et muss ee wëssen, déi … ech mengen, ech brauch lech elo de Kontext elo net nach eng Kéier hei ze erzielen. Ech mengen, et gouf schonn en lu et en large iwwer d'Situatioun vu Caritas geschwat.

Dir wësst, d'Epicerie sociale hei zu Esch an der Dicks-Strooss gouf vu Caritas gefouert. A wat ass de Service vun der Epicerie sociale? Et ass am Fong geholl, déi Basis, also ob dat elo am Kader vun der Alimentatioun oder vu Produite fir d'Hygiène, fir déi dann un enger Populatioun kënnen ze vermëttelen, déi eebe vill, also ganz niddereg Revenuen hunn.

Déi Epicerie sociale ass am Fong geholl e Commerce, deen natierlech Produiten akeeft an déi da mat ganz ganz minime Margen un där Populatioun och proposéiert. An awer och un enger Populatioun, déi eventuell och nach mat Bonge vum Office social dohinner kann higoen, fir d'Produite kënnen ze kafen.

Déi Epicerie sociale gouf, wéi gesot, bis dëst Joer, also bis virun der Summervakanz, September, nach vu Caritas gefouert. Elo geet et hei eeben ze kucken, wéi déi soll weider gefouert ginn.

Et ware verschidden Optiounen. Eis war et wichteg, dass déi Epicerie sociale weider aktiv bleift, well do e reelle Besoin um Terrain ass. Et muss ee wëssen, datt déi Epicerie sociale net nëmme fir déi Escher Usageren do ass, mee awer och fir Usageren aus den Nopeschgemengen, ob dat elo Schëffleng, Käl-Téiteng, Rëmeleng ubelaangt, an datt tatsächlech do eng héichwäerteg Offer geleescht gëtt fir déi Populatioun.

HUT wäert déi Aktivitéit, oder huet déi Aktivitéit elo schonn iwwerholl. HUT: Hëllef um Terrain ASBL. An et geet hei drëms, elo ze kucken, wéi mer dat doe kënne mat ënnerstëtzen, wéi kënne mer dat doe mat stemmen.

Déi Konventioun, déi gouf diskutéiert mat de Partneren, déi do waren natierlech, wou déi Situatioun opkomm ass mat Caritas, wat geschitt eebe mat der Epicerie sociale. An do hu mer schnell eis Verantwortung iwwerholl an eebe gekuckt, datt een eng Léisung konnt fannen, fir déi Offer kënne weider ze erhalen.

Déi Konventioun, déi mer lech haut hei proposéieren, ass am Fong geholl d'Ënnerstëtzung, fir datt dee Service ka weider un de Bierger proposéiert ginn, nach ëmmer op der nämmlechter Adress, sou wéi e bis elo gefouert ginn ass.

E gesäit natierlech verschidde Konditiounen. Hei geet et drëms, d'Personal kënnen ze assuréieren, déi deen doe Service leescht, an natierlech datt ee gläichzäiteg déi nämmlecht Konditioune vun der Offer ka bäibehalen.

Mir bedeelegen eis hei an dëser Konventioun un de Fraise vum Personal. Dat sinn, wéi gesot, verschidde Leit, déi do schaffen: eng Persoun, déi responsabel ass am Kader vun der Vente, 24 Stonnen d'Woch. E Responsabele vum Lokal, 40 Stonnen d'Woch, en Apprenti, 40 Stonnen d'Woch, een oder eng Coordinatrice, zwou Stonnen d'Woch.

An dann nach verschidden EMIen, dat sinn eebe Persoune 50+, fir 40 Stonnen d'Woch. An d'Recommandatioun, wou mer hei och ginn, ass natierlech och, op Personal zeréckzegräifen, déi an enger Mesure de réinsertion kënne profitéieren.

D'Stad Esch bedeelegt sech, wéi gesot, hei un dëser Konventioun op d'Fraise fir de

Loyer an d'Chargë vun der Locatioun, Frais de personnel, wéi ech virdru scho gesot hunn. An déi Konventioun, oder déi Participatioun vun der Stad Esch gëtt bezuelt natierlech op Basis eebe vun deene Repartitiounen, wéi ech virdru scho gesot hu bei der anerer Konventioun, a verschiddenen Tranchen, sou datt een och e reegelméissege Rapport d'activité ka kréien. En detailléierte Rapport d'activité iwwer den Exercice en fin d'année.

D'Stad Esch wäert, wéi gesot, dës Konventioun exceptionnellement op 15 Méint elo mol maachen. Firwat? Well mer hei dës Aktivitéit am Fong geholl scho retroaktiv ënnerstëtzen op den 1. August, déi dann eeben och schonn den 1. August ugaangen ass mat HUT.

Dofir gesäit d'Konventioun och schonn direkt eng Participation exceptionnelle fir d'Joer 2024 vun 52.922 € fir 2024. Dat op 90 % vun de budgetiséierte Fraisen, déi vum 1. Oktober op den 31. Dezember 2024 gerechent sinn.

Da gi mer an de Beträger fir 2025 op e Betrag vu maximal 40.000 € Participatioun un de Fraise fir d'Locatioun an d'Chargen. Fir Frais de personnel e maximale Betrag vun 215.000 € a Frais de fonctionnement vun 20.000 €.

Dës Fraisen, musst Der wëssen, wäerten duerno, well och schonn déi néideg Diskussiounen och mat den Nopeschgemenge gefouert gi sinn, duerno och nach wäert gekuckt ginn, datt mer e gesonde Schlëssel op Basis eebe vun den Usageren, vun den Utilisateure vun där Offer wäerten déi dann iwwer eng aner Konventioun mat den anere Gemengen opgedeelt ginn, sou datt mer am Fong geholl gerecht déi Konventioun, oder déi Hëllef, déi mer hei leeschten, fir dëse Service um Escher Territoire, deen net nëmme fir déi Escher sinn, mee awer och fir Usagere vun aner Gemengen, fir datt se hir Contributioun hei kënne ginn.

Déi Tranchen, wéi ech gesot hunn, gi bezuelt dräimol am Joer: am Februar, am Mee an am Oktober. Allkéiers 30 %. An, wéi gesot, Enn des Joers mam Rapport d'acitivité a mam Decompte ginn déi lescht 10 % nach ausbezuelt.

Voilà, dat ass dat, wat ech heizou ze soen hat. Ech mengen, déi Konventioun gouf mam Partner HUT diskutéiert. Déi gouf an der Sozialkommissioun presentéiert, an der Commission juridique. Ech mengen, déi eenzel Kommissioune konnten hir Avise ginn. An och d'Recommandatioun, déi hate mer och mat integréiert.

Ech géif lech dofir bieden, dës Konventioun hei mat ze ënnerstëtzen. Dat am Interêt eebe vun all den Usageren, déi mer do hunn, fir deen doe Service, deen eis wierklech um Häerz läit. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Wie wëll zu dësem Punkt schwätzen? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Här Cavaleiro fir den Exposé.

A menger grenzenloser Naivitéit hunn ech geduecht, wéi ech dat hei um Ordre du jour gesinn hunn, datt dat hei d'Weiderféierung vun enger Konventioun wier, déi mir virdru mat Caritas haten. An ech hunn dunn awer misse feststellen, datt dat net sou ass. Well mir hate virdru mat der Caritas keng Konventioun iwwer déi doten Héicht.

An nawell huet d'Caritas dee Service do ugebueden. E Service, dee wichteg ass, e Service, dee mer ënnerstëtzen, an e Service,

wou mer alles musse maachen, fir datt en zu Esch erhale bleift. Dat wëll ech virausschécken.

Nawell muss ee sech awer Froe stellen. Wéi huet d'Caritas da mat wéi enge finanzielle Moyenen dee Service vidrun ugebueden? An ech gi jo dovunner aus, dat ka jo nëmme gewiescht sinn, well d'Caritas eng Konventioun mam Familljeministère hat. Huelen ech un, ech weess et awer net. Well ech gleewe jo kaum, datt eng bulgaresch Hellseeërin d'Paie vun de Leit bezuelt huet.

Sou, elo si mer an der Situatioun, datt e soziale Service, dee bis elo vu Caritas um Territoire vun der Stad Esch geleescht ginn ass, datt HUT deen iwwerhëlt, wat begréissenwäert ass. Just wat sech ännert, dat ass, datt d'Escher Gemeng dofir opkomme muss.

A wann ech mer de Montant ukucke vun där Konventioun, déi mir mat HUT maachen, komme mer quasi fir d'Integralitéit vun deenen ugebuedene Servicer un. A tel point datt ech mer d'Fro stellen, ob mer et net als Gemeng selwer kéinte maachen.

Mer schwätzen hei vun 275.000 €, exceptionnellement kommen nach nach proratiséiert 50.000 € dëst Joer dobäi. Dat sinn 325.000 €, wat awer scho ganz konsiderabel ass.

Dobäi kënnt, datt d'Konventioun, do steet immens vill iwwer d'Obligatioune vun der Stad Escht. Et steet awer ganz wéineg dran iwwer d'Obligatioune vun HUT. Op jidde Fall hunn ech ganz wéineg dra gelies.

Et steet dran zum Beispill, datt, wéi den Här Cavaleiro och gesot huet, d'Escher Gemeng au pro rata aner Gemengeservicer verrechent au pro rata vun de Beneficiairen, déi dohinner komm sinn. Mee dat muss jo awer dann zumindest eng Obligatioun vun HUT sinn, fir déi ze erfaassen. Well wéi wëll d'Escher Gemeng soss dat weidermaachen? Dat alles steet awer och net an der Konventioun dran.

En plus muss ee sech elo an deem dote Gedankespill weiderféierend elo virstellen, datt mer elo nach lauter weider Konventioune mat potentiell 99 anere Gemengen hei am Land musse maachen, fir dat do sou ze reegelen. Respektiv kann ee méi allgemeng iwwer ProSud vläicht – bon, wéi och ëmmer. Mee dat sinn alles nach Aufgaben, déi elo op eis duerkommen, fir e Service ze assuréieren, dee bis elo ëmmer assuréiert ginn ass vu Caritas, ouni datt dat d'Escher Gemeng finanziell impaktéiert huet.

An dat si fir mech awer Froen, well et geet och an dësem Fall awer iwwer héich Montanten. Et si Froen, déi, mengen ech, awer duerchaus berechtegt sinn. A vun den Äntwerte maachen ech e bësse mäi Vott ofhängeg.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Wéi den Här Baum et elo gesot huet, ass mir dat och opgefall. An de Problem läit doranner och, datt ee bal d'Gefill hätt, datt de Wäerdegang hei net richteg hätt wëllen erkläert ginn. Dat heescht, dat gesinn ech als nach en zousätzleche Problem. Do mengt ee bal, et wär e bëssen eng Verschleierung do vun de Faiten, wou ee wéilt maachen.

Et ass presentéiert ginn, eng nei Konventioun ... bon, ech erkläre mech. Ech gesinn, d'Leit kucke komesch. Maja, ech fannen, dat hätt een ... wéi den Här Baum et

gesot huet, a wéi ech et och scho bemierkt hat an de Kommissiounen, hate mer de Fall, datt d'Caritas all déi Fraisen iwwerholl hat virdrun. Warscheinlech war et iwwer eng Konventioun mam Ministère gelaf.

Maja, mee wann een zum Beispill déi Konventioun hei presentéiert, gell, da kéint een déi Erklärunge schonn direkt mat liwweren. Well wann déi Erklärungen net matkommen, déi wou imminent wichteg sinn, dofir hunn ech dann e Gefill, do géife vläicht gär Saache verschleiert ginn.

Well dat heite sinn nei Fraisen, déi wou op eis duerkommen, permanent, vun e puer 100.000 €. A warscheinlech Joer fir Joer. An an der Vergaangenheet war dat net de Fall.

Ech hu schonn drop higewisen a mer hate virdru rieds, a leider reegt mech dat e bëssen op, datt eis budgetär Situatioun vun Esch ëmmer méi schlecht gëtt. An ech soen lech dat, dat gëtt nach schéin.

A wat dat heiten, also dat heiten ass am Fong geholl nach eng Verschlëmmerung vun der Lag, wou souwisou schonn extreem schlëmm ass. An als Escher Bierger reegt mech dat natierlech op.

Ech wëll zwar, muss zwar bemierken, datt et enorm wichteg ass, sozial Fonctiounen oprecht ze erhalen. An dat, wat ech och virdru gesot hunn, géif ech och, an engem Dossier, géif ech och elo net verneine wëllen.

Ech sinn dogéint, datt en Déngscht geleescht gëtt un déi aarme Leit, déi Leit, wou méi sozial Problemer hunn, wou sozial schlecht gestallt sinn, Dat ass bestëmmt net hei mäi Wonsch. Mee de Problem ... ech gesinn hei e Problem an der Gerance, wou, an der finanzieller Gerance, wou Erklärungen onbedéngt néideg sinn. An ech hoffen, datt mer déi da kréien.

An och ech géif da mäi Vott dovun ofhängeg maachen, wéi déi Erklärungen ausfalen. A surtout och, wellch Mesuren datt mer kënnen huelen, fir datt Esch net op eemol elo vun haut u muss e puer 100.000 € fir en Déngscht bezuelen all Joer recurrent, wou mer virdrun 0 € hu misse bezuele fir de selwechten Déngscht. Dat kann et net sinn.

An déi Richtung, wa mer ëmmer weider an déi Richtung ginn, da wësst Der jo, wat ... da kënne mer scho bal Faillite umellen. Also, dat ass wierklech problematesch. An ech hoffen, Dir kënnt mer dozou Erklärunge ginn, an och alle Bierger hei vun Esch, datt si sécher sinn, datt déi Saach gutt a seriö an anstänneg verwalt gëtt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Jo, ech wëll op déi Remark vum Här Baum zeréckkommen, wou eng Iwwerraschung einegermoosse grouss war an der Finanzkommissioun. An ech mengen, do ware mer net déi eenzeg, déi nieft mer souzen, mee ech mengen, duerch déi ganz Ronn gaangen ass.

Et ass effektiv e Service, wat een an der Zäit eeben d'Caritas respektiv de Familljeministère, wat méiglecherweis de Fall war, iwwerholl ginn ass, wat elo soll d'Escher Gemeng iwwerhuelen.

Wat effektiv meng Fro war, dat ass, firwat brauche mer dann HUT. Dat war am Fong meng éischt Fro. Well Ehre wem Ehre gebührt, wa mir hei awer elo solle bal 300.000 € op den Dësch leeën, fir dee ganz wichtege Service ze iwwerhuelen, dass et

wichteg ass, dass déi Leit, déi do schaffen, dass déi eng sécher Zukunft hunn, wat immens wichteg ass an dee soziale Rôle do iwwerhuelen.

Ech däerf mengen, dann däerfe mer als Escher Gemeng eis och op de Revers schreiwen, dass dat dann och eise Verdéngscht ass, fir dat doten ze maachen, an net HUT. Dat ass, mengen ech, de richtege Wee.

Vläicht soll een do dann ... jo, also ... dofir, ech faasse mech dann och kuerz. Mir wäerten dat hei elo matstëmmen, awer virun allem aus deem Grond, well mer déi Leit net wëllen am Ree stoe loossen, a well et wichteg ass, dass déi Epicerie sociale funktionéiert. Mee iwwer d'Form, wéi gesot, do kucke mer elo ewech, well et einfach séier muss goen.

Awer ech géif da bieden, déi geet just 15 Méint, dass ee vläicht an deem Moment entweeder eng aner Responsabilitéit vun der Escher Gemeng hëlt, well dat si gutt investéiert Suen, se kommen op déi richteg Plaz, oder mam Familljeministère vläicht direkt kuckt, dass mer do déi Subside vläicht erëmkréien, fir dat doten ze stemmen. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci alleguer fir Är Interventiounen.

Här Schmit, Är Koherenz feelt mer e bëssen an Ärem Discours. Bon, ech sinn emol frou, datt Der elo wéinstens eng Kéier geschwat hutt, well virdrun hutt Der eng Abstentioun gemeet an Dir hutt virdru mol keng Positioun bruecht. Et ass e bësse komesch, mee bon.

Ech wëll just heizou soen, eng Kéier sot Der, et ass ze deier, dann ass et net genuch. Ech verstinn lech net.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Da sidd Dir den Eenzegen.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Also, ech verstinn lech net.

Mee dat eenzegt, wat ech ka soen, dass et hei ëmmer komesch ass, wann Dir a Fro stellt, datt eng Gemeng sou e Service dréit. Ech mengen, mir iwwerhuelen eis Verantwortung hei. Mir stinn dozou.

Dat hei entsteet vun der Nout. Ech mengen, mir ginn eis Responsabilitéit, mir iwwerhuelen dat doen. An dat maache mer.

Ech muss zwar soe par rapport zu dem Finanzmodell, dee virdru bestanen huet mat Caritas. Ech mengen, Caritas hat sécherlech eng generell Konventioun mam Familljeministère, et muss een awer wëssen, datt déi net geziilt op d'Epicerie sociale war. Dat heescht, d'Epicerie sociale huet funktionéiert global op, soe mer, d'Avoire vu Caritas.

A wou eeben d'Caritas net méi do ass, musse mer eebe kucken, wat maache mer. Et wär eng Optioun ze soen, well et ware jo verschidden Optiounen um Dësch, mir maachen näischt, et ass net eis Responsabilitéit. Da wär d'Epicerie sociale fort. Dat war eng Optioun.

Eng zweet Optioun ass déi, wou mer eeben elo hei hunn, wou mer eebe kucken, fir en Träger eeben ze hunn, deen dat doe ka weiderféieren. Well ech muss lech soen, als Gemeng hätte mer och à court terme net

déi Moyene gehat, fir dat heie kënne selwer kënnen ze geréieren. Dat wär net méiglech.

Ech mengen, Dir wësst sou gutt wéi ech, datt ee Personal muss rekrutéieren, datt ee verschidden Demarchë muss ënnerhuelen. Da wäre mer warscheinlech nach nächst Joer nach net do. An en atttendant hätt missen de Service vun der Epicerie sociale awer weiderfunktionéieren.

Ech mengen, et gesäit ëmmer grouss, wann een déi Beträger kuckt, mee denkt awer wierklech un der Unzuel vun deene Leit, déi do schaffen, un dat, wat do vu Service un de Bierger proposéiert gëtt, an da maacht wierklech d'Rechnung.

Ech mengen, Dir ... et si ganz vill Leit hei, déi eebe mengen, si wären Ekonomisten. Kuckt wat dat wierklech ausmécht au pro rata vun den Utilisateuren, déi dohinner ginn, ob dat wierklech sou dramatesch ass op d'Konte vun der Escher Gemeng. Mir iwwerhuelen eis Verantwortung, a mir stinn dozou, well soss wär dee Service muer fort. Also muer, nee, am August scho fort. An dat maache mer.

An da kucke mer natierlech an enger zweeter Phas, datt mer eebe mat den anere Gemengen dat doen nach eng Kéier zesumme kucken an datt mer e Schlëssel fannen, fir déi Opdeelung kënnen ze maachen, wou mer natierlech mat hinnen en echange dat ënner enger Konventioun probéieren, hinzekréien, fir déi Participatioun vun anere Gemengen op d'Utilsateure kënnen opzedeelen.

Ech menge par rapport zum Modell virdrun. Och d'Caritas hat eis schonn abordéiert zu deem Moment iwwer eng eventuell Konventioun mat der Gemeng. Et muss ee wëssen, et war u sech just déi do Epicerie – also just. Ech mengen, déi do war eng vun den eenzelen Epicerie-sociallen, déi iwwerhaapt keng Konventioun hate mat der Gemeng.

Déi meescht hu Konventioune gehat soit mat der Gemeng oder mat den Offices sociaux. An déi heien zu Esch, déi hat weeder eng Konventioun mat der Gemeng nach mat den Offices sociaux. Et kann ee soen, et ass gutt gaangen. Mir hate Chance.

Op aner Plaze ginn aner Gemengen hin an déi hunn eng Konventioun an déi bezuelen dat, respektiv iwwer d'Offices sociaux. Dat hate mer net. Et war eng Diskussioun, déi d'Epicerie sociale eebe schonn an deem heien Haus och mat eis gefouert hat. A kuerz duerno war eeben déi Faillite do.

An et ass fir eis extreem wichteg gewiescht, datt mer hei agéieren. An dat hu mer en bon père de famille gemeet par rapport zu all deenen Usageren, déi mer do gesinn, déi mer brauchen an déi mer mussen ënnerstëtzen.

An do huele mer wierklech eis sozial Verantwortung. An do kascht eis all Euro, deen do investéiert gëtt, sécherlech net esou vill, datt mer muer de Schlëssel ënner den Teppech musse leeë vun der Gemeng, fir dat doe kënnen ze stemmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech erlabe mer nach hinzeweisen, dass eng Gemeng net Faillite ka goen. Dat heescht, Dir braucht elo net ze fäerten, Här Schmit. Dat ass gesetzlech gereegelt.

Ech wëll just nach awer eng Kéier also confirméieren, wat den Här Cavaleiro och elo nach eng Kéier gesot huet. Et ass net onusus, mee et ass usus, dass déi verschidden Epicerie-sociallen, Butteker, egal ob dat d'Caritas oder d'Croix-Rouge ass, dass déi Konventiounen hu mat Gemengen oder mat Offices sociaux.

An dass mir eigentlech eng vun den eenzege Gemenge waren, wou dat net de Fall war, dat war tatsächlech d'Exceptioun. Egal ob dat elo HUT war oder virdrun d'Caritas. Och d'Caritas war un eis erugetrueden, fir ze soen, dass déi dote Situatioun eigentlech am Modell net méi haltbar wier an dass mer egalwéi op de Wee vun enger Konventioun sollte goen.

Elo muss ech Iech soen, dass ech net ausschléissen, well et gëtt jo dann uewendriwwer dee Begrëff vum Buttek, wou et dann och en Zesummeschloss gëtt vun der Caritas a vum Roude Kräiz. Déi hu sécherlech och hir Konventioun nach do driwwer op dem aneren Niveau, wat awer fir en anere Finanzement an en aneren Deel vun deem Service, deen an d'Epicerie, an déi verschidden Epicerië bruecht gëtt, dann a Kraaft trëtt, awer net fir d'Personal oder fir d'Loyeren.

Dowéinst wëll ech och wierklech do net vu Begrëffer wéi Verschleierung schwätzen a sou, well dat doten einfach eng Realitéit ass. Wat näischt Exceptionelles ass, wat einfach ginn ass.

An tatsächlech eng aner Méiglechkeet, Här Baum, wou Dir elo ugeschat hutt, wier zum Beispill ze soen, mir maachen et selwer. Dat wier dann notamment och domadder verbonne gewiescht, fir zum Beispill mussen och ze kucken, wéi eng Stad Esch mat enger eegener Epicerie sociale, wa se dat wéilt, an e Buttek als eng ASBL oder Organisatioun géing mat eraklammen. Hei war dofir schnell, kuerzfristeg, effikass, de Service weider ze assuréieren a fir Leit eng Aarbechtsplaz weiderhin ze garantéieren.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ↻ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen, Här Schmit?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech maachen et och ganz kuerz. Also, et kann ee jo wierklech an deem heite Fall schlecht dogéint stëmmen, obschonn datt déi ganz Vorgehensweis an deem Dossier mer guer net gefält.

Wat ech just nach vläicht doriwwer ze soen hunn, ass, dat do ass en deieren neien Hutt. Merci.

## 5. Transactions immobilières ; décision

### 5.1. Acte de vente et VEFA entre la Ville et IKO Real Estate ; Caves appartenant au lot 29A ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Elo komme mer bei d'Transaction-immobilièren. Do fänke mer u mat enger Konventioun, nee, pardon, engem Akt, wou mer bei IKO Kellere kafe fir de Lot 29A.

De Lot 29A, deen hu mer hei schonn de 5. Juli kaaft. Dat si 34, pardon, 43 Sozialwunnengen, déi wäerten do op der Rouder Lëns entstoen. Et ass awer sou, dass d'Kellere vun deem dote Lot da versat sinn ënnerierdesch an an en anere Lot iwwerginn, an de Lot 30, sou dass mer getrennt Acte-de-venten hu misse maache fir d'Wunnengen op der enger Säit, an dann d'Kelleren op der anerer Säit.

De Coût heivunner, dee steet am Akt. Do si mer bei 470.000 €. Dat ass awer elo net eppes, wat supplementär drop kënnt op de Coût, mee eigentlech ass deen heite Coût plus deen aus dem Akt, dee mer am Juli gestëmmt hunn, gëtt dat dann och de Montant, wou mer bei de Compromis an deemools bei den éischte Votten, déi mer par rapport zu de Präisser vun den Acquisitiounen op der Rouder Lëns gestëmmt haten, wat deene komplett Rechnung dréit.

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen heizou?

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 5.2. Compromis de vente entre la Ville et Mme N.T. – appartement 21, rue Florence Nightingale (lot 4N) ; décision

### 5.3.1. Compromis de vente entre la Ville et Madame H. – appartement 52, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.2. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame K.-M. – appartement 52, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.3. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame M.-M. – appartement 52, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.4. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur N. – appartement 52, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.5. Compromis de vente entre la Ville et Madame A.L. – appartement 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.6. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur L. – appartement 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.7. Compromis de vente entre la Ville et Madame C. – appartement + emplacement intérieur 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.3.8. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame T.R.-F. – appartement 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.4.1. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame S. – maison lot 7N – 4, rue Maria Mitchell ; décision

### 5.4.2. Compromis de vente entre la Ville et Monsieur et Madame G.M.-B.P. – maison lot 7N – 25, rue Michel Gloesener ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer bei d'Compromis-de-venten, déi an den Nonnewise sinn. Ech proposéieren, se zesumme virzestellen, da kënne mer herno awer nach getrennt doriwwer diskutéieren oder getrennt ofstëmmen, wann een dat wëll.

Also et gëtt eng ganz Rëtsch Compromis-de-venten, déi mer hei ofzestëmmen hunn. Als éischt geet et ëm en Appartement am Lot 4N an der Rue Florence Nightingale. Dat ass en Appartement vu 70 m2 mat Parkplaz, dat mer fir 377.000 € verkafen.

Dat ass an dësem Fall kee Bail emphytéotique, well deemools, wéi déi éischt Venten ugaange sinn am 4N, dat deemools vun der Majoritiéit net am Emphytéotique gehandhaabt ginn ass a mer do an der normaler Vente da bleiwen. Awer am abordabelen.

An da gi mer an de 6N. Do lafen d'Venten am Verglach zu anere relativ gutt, si se gutt ugelaf. Mir stëmmen haut direkt aacht Compromise fir Wunnengen tëscht 71 a 87 m2, wou den nidderegste Präis herno fir den Acquereur bei 361.000 € läit, a fir déi gréisst Wunneng bei 509.000 €. Dat hänkt dann eebe jee no der Wunneng of.

An da verkafe mer och nach am 7N zwee Haiser am Emphytéotique abordable fir 654.000 €.

D'Vente vum 6N gëtt weider organiséiert vum Fonds du Logement, d'Vente vum 7N, déi ass entre-temps organiséiert iwwer eis eege Servicer. An och wann d'Vente am 6N gutt ugelaf ass, kënne mer wierklech bei der 7N net zefridde sinn, dass sech dat sou schwéier verkeeft.

Dowéinst wäert ech och ufanks vum Joer 2025 d'Fraktiounen erëm invitéieren, fir sech zesummenzesetzen a fir dann eng Opdeelung ze maachen, oder erëm driwwer ze schwätzen, wéi mer déi Vente kënne favoriséieren.

Gëtt et Froen heizou? Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Also ech schécke viraus, datt mer dat do alles mat votéieren. Mee Dir hutt zum Schluss den eigentleche Problem ugschwat. Dat ass d'Vente am 7N, déi net funktionéiert.

Et ass am Moment esou, et si jo dann zwou Venten, déi mer dës Kéier am 7N hunn, oder Compromisen. Wann déi dann all, wann dat

alles stattfënnt, dann hu mer sechs vu 36 Haiser verkaf. Dat heescht awer ëmgekéiert, datt 30 vu 36 Haiser zënter enger ganz grousser Zäit entre-temps eidel stinn.

An datt op deem Wee, op deem mer am Moment amgaangen, ënnerwee sinn, nämlech: Komm, mer waarden, de Marché wäert sech berouegen, d'Zënse wäerten erofgoen. Datt déi Optioun, wéi et am Moment ausgesäit, keng ass. Aus verschiddene Grënn.

Well engersäits de Marché entre-temps, wat d'Venten ugaangen ass, esou erofgaangen ass, datt d'Differenz tëschent dem abordabelen an dem Marchéspräis vill méi kleng ginn ass an dofir den Abordabel net méi sou interessant ass. En plus dann nach psychologesch.

D'Emphytéose spillt dann och mat. Wann ee fir 50.000 € méi eppes kritt, wou een da Proprietär ass, quitt bei deem aneren ass een och Proprietär – mee bon enfin. Sou dat ass een Element.

An dat anert Element ass nach ëmmer, d'Zënse sinn awer nach ëmmer héich. Dat heescht, fir an deene Beräicher, wou mer hei verkafen, 650.000 €, fir do e Prêt ze kréien, dat gëtt ganz schwéier.

Do muss ee soit Kapital matbréngen, Eegekapital, soit en héije Revenu hunn. Wann een en héije Revenu huet, dann ass een awer net eligibel fir den Abordabelen. Dat heescht, et riicht sech just nach un eng ganz ganz schmuel Franche vun der Populatioun, déi iwwerhaapt a Fro kommen, fir hei kënnen aktiv ze ginn. An ech mengen, dat ass ee vun den Haaptgrënn, firwat et net virugeet.

An ech menge wierklech, datt mer aner Léisunge brauchen. Mer musse wierklech nach eng Kéier a Fro stellen, ob de Wee vun der Vente wierklech de richtegen ass.

Dir wësst, dat ass awer eppes, wat souwisou fir de ganze Projet Nonnewisen – an dat ass elo eng Kritik, déi elo net nëmmen un dëse Schäfferot geet, mee och schonn un déi virdrun.

An eisen Aen ass dat vill ze vill op Privatproprietéit gemënzt ginn, oder respektiv op d'Ventë gemënzt ginn, a vill ze wéineg op Locatioun. An der Vergaangenheet, an ech weess dat och, huet de viregte Schäfferot, dat liicht geännert, mee nawell ass et an eisen Aen disproportionéiert, sou datt mer mengen, datt d'Voie royale wier, fir ze probéieren, déi Haiser fäerdegzestellen.

Well et ass jo och esou, déi gi verkaf am Zoustand, datt d'Kichen an d'Buedzëmmer nach net fäerdeg sinn. Déi sollen eigentlech déi zukünfteg Keefer da kënne selwer eraussichen a fäerdegstellen. Datt een dat fäerdegstellt a Léisunge sicht, wat ee mat deenen Haiser ka maachen am Sënn vun der Locatioun.

Ech mengen och, datt een zumindest muss op de Wee goen, wann een nach wéilt awer mordicus un der Vente festhalen, datt een Tëscheléisunge sicht. Dat heescht, eng temporär Benotzung da vun deenen Haiser. Well d'Tatsaach, datt se eidel stinn, ass och Ausdrock vun der Wunnengskris a vun engem dysfunktionale Marché.

An ech mengen, datt mer als Escher Gemeng grad an dësem Fall, wa mir Bauhär sinn a Proprietär vun deene Wunnengen, datt et eis Verflichtung ass, dofir ze suergen, datt déi net méi laang eidel stinn, datt déi kënne bewunnt ginn an datt Leit kënnen doranner wunnen.

Wuelwëssend, datt jee länger eng Wunneng eidel steet, jee schneller degradéiert se. Och dat ass eis Responsabilitéit als Proprietär, fir do ganz séier Léisungen ze sichen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Ech ka mech eigentlech villem, oder allem vun deem, wat Der sot, nëmmen uschléissen.

Ech mengen, dass ee Grondgedanken, einfach schonn eng Grondiddi schonn deemools falsch war, och scho viru Joren, fir dee Message ze ginn deene Leit, déi do kafen, hei wäert nimools eng Sozialwunneng mat Locatioun an dëse Quartier kommen.

Dat war eng komplett Feelaschätzung deemools, wou een natierlech och deene Leit, déi dat an där Optioun, an där Logik deemools kaf hunn, deenen och muss soen, dass dat net méi d'Realitéit ass, an dass mer entre-temps schonn Ouverturë gemaach hu bei verschiddene Gebaier, wou zum Beispill de Fonds du Logement och gebaut huet, an dass mer amgaange sinn, e Projet do ze baue mat der SNHBM, wou herno d'Gemeng Esch iwwerhëlt a wou et ganz kloer wäert sou sinn, dass mer an den Nonnewisen och Locatioun a sozial Locatioun wäerte kréien.

Fir d'Budgetspropos, déi mer wäerte presentéieren, kann ech scho virgräifen, dass mer och e klenge Montant, awer – bon, e klenge Montant par rapport zu anere Montanten, déi heiansdo am Budget da stinn – awer e Montant virgesinn hunn, wou mer och op de Wee kënne goen, fir notamment Buedzëmmeren a Kichen a weideren Appartementer am 7N ze amenagéieren.

Woubäi ech awer och muss soen, dass ech do batter erschreckt war, well wa mir doheem mat eisen Entreprisen e Buedzëmmer oder eng Kichen abauen, dann ass dat eng ganz aner Saach, och eng aner präislech Saach, wéi wann d'Gemeng dat herno mécht.

Wa mer dat bei e puer maachen, si mer direkt am Beräich vun den Ausschreiwungen, wou mer musse maachen. A vun der Dauer an och vun de Präisser hier huet dat eng aner Envergure. Dat ass och eppes, wat mer herno an d'Iwwerleeunge musse mat eranhuelen, där ech awer elo net weider wëll virgräifen, awer wou mer déi Diskussioune wäerte féieren.

Dofir à ce stade gi mer an de Vott fir d'Vente vun dëse Bienen. Alles zesummen, jo.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 6. Questions de personnel ; décision

### 6.A)1) Département des Affaires économiques, Développement économique ; création d'un poste dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité A2 ; décision

### 6.A)2) Service Culture : création d'un poste dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe administratif ; décision

**6.B)1) Décision de classement de Madame J.M., agent coordinateur des visites dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du parc animalier ; décision**

**6.B)2) Décision de classement de Madame C.L. P., agent administratif dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès de l'établissement des Bains du Parc ; décision**

**6.C)1) Réduction du service provisoire de Madame J.S., employée communale dans le groupe d'indemnité B1 engagée auprès du service de l'Enseignement ; décision**

**6.C)2) Réduction de stage de Monsieur T.B., fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique auprès du service Circulation ; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer bei d'Personalfroen. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech proposéieren, dass ech virgoen, wéi mer et ëmmer maachen.

Wat d'Creations an d'Suppressions de poste ubelaangt am Departement vun den Affaires économiques, do gëtt eng Kreatioun gemeet vun engem Poste vum Gestionnaire am Statutt vum Employé communal. A gläichzäiteg maache mer dann och déi Suppressioun vun dem Poste vum Fonctionnaire am Grupp vun engem Redakter B1.

Dann hu mer am Service Culture eng Creation de poste vun engem Directeur aux affaires culturelles am Statutt vum Fonctionnaire. A mir maache gläichzäiteg dann och d'Suppressioun vun deem, deen d'Demissioun ginn huet, an dat am Statutt vum Poste Salarié à tâche intellectuelle.

Dann hu mer um Niveau vun den Decisions de classement, do hate mer d'lescht Kéier hei zwee CDDen agestallt. An dat eent ass am Travaux municipaux am Déierepark an dat anert ass bei eis an der Schwämm. An do musse mer natierlech Decisions de classement huelen – déi kënne mer da stëmmen.

An dann hu mer och an deem aneren Deel d'Reductions de stage. Dat ass engersäits een aus dem Enseignement an deen aneren an der Circulatioun. An déi erfëllen och alleguer d'Konditiounen, sou dass ech lech da géif bieden, fir deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen zu verschiddene vun dëse Punkten? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Also dee Poste vum Directeur aux affaires culturelles ass jo elo net grad den éischtbeschte Posten, dee mer elo hei solle stëmmen. An normalerweis huet also déi Creation de poste einegermoossen eng kloer Struktur, mee hei war alles esou bëssen duerchernee gaangen.

Viru sechs Wochen ass en Appel à candidature fir e Coordinateur vun deem, engem Coordinateur aux affaires culturelles gestëmmt ginn, dee ganz ganz kuerz och just nëmmen ausgeschriwwe war. Sou kuerz

wéi nëmme méiglech, wat normalerweis ëmmer sou eis invoquéiert, dass do schonn eng Persoun am Fong scho genannt ass, fir dee Posten do ze kréien. Wat awer elo net schlëmm ass a wat och keng Saach ass, déi ongewinnt ass.

Mee iergendwéi ass dee Posten jo elo awer verschwonnen. Dat hu mer an der Personalkommissioun ass dat gesot ginn, dass dee Poste jo dann elo ersat gëtt duerch en neien Direkter. An do froen ech mech, firwat ass, éischtens emol, deen ee Posten do elo sou direkt ofgeschaf ginn. Mee fir mech wier virun allem emol déi éischt Fro, dat wär, firwat war deen Direkter iwwerhaapt demissionär.

Well sollt et awer elo sinn, well am Moment d'Situatioun e bësse willkür, e bësse wëll ass an der ganzer Kulturzeen. Do ginn et zwee Sprachwierder, wéini dass um Schëff, wann dat ënnergeet, wie wéini wat verléisst. An dat fannen ech e bëssen traureg, well dat do sinn esou Saachen, dat ass do, wou ee seng Responsabilitéite muss huelen, an déi ginn, wéi et schéngt, net hei geholl.

Trotzdeem, firwat ass ab elo e Posten, deen e Salarié à fonction intellectuelle elo duerch e Fonctionnaire ersat? Firwat gouf déi Strategie geännert? Firwat gëtt et en Direkter? Well den Direkter impliziéiert jo ... normalerweis schreiwe mer en A1 aus, well ass do schonn e Poste à responsabilité am Fong scho mat dru gesat.

Wéi steet et mat der Relatioun mat den aneren Direkteren? Well dat kënnt nämlech am Text long net vir. Well déi lescht Kéier war et bal sou ... dat ass op jidde Fall ëmmer sou an de Couloire gesot ginn, dass deen Direkter vun den Affaires culturelles, dass dee weisungsberechtegt wär vun all deenen aneren Direktere vun de Konschthaiser. Wéi ass et hei? Well hei gëtt guer näischt doriwwer gezielt.

An da si Saachen, déi mech wierklech e bësse gestutzt hunn. Dat ass, den neien Direkter soll Sekretär vum CA Esch2022 ginn. Mengen Informatiounen no war virgëschter de leschten CA Esch2022. Do sinn d'Konte clôturéiert ginn. An da soll en och d'Roll vum Sekretär an de Francofolies maachen an d'Roll vun der Kulturnuecht iwwerhuelen. Den ASBLen, déi elo awer sollen an d'FrEsch integréiert ginn.

Wat soll dat? Wat steet do? Dat mécht guer kee Sënn. Et geet hei ëm den Direkter vun den Affaires culturelles. Et geet net ëm iergendeen, dee mer elo an de Park hei setzen.

An da kënnt déi Saach mat den 18 Punkte vum Connexions-Plang bis 2027 erreechen. Dat ass an dräi Joer. Dat ass e bësse kuerz a mengen Aen. Wat mécht dann déi Persoun duerno? Oder hu mer just e Plang bis 2027 mat där Persoun? Fannen ech och e bësse kuerzootmeg.

Mee vläicht wär et awer do – an dat hat Der am Text long awer gutt gemaach mol –, dass mer eng richteg Kulturentwécklungsstrategie ausginn, an net sou e schéine geblummelegten Text, dee souwisou net bis 2027 wäert erreecht ginn. Do si mer eis jo eens.

An dass mer vläicht eng Kulturentwécklungsstrategie maache mat de lokalen Acteuren en place. An och wann Dir Iech déi ganzen Zäit sot, dass dat sou ass. Schwätzt mol mat Ärer Basis, schwätzt mol mat Äre Kulturassociatiounen, de klenge Veräiner. Déi wäerten Iech soen, dass dat doten net sou ass.

Also mir kënnen Iech just soen, also d'LSAP beneit den neien Direkter net, oder Direktesch net. Mir wënschen em vill Gléck, well dat wäert e brauchen. Ech hat deemools dem Buergermeeschter kee Gléck gewënscht,

well e brauch villméi Kompetenz, fir e gudde Buergermeeschter ze sinn. Do geet Gléck net duer.

Mee ech mengen, hei dem Direkter wënschen ech nieft der Kompetenz, déi en hoffentlech da matbréngt, der Direktesch och Gléck, well dat wäert e brauchen. Well hei gëtt et ze raumen an deem, komm, ech nennen et emol Betrib, fir keen anere Wuert ze soen.

A mir wäerten dat hei natierlech net matstëmmen. Déi Approche ass absolutt diletantesch, deen Text long ass eng Katastroph. Dofir d'Stëmm vun der LSAP wäert Nee sinn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Den Här Schmit an duerno den Här Baum.

*(Interventioun Här Bernard Schmit)*

Äre Mikro ass net un, Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Pardon. Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, an der Kulturzeen hei zu Esch ass jo wierklech, si mer net am rouege Waasser säit scho geraumer Zäit. Dat ass, mengen ech, jiddwerengem Escher bekannt.

Wéi gesot, dat kënnt elo wierklech iwwerraschend déi Creation de poste do vun engem neien Direkter. Ech gesinn dat och, solle mer soen, net positiv. Genausou wéi den Här Faltz hunn ech do meng Bedenken. Och d'Nidderleeung oder d'Nidderschreiwung vun de gewësse Kompetenzen, déi wou deen neie Mann da soll hunn, léisst mech e bëssen dubitativ zeréck.

Natierlech wäerte mir dat heiten och net matstëmmen. Mir géifen, mir wäre souguer frou éierlech gesot, wann eng generell Audit vun alles, wat Ekonomie wär, wou den Här Pim Knaff zoustänneg ass, géif ënnerholl ginn.

Ech weess, do gëtt et e Reviseur. Mee eng extern Audit an deem Fall géife mir als wënschenswäert fannen. Et sinn ze vill kleng Stengercher, déi wou drop kéinten hiweisen, datt vläicht net alles sou geet, wéi et sollt goen.

Dat ass emol meng Ausso zu deem, zu där heiter Saach. Dat däerf een elo net als en Ugrëff gesinn. Ech fannen, datt, wa mer eng Audit géifen zouloossen, dat kéint een nëmme begréissen. A wa se duerno da positiv géif ausgoen, da wär jidderee bestëmmt erliichtert.

Mee an der Kulturzeen zu Esch mat deenen, solle mer soen, ville Leit, déi wou implizéiert sinn, ass et derwäert. Well do läit, do ass vill um Spill, wat ech domat am Fong geholl wëll soen, fir datt Leit mech hei richteg verstinn. Do si vill perséinlech Schicksaler och involvéiert an am Spill. A mir kënnen net éiweg sou weiderfueren.

Do muss wierklech eppes geschéien, wat vill méi Kloerheet an dat Ganzt erabréngt. An déi hei nei Creation de poste geet fir mech an déi aner Richtung. Dat heescht, dat verschaaft net méi Kloerheet, sondern dann ass nach méi Niwwel an där ganzer Saach. An dat ass wierklech absolutt net, wat mer hei kënnen zu Esch gebrauchen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Baum huet d'Wuert, duerno den Här Funck.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Also effektiv, an der Kultur, am Kulturservice ass, mengen ech, awer elo schonn eng Zäitchen den Hick. An ech wëll op d'Joer 2020 zeréckgoen. Do hate mer zweemol hei am Gemengerot d'Propositioun, fir aus dem Chef de service vun der Kultur, wat et deemools war, en Direkter vun der Kultur ze maachen.

Déi éischt Kéier mat ganz ausgibege Kompetenzen, mat Weisungsbefugnis iwwer aner Direkteren. Do hu mer gemeinsam hei festgestallt, datt dat net géif goen. An do ass eng zweet Kéier de Punkt op den Ordre du jour komm, an do hu mer da gesot, oder do ass dann, huet d'Majoritéit dann decidéiert, aus engem Chef de service vum Service Culture en Direkter vun der Kultur ze maachen.

Déi Sëtzung hate mer en Dokument dobäi, wou de Betraffenen eigentlech duergeluecht huet, firwat et sou wichteg wier, datt aus dem Chef de service en Direkter gëtt. An dat kann een alles nolauschteren. Dat war den – ech hu mer et opgeschriwwen, ech hunn et nämlech och nach eng Kéier nogekuckt –, dat war, mengen ech, den 10. Juli, jo genau, 10. Juli 2020.

An an deem Begleitbréif, wat sou eppes wéi d'Motivatiounsschreiwe war, firwat aus dem Chef de service en Direkter soll ginn, stoung dran, wat déi Persoun, de Chef de service, elo net schonn alles géif maachen, datt dat eigentlech en Travail surhumain ass. An dofir sollt en nach méi Responsabilitéite kréien an Direkter ginn.

Ech hunn deemools dogéint getëmmt, well -an ech hunn dat och domadder begrënnt: Mee wann een elo scho komplett iwwerfuerdert ass mat sengen Aufgaben a senge Funktiounen, da kann ee jo net nach weider Funktiounen an Aufgaben a Responsabilitéiten dropleeën. Dofir hoffen ech just, datt déi Persoun net aus Burnout demissionéiert huet, well soss ass de Schäfferot responsabel dorunner. An en ass an enger ëffentlecher Sëtzung do virdru gewarnt ginn, deen dote Schrëtt ze maachen.

Bon, elo si mer dann an der Situatioun, datt effektiv, ech mengen, viru fënnef oder sechs Méint déi lescht Kéier war, datt eng Kulturkommissioun zesummekomm ass. An elo hu mer erëm eng Kéier en Duercherneen, datt am Ufank e Coordinateur ausgeschriwwe gëtt, an dat gëtt dann elo zeréckgezunn.

An elo gëtt en Direkter ausgeschriwwen, wou ech nach ëmmer der Meenung sinn, datt et e Chef de service misst sinn, an net en Direkter. Ech bleiwen do bei menger Meenung vun 2020. An datt awer virun allem, mengen ech, misst gekuckt ginn, mee wéi organiséiere mer déi ganz kulturell Landschaft hei zu Esch.

Et ginn nach ëmmer vill Onkloerheeten, et ginn nach ëmmer vill Situatiounen a Kompetenzen, Iwwerschneidungen, déi och doduerch, datt Esch no Esch2022 gewuess ass, nei Institutiounen – glécklecherweis – dobäi kritt huet. Datt dat alles awer an engem grousse Vide – oder net Vide, mee an engem ganz grousse Fluide, an enger ganz grousser fluider Situatioun ass.

Dofir berouegt et mech effektiv och net, wann ech dann hei liesen – an den Här Faltz huet dat jo och gesot –, datt déi Persoun, den neien Direkter da soll, datt déi da soll Associatiounen, wéi Esch22, d'Sekretariat iwwerhuelen oder vun aneren Associatiounen, déi eigentlech sollten ofgeschaf ginn an a FrEsch integréiert ginn.

D'Fro stellt sech, mengen ech, awer och an deem Kontext: Déi Persoun, déi demissionéiert huet, déi war, sou wäit ech mech op jidde Fall erënneren, Trésorier, mengen ech, vu FrEsch. Ass déi dat nach elo? Ass se nach Trésorier?

An et weist: Déi Froen, déi sech doduercher stellen, wéi prekär d'Situatioun ass, wa mer alles just iwwer ASBLe probéieren ze geréieren, wou mer da Beamten drasetzen, déi, jo, iergendwéi an enger privater Funktioun dra sinn, an awer iergendwéi an enger ëffentlecher Funktioun, well se weisungsuntergebe sinn dem politesche Schäffen.

Dofir, aus all deene Grënn – an ech hoffen, datt mer awer elo eng ganz Rëtsch Erklärungen nach kréien – wäert ech déi dote Creation de poste als Direkter och net zoustëmmen. Well ech nach ëmmer der Meenung sinn, et misst e Chef de service sinn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. An den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech kommen op deen anere Punkt ze schwätzen. Ech wëll guer net iwwer den Direkteschposte schwätzen, dat ass vu menge Virriedner en long et en large gemaach ginn.

Ech kommen op de Kreatioun vum A2-Posten am Departement des Affaires économiques ze schwätzen. Ech hunn elo nogekuckt, de leschte Gemengerot war deen Departement net betraff vun enger Personalfro, mee déi Gemengeréit virdrun, an ech hat dat schonn eng Kéier gesot, hate mer vill Diskussiounen ëmmer doriwwer.

Allgemeng, wësse mer, firwat dee Posten hei en Upgrade kritt huet? Dofir meng Fro als éischt. An ech begréissen, dass Tester gemaach gi virun Astellungsgespréicher, fir ze cibléieren, ob Leit an Astellungsgespréicher geruff ginn.

Vläicht wär et eng Iwwerleeung wäert, dass een de Conseil de recrutement géif zesummeruffen, fir kënnen iwwer déi Testresultater ze diskutéieren an dann ze kucken, ob ee Leit huet, wa sech da Kandidate mellen.

Den zweete Punkt ass een, deen trotzdeem dann ëmmer nëmme sou an de Budgetsdiskussioune kënnt. A mir sinn elo kuerz virun de Budgetsdiskussiounen, dat ass den ordinäre Budget. D'Personalkäschte ginn ëmmer an d'Luucht: Esou en Upgrade huet och en Impakt op den ordinäre Budget. Ech mengen, Dir wësst et besser wéi ech.

Meng Fro ass relativ einfach, an Dir musst mer och elo keng direkt Zuel ginn – bei leiben. Ech wär just frou, wann ech se eng Kéier géif kréien. Wéi vill där Upgradë sinn an deene leschte fënnef Joer gemaach ginn? A wéi eng Repercutiounen hat dat op de Budget?

Ech mengen, et ass och wichteg, dass mer eng Kéier wëssen, dass mer wëssen, vu wat mer do schwätzen. An dass mer och … ech wëll d'Diskussioun vum Organigramm net, wierklech net erëm opmaachen. An Här Zwally, et ass an der Rei, ech zéie mech do ganz kuerz.

Mee et ass wichteg ze wëssen, wéi eng Ressourcë mer in house hunn, a wéi eng Ressourcë mer och nach musse siche goen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee. Gëtt et soss keng Wuertmeldungen?

Ech proposéieren, dass den Här Zwally elo als éischt äntwert. D'Votte maache mer herno getrennt fir déi eenzel Punkten. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Bon, ech mengen, mir sinn hei an enger ëffentlecher Sitzung. Déi hu mer jo dann och virgeschriwwe kritt, an an deem Sënn musse mer eis Decisiounen huelen, wat d'Strukturen ubelaangt.

An deene Strukturen, déi mer zesummen da setzen an déi mer dann och virgeschloe kréie ganz oft vun de Servicer. An och am Zesummenhang mat den eenzele Statutten, déi se ganz einfach brauchen. Ech erënneren ëmmer gären drun, dass mer fënnef verschidde Statutten hunn. An do ass d'Astellungspolitik ënnerschiddlech.

Hei si mer am Beräich vun engem Fonctionnaire, oder virdrun engem Salarié. Do kënne mer eis eng Reegel ginn, wou mer soen, okee, mer versichen elo, doduerch dass mer kee fannen, en Appel de candidatures ze maachen. Mer hunn dat jo schonn oft gemeet.

Haaptsächlech och an den technesche Beräicher, wou mer dann e spezifesche Beruff brauchen, kee fannen, dann ëmswitchen op en Employeur communal, och erëm eng Kéier kee fannen, dann ëmswitchen op e Salarié, well mer dann eigentlech d'Pallette vun deenen, déi mer sichen, déi an engem änleche Beruff schaffen, am selwechte Beruff schaffe villméi, fir dass déi da bei eis kommen, fir déi eenzel Konditiounen da kënne kennen ze léieren.

Ech mengen, dat ass déi Demande, déi de Betrib ganz oft mécht, a mer musse och dorop reagéieren.

Mir hu ganz oft Problemer, wou mer wärend Joren, annerhalleft Joer oder zwee Joer kee fannen a sou Beräicher. An dofir ass, mengen ech, deen Deel vum Appel à candidatures och en Instrument, wou mer da kënne benotzen, fir wierklech eng Persoun oder e Profill ze fannen – ech schwätzen elo mol vun engem Profill, deen eis eppes zouseet.

Am Huis clos hu mer jo eng aner Diskussioun. De Huis clos ass jo wierklech eppes, wou ënnert eis muss diskutéiert bleiwen. Do ginn och déi Demissioune gestëmmt. An am Zesummenhang mat deenen Demissioune sollen och do Froe gestallt ginn, wann eppes net kloer ass.

Dofir fannen ech et ni gutt, wann een hei am Ëffentlechen op eng Demissioun wëll agoen, an dat ass eppes, wat ech eigentlech gären hätt, wa mer dat géifen am Huis clos maachen.

Well hei geet et ëm Persounen, ëm Nimm, och wann ee se net nominativ opzielt. Mee et betrëfft eigentlech en Employé vun eis – ob dat e Salarié ass, oder wien och ëmmer dat ass an deene fënnef verschiddene Statutten. An dat geet eraus an de Public, wat ëmmer ganz geféierlech ass a wat ech och u sech e bëssen inakzeptabel fannen an där doter Diskussioun.

Bon, hei an deem Fall, den Här Faltz huet gesot, déi Affär vun de Postes à responsabilité. Den Direkter ass ëmmer e Poste à responsabilité. Dee kritt dofir och eng Extraprimm. Dat muss kloer sinn. Wann een d'Funktioun vum Direkter oder vun iergendengem hëlt, dat ass natierlech eng aner Iwwerleeung. An do si scho vereenzelt Primme mat dran, ouni dass een déi brauch ze stëmmen. Deen huet déi an deem Ganzen.

Hei an deem ass sécher … mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass, an dofir hu mer jo och de Support kritt vun der Delegatioun vun de Fonctionnairen, dass mer sollen op de Wee goen, fir dat doten auszeschreiwen.

A mir wäerten eis och do net entzéien, wa Kandidaturen erakommen, déi an dem selwechte Beräich leien, a se si recevabel, dass

natierlech och do e Conseil de recrutement zesummgesat gëtt. An da wäert och doriwwer gekuckt ginn, wien passt a wien net passt. Ech mengen, dat ass déi Struktur, déi mer an allem uwenden, wann et ëm déi fënnef Statutte geet. Do maache mer keng Ausnam.

Mir hunn och emol, an dat wësst Der och alleguerten, dass mer mol intern mussen ausschreiwen op verschidde Posten. Haaptsächlech bei de Salariés manuels, do schreiwe mer intern aus, fir dass och jiddwereen do d'Chance kritt, fir sech kënenn an engem bestëmmte Beräich erëmzefannen.

Do changéiert net allze vill a senger Funktioun. En Agent polyvalent bleift en Agent polyvalent, ob en an iergendengem Service X oder Y ass. Dat spill kee Rullo. E ka sech do mellen an e kritt dann d'Chance, fir sech ze verbesseren. An dat ass dann eng intern Ausschreiwung, déi mer maachen.

Mir maachen déi och oft op engem aneren, an engem anere Statutt. Do sinn och Leit, déi sech mellen, well se ganz einfach och wëlle mol e Changement maachen, wat och wichteg fir si ass. Et ass net jiddwereen, dee säi Liewe laang wëll ëmmer op enger Plaz an engem Service wëll bleiwen. Déi froen och heiansdo, fir kënnen dat dann ze maachen.

A wa mer dann do keen Erfolleg hunn, maache mer, wéi mer et ëmmer maachen, da gi mer och extern ausschreiwen. An dat ass dat, déi Prozedur, déi eigentlech intern applizéiert gëtt an all deenen Diskussiounen, wou mer versichen, neutral ze bleiwen.

Neutral och par rapport zu de verschiddene Statutten, Fonctionnairen, déi mer hunn. Well et ass net evident. Ech kann ëmmer soen, wann zéng Leit beienee schaffen a se hu fënnef verschidde Statutten, dat gëtt näischt.

Mir versichen do ëmmer global an engem Statutt ze bleiwen, an enger Karriär ze bleiwen, well dat ganz wichteg ass. Well à court an à longue durée da gëtt iergendwou dat ëmmer e bësse Kaméidi, well deen een e bësse méi verdéngt wéi deen aneren. Dofir versiche mer och ëmmer, ganz neutral doranner ze bleiwen. An och deementspriechend eis Astellungspolitik deementspriechend ze maachen.

Den Här Funck hat nach eng Fro. A, mat den Upgraden. Déi hunn ech elo net direkt hei, kann ech lech awer ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier soen, dass mer vun Ufank un ëmmer gesot hunn, 2017, respektiv 2018, dass mer gesot hunn a mer och festgestallt hunn, dass mer qualitativ wollten eppes änneren an de Servicer.

An ech mengen, dat hu mer och erreecht. Well dat och d'Demande war vun de Servicer. An do sinn natierlech elo och Leit, déi laang op hir Karriär gewaart hunn, fir kënne sech weiderzeentwéckelen, déi dann kënnen op den INAP goen, hir Tester maache goen. Wéi zum Beispill Redakter B1 an den A2 eran.

Alles dat si jo d'Méiglechkeeten, déi gi sinn, fir e Changement de carrière ze maachen. Dat sinn och déi Upgraden, déi dann eigentlech kommen. Well dat och den normale Wee ass, andeem mer dat applizéieren, fir dass d'Leit zefridde sinn.

Mee ech wäert dat erausschreiwe looossen an da kitt Der dat zougeschéckt. Okee? Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally.

Ech wëll einfach nach eng Kéier awer e bëssen op de Prinzipp agoen. Wa mir hei sëtzen, dann ass dat e Choix, dee mir getraff hunn, fir eis

fir e politescht Mandat ze mellen. Domadder verbonnen och eng gewëss Expositioun, déi mer hunn, par rapport zu eisen Iwwerleeungen, par rapport zu deem, wat mer maachen. A wou dann och doriwwer hei kann diskutéiert ginn.

A wou mer wëssen, dass mer vläicht muer d'Zeitung opmaachen a moies dra liesen, wéi iergendeen dat bewäert, wat mer grad maachen. Dat ass eise Choix, mengen ech.

Mir hunn hei eng ganz Rëtsch Mataarbechter op der Escher Gemeng. 1.450.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

51.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

51.

Fir vill vun deene war dat net de Choix, fir deen dote Schrëtt ze maachen, fir dass public iwwer d'perséinlech Situatioun duerno geschwat gëtt, fir dass public iwwer Demissioune geschwat gëtt. Dowéinst fannen ech, dass dat och net d'Plaz ass, dass mer dat hei oder och soss thematiséieren.

Dat heescht, ech mengen net, dass iergendeen hei an enger ëffentlecher Sëtzung elo muss iergendeen, deen demissionéiert, hei op dëser Plaz mer musse par rapport zu deem senger Demissioun huelen, par rapport zu deem sengem Choix drop äntweren oder Froe ginn. Dat wäerte mer och an Zukunft net ginn.

Ech wëll Iech awer och soen, dass mer och scho kontaktéiert goufen, notamment vun Delegatiounen, déi sech un de Schäfferot geriicht hunn a gesot hunn, et ass keng gutt Evolutioun, wann iwwer eenzel Mataarbechter vun der Gemeng an dëser Ronn hei geschwat gëtt, wann eenzel Nimm falen. A si sech eigentlech och erwaarde par rapport zum Schäfferot a par rapport zum ganze Gemengerot, e gewësse Schutz.

Mir hunn eis Responsabilitéit. Déi droe mer gären. Jiddereen dréit seng Responsabilitéit op senger Plaz. Mee mir hunn hei eng Plaz, wou mer diskutéiere mateneen, wou mer eis an d'A kucken, a wou mer net d'Leit solle mat eranzéien, déi net heiruner kënnen deelhuelen, oder wëllen deelhuelen.

Wann alles gesot ass, kënne mer au vote goen. Ech proposéieren, dass mer dann eenzel ofstëmmen. A mer fänke mam éischte Posten un, dat ass dee vun den Affaires économiques.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☰ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Ze onduerchsichteg gëtt mer deen Dossier elo. An ech ka mech einfach net do duerchréngen, fir an deem heiten Dossier op jiddefalls mat Jo ze stëmmen. A sou wäert ech hei an der ganzer, hei éischter d'Tendenz hunn, eng Abstentioun ze maachen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Da komme mer bei de Posten an der Kultur, den Direkterposten. Au vote.

☒ **Enesa Agovic**
☒ **Marc Baum**
☑ **Pascal Bermes**
☒ **Liz Braz**
☑ **Tammy Anna Broers**
☑ **Bruno Cavaleiro**
☒ **Steve Faltz**
☒ **Ben Funck**
☑ **Pierre-Marc Knaff**
☒ **Sacha Pulli**
☑ **Mandy Ragni**
☑ **Dejvid Ramdedovic**
☒ **Bernard Schmit**
☑ **Daliah Scholl**
☑ **Meris Sehovic**
☒ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
☑ **Christian Weis**
☑ **Joy Weyrich**
☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da proposéieren ech, dass mer d'Decisions de classement zesumme stëmmen. An d'Reductions de stage kënne mer, mengen ech, och matstëmmen. Ech kucken lech. Au vote.

☑ **Enesa Agovic**
☑ **Marc Baum**
☑ **Pascal Bermes**
☑ **Liz Braz**
☑ **Tammy Anna Broers**
☑ **Bruno Cavaleiro**
☑ **Steve Faltz**
☑ **Ben Funck**
☑ **Pierre-Marc Knaff**
☑ **Sacha Pulli**
☑ **Mandy Ragni**
☑ **Dejvid Ramdedovic**
⊜ **Bernard Schmit**
☑ **Daliah Scholl**
☑ **Meris Sehovic**
☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
☑ **Christian Weis**
☑ **Joy Weyrich**
☑ **André Zwally**

## 7.1. Compte administratif pour l'exercice 2022 ; décision

## 7.2. Compte de gestion pour l'exercice 2022 ; décision

## 7.3. Rapport de vérification pour l'exercice 2022 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de siwente Punkt. Da komme mer bei d'Finanzen, wou mer d'Konten an och de Rapport de vérification ze stëmmen hunn. Ech ginn duerch déi dräi Punkten zesummen duerch an da kënne mer herno decidéieren, ob mer dat getrennt wëllen ofstëmmen.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, mir kommen dann elo zu de Konte vum Exercice 2022. D'Eckdaten heivunner si follgend: Am uerdentlechen Deel ziele mer Recettë vun 227 Milliounen Euro an Depsensë vun 186 Millounen Euro. Heirauser ergëtt sech en Iwwerschoss vu ronn 40 Milliounen Euro. Rechent een de Boni vun de Konten 2021 dobäi, kënnt een op e Gesamtiwwerschoss vun 134 Milliounen.

Bei den ausseruerdentleche Recettë sti mir bei 9 Milliounen Euro a bei den ausseruerdentlechen Depensë bei 113 Milliounen. Fir dass d'Konten dann opginn, maache mer en Transfert vum uerdentlechen an den ausseruerdentleche Budget vun 103 Milliounen. An d'Resultat vun de Konten 2022 ass also e Boni vu generell 30 Milliounen Euro.

D'Politik interesséiert sech virun allem fir déi administrativ Konten an de Verglach tëschent dem initialen extraordinäre Budget an den extraordinären Ausgaben an de Konten. Am initiale Budget 2022 waren extraordinär Ausgabe fir ronn 174 Milliounen ageschriwwen, wat bis dohin den héchsten Invest an der Stad Esch war, deen et iwwerhaapt jeemools gouf.

113 Millioune goufen dann och tatsächlech investéiert. Och dat ass dann an tatsächlechen Zuelen en absolutte Rekordinvest. Wann ech op d'Joren 2010 bis 2020 zeréckkucken, huet den Invest vun 2022 sech quasi dräimol erhéicht. En ass dräimol méi héich ginn.

Och wann ech elo kee grousse Fan vu Réalisé-Rechnunge sinn, well d'Opgoen heivunner vu verschiddene Facteuren ofhänkt, wou mir emol méi, emol manner dovunner hunn, wou mer awer och selwer kéinten zum Beispill deemno wou mer et aschreiwen, ob mer an den Rectifié eppes aschreiwen, oder eppes an den Initial aschreiwen, och selwer kéinten déi Pourcentagen eropdrécken, wa mer dat als Politiker wëlle maachen, hunn ech awer d'Rechnung maache gelooss.

An hei ass et sou, dass de Réalisé zum Budget initial bei 54 % läit, wann ech d'Reporte vum Virjoer mat consideréieren, a bei 66 % ouni Consideratioun vun de Reporten. Dat ass den héchste Réalisé zanter der Gemengefinanzreform.

Et ass esou, dass en och vergläichbar ass mat de Jore vu virun der Finanzreform, an och do deelweis driwwer loung. Natierlech waren deemools virun der Finanzreform d'Chiffere bedeitend manner héich, wéi se elo de Fall sinn. Dann ass et sou, dass de Réalisé par rapport zum Budget rectifié bei 82 % läit. Dat ass och den zweethéchsten iwwerhaapt, dee mer haten.

Ech hu gesot, dass de Réalisé vu verschiddene Facteuren ofhänkt, ech weess awer, dass dat hei ëmmer eng Diskussioun ass. Ech ginn Iech awer e Beispill; et ass ganz einfach: Dass de Réalisé an deene Jore méi héich ass, wa gréisser Projeten net nëmme méi an der Planung sinn, mee wa se an der finaler Ëmsetzung sinn, an dann och déi méi déck Rechnungen erakommen. An dat war notamment och 2022 de Fall.

Den héchsten Deel vun deem ganzen Invest, deen ass an d'Schoulen an an d'Maison-relaise gaange mat 26 %. Dat waren ënnert anerem d'Chantiere vum Wobrécken-Campus oder d'Phas 1 vun der Bruch-Schoul, awer och zum Beispill d'Acquisitioun vun der Maison relais Groussgaass.

Fir d'Kulturjoer goufe verschidde Projeten am Joer 2022 fäerdeg, firwat 22 % vun den extraordinären Ausgaben och an d'Kultur gaange sinn. Ech denken hei u Beispiller wéi d'Bridderhaus oder den Ariston oder awer och d'Renovatioun vum Resistenzmusée, wou an der deierer Phas ukomm war.

Ech kéint och nach a punkto Logement zum Beispill d'Invester an de 6N an de 7N eraus, jo, déi kéint ech och ernimmen.

Iwwer d'Comptes de gestion ginn ech eriwwer ewech – dat ass en technescht Dokument, dat vum Receveur opgestallt gëtt, an ech vertrauen och deem senger Opstellung –, fir da bei de Rapport de vérification fir den Exercice 2022 ze kommen.

Do war de Contrôle vum Interieur wéi all Joer och am November 2023 zéng Deeg hei op der Gemeng, fir d'Conformitéit vun eiser Finanzgestioun ze préiwen, woubäi e Rapport mat aacht Remarken erauskomm ass, zu deene mir hei Stellung bezéie mussen.

Ech soen am Viraus, dass aacht Remarken am Verglach zu anere Rapporten, déi ech scho gesinn hunn, wierklech iwwerschaubar ass an e gutt Resultat dann ass.

Zu de Constaten. Den éischte Constat, dat ass deen, dass mer nach ëmmer keng Tax op eidelstoendem Wunnraum ophiewen, sou wéi dat virun entre-temps zwielef Joer decidéiert gouf, mee ni applizéiert ginn ass.

D'lescht Joer hunn ech hei annoncéiert, dass mer intern géinge préiwen, wat mer en place misste setzen, fir dës Tax opzehiewen, respektiv wéi mer d'Reglement missten upassen, oder ob mer d'Tax eventuell souguer entschäerfe missten; wat eis elo politesch net géing gefalen a fir eis och e bësse mat engem Krittär verbonne wär, eppes anescht en place ze setzen, respektiv d'Regierung da mat hirer Tax géing virukommen.

Dës Analys an déi Diskussiounen, a wéi wäit dat misst ëmgeännert ginn, eist Reglement misst ëmgeännert ginn, dat leeft am Moment nach. Eis zwee Juristen hu schonn dorobber geschafft a sech ausgetosch. Och verschidde Servicer hu schonn hir Retoure ginn. Ech kann och gären eng Kéier dorobber an enger Kommissioun an den Detail agoen.

Gläichzäiteg hu mer awer och an der Prise de position formuléiert, dass mer vun der Regierung erwaarden, dass si zäitno zu dësem Punkt am Koalitiounsaccord eng Léisung fannen an e passende Gesetz a Legislatioun presentéieren op nationalem Niveau.

Den zweete Constat betrëfft d'Facturatioun vum Waasser fir den Horeca-Secteur. Hei ass d'Schwieregkeet déi, dass grad am bestoenden Esch an den eeleren Haiser et keng verschidde Compteure gëtt an dofir och separat eng Verrechnung aktuell net méiglech ass. D'Servicer sinn amgaangen, probéieren, hei eng Léisungspropos ze formuléieren.

Wat de Loyer fir d'Paschtoueschhaus betrëfft – dat ass en drëtten Constat –, ass et esou, dass eis Juriste gutt virukomme mat der Opstellung vun engem Akt tëschent dem Kierchefong an der Gemeng, déi alleguerten d'Besëtzverhätnisser tëschent Kierch an dem Staat soll klären.

D'Opstelle vun dësem Akt ass duerchaus komplizéiert, well et iwwer Joerzéngte Vermëschunge gouf tëschent Terrainen oder vun Utilisatiounen oder Gebaier carrement, wou dann emol eppes hin an hier gaangen ass, ouni dass dat ëmmer formuléiert gouf an Dokumenter. Respektiv et ass och sou, dass, wa Rechnungen opkomm sinn, wou mol eng Kéier deen ee bezuelt huet, obwuel en dat net hätt misse maachen, an da mol deen anere bezuelt huet, obwuel dat net a senger Zoustännegkeet war. An all dat wäert elo an engem Akt zesummegeschriwwe ginn.

Ech krut gëschter nach d'Confirmatioun, dass iwwer déi grouss Linne sech gëeenegt gouf an dass et elo nach ëm e puer Detailfroe

geet. An an deem Akt ass och virgesinn, dass mer de Loyer réckwierkend op d'Gesetz tëschent Trennung vu Kierch a Staat mat arechnen.

Och do kënne mer an d'Kommisioun virkommen, fir eng Kéier de Stand an der Kommissioun virzestellen.

An dann ass opgefall, dass mer kee konformt Taxereglement fir de Raccordement un de Sanitärreseau hunn, sou dass mer och hei mussen dat Reglement upassen. An da gëtt et nach verschidde finanztechnesch Constaten, déi formuléiert goufen. Zum Beispill een, dass tëschent de sëllegen Dossieren een Dossier net komplett war.

Ech hunn nach nogefrot, do feele keng finanziell Pièecen, mee et ass ëm Kopië fir Deliberatioune gaangen, déi do gefeelt hunn.

An dann ass et och esou, dass eis Finanzservicer sech grad mat engem neie Computerprogramm opstellen, fir grad d'Gestioun, fir de Flux vun de Rechnunge besser ze geréieren an dann och eng Kontroll, dass sou Situatiounen net méi virkommen, fir deene besser entgéintzewierken.

An dann hu mer nach eng Falschbuchung, wou et ëm eng, wou et eng falsch Aschreiwung an de Konte gouf wéinst enger Trap, déi um Fussballsterrain zu Lankelz gemaach gouf. Genausou wéi dass mer och mussen an den zukünftege Budgeten d'Kautiounen ënner enger anerer Form aschreiwen.

Éier ech awer elo d'Ronn opmaachen, wéilt ech dann nach eng Kéier ofschléissend all eise Mataarbechter an de Finanzservicer Merci soe fir hir gutt a prezis Aarbecht. Ech suivéieren dat, wat se maachen.

An et fält mer einfach ëmmer erëm op, dass si total ugewise sinn op d'Informatiounen an op d'Demarchen an d'Elementer aus den anere Servicer, oft mussen, ech wëll net soen hannendru lafen, mee oft mussen zweemol nofroen, fir dass se dann och déi Kontroll an op déi richteg Plaz dat kënne buchen, wou wat hinzebuchen ass.

Dat kascht heiansdo Nerven, mee si behale se nach relativ gutt. An dowéinst ginn ech hinnen dann och dee Merci gäre weider.

Gëtt et elo Wuertmeldungen heizou? Okee, den Här Faltz, den Här Ramdedovic, den Här Baum. Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech verstinn e bëssen, dass Der natierlech Iech do gären op d'Schëller klappt. An et ass jo richteg, dass dat 2022 jo och e bëssen e speziellt Joer war, well d'Investitioune jo och héich waren.

Ech wéilt awer vläicht e bëssen emol dorop zeréckkommen, dass leider Gottes sou déi Konten sou um Punkt 7, iergendwou um Enn, am Abgang vun engem Gemengerot kommen, well ech fannen, dass dat Dokument net vläicht an deem Moment e bëssen ënner Wäert geschloe gëtt.

Well et ass jo dann awer eppes, wou Dir sou gutt da wéi mir als Oppositioun eis kënnen e bësse mam Reellen, wat dann ëmgesat ginn ass, auserneesetzen. An et kann een da jo elo soen, dat ass Moutarde après dîner, mee et wär jo awer zum Beispill flott, wann ee kéint sou den ... okee, ech weess, dass dat zäitlech net geet, fir d'Konte mam Rectifié, also mam Rectifié vun dësem Joer mam Budget vum nächste Joer, sou einegermoossen iwwergängleech kënnen ze presentéieren.

Sou, mir entschëllege jo dat vum leschte Joer, mir rectifizéieren dëst Joer a mir presentéieren

d'nächst Joer, hätt jo sou kënnen esou e klengen – ech weess, dass et zäitlech net geet –, mee sou kéint ee jo e bëssen eng Evolutioun dra gesinn.

Mee ech mengen, wat virun allem awer hei wichteg ass, dat ass, dass een awer dee Message, deen awer aus deem Budget, aus deene Konten hei eraus geet, dass een deen awer matgëtt.

Dir schwätzt natierlech do vun héije Realiséen an den héije Posten, mee et soll een awer vläicht emol déi Posten, déi, a), reell wéineg Suen, an, b), och ganz ganz schlecht realiséiert goufen, dass een déi awer net soll elo hei ënner Wäert schloen.

Zum Beispill ass – an ech weess, et ass en Häerzenstheema ass – de Logement. De Logement ass 2022 … okee, mir gi jo héchstwarscheinlech dovunner aus, dass dat déi Sue sinn, fir eise Leerstand, respektiv eise Renovéierungsstau opzeléisen, dass dat d'office emol nëmmen 2 % vum Budget ausgemaach hunn an dass mer manner wéi ee Véierel vun deenen 2 % realiséiert hunn. Dat heescht, mir hunn 1 Millioun dat Joer an eise Leerstand, an eise Renovéierungsstau investéiert.

Mir hunn, d'Espace-verten hunn och wéineg reelle Budget; manner wéi een Drëttel realiséiert. Zirkulatioun, Stroossebau, manner wéi 50 %, genau wéi de Kanal. An dat sinn awer fir mech Invester, déi fir eis Escher alleguerten equivalent notzbar sinn. Wann een de Logement hëlt, si souguer déi, déi et wierklech verdéngen a mussen hunn, souguer nach méi wichteg.

Mee am grousse Ganze sinn dat awer déi Invester, wou et awer wichteg wär, an nächster Zukunft méi konsequent ëmzegoen, also Suen investéieren, an och déi konsequent ëmzesetzen. Här Sehovic, Dir wësst et, am Moment hu mer eng Vitesse de croissière am Stroossebau vu 500 Meter d'Joer.

Esch huet 75 Kilometer Stroossen, dat heescht, mir brauchen 150 Joer, fir alleguerten eis Stroossen iergendwann eng Kéier neizemaachen. Dat ass elo net, dass ech … dat kann ech lech elo hei virgeheien, mee ënnert dem Stréch ass et eng Zuel, déi gräift.

Dat heescht, do misste eng vill vill vill méi héich Vitess misste mer aschloen. A mat där Vitess, wou mer déi Stroossen, déi jo dann urbane Raum bedeiten, och richegen Urbanismus maachen.

Mir waarden elo schonn eng hallef Éiwegkeet op déi Uelzechtstrooss. Déi ass 2023 mat vill Pomp fir d'Wale presentéiert ginn – mee mir kucken. Mir kucken d'Kanalstrooss, wichteg Strooss. Mir kucken d'Groussgaass, wichteg Strooss. D'Place des Remparts, immens.

Wat maache mer? Mir investéieren e puer Blummendëppen dran, maachen e puer Gummispolleren dran an da soe mer, dat wär Urbanismus. Dat ass net de richtege Wee.

An dat ass meng Ufro hei elo fir vläicht den nächste Budget: Wannechglift, komm, mir investéieren eng Kéier richteg emol Suen an de Raum. Mir héieren, ganz am Ufank de Punkt 2 hu mer héieren, d'Rout Lëns, pardon, net d'Rout Lëns, d'Metzeschmelz – awer och d'Rout Lëns –, wéi mer mat grouss urbanistesche Biller schaffen, mat grousse Wierder, mat grousse Gruppen, wou mer eng Zukunftsvisioun wëlle plangen. An d'Stéifkand bleift ëmmer erëm den Escher Zentrum – allkéiers erëm. Mee mir kucken.

Ech huelen un, vum ville Kucken hu mer vläicht de Groe Star, mee mir kommen net weider. An dofir, wannechgelift, ech wär frou, wann an Zukunft net nëmme géifen, wann an d'Strooss investéiert gëtt, massiv Suen an eng Trainings,

an de Parvis vun enger Trainingshal investéiert ginn, mee mol konsequent an den Zentrum. Mir kucken dat hei schonn zënter 2017 no, wou Der sot, Dir géingt am Zentrum konsequent investéieren. A bis elo ass dat eenzegt, wat geschitt ass, ass d'Zenon-Bernard-Strooss.

Voilà, dofir mäin Usproch un Iech: Wannechgelift, mir hunn, an zéng Deeg héiere mer eppes. An dofir wär ech frou, dass mer mol géifen an d'Substanz investéieren, an net nëmmen an Architektur an an Evenementiel. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Ramdedovic wannechgelift.

Här Ramdedovic, de Mikro wannechgelift.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de Buergermeeschter ganz gutt de Konte fir de Joer 2022 erkläert huet. Ech wäert Iech e puer Vergläicher iwwer den aussergewéinlechen Ausgaben an de leschten zéng Joer antëscht dozou ginn.

Am Joer 2022 hu mir de beschte Realisatiounquot vum Budget réalisé an de leschten zéng Joer erreecht mat 82 %. 82 % ass de Prozentsaz tëschent dem Budget rectifié vun 137 Milliounen an de Konte fir 113 Milliounen.

Hu mer och de Realisatiounsquote fir Budget initial. Do war 54,2 %. Dat ass de Prozentsaz tëschent dem Budget initial vun 173 Millioune plus Report vum leschte Joer, dat war 2021, vu 35 Milliounen. D'Zomm war 208 Milliounen. A vun de Konte vun 113 Milliounen.

D'Moyenne zënter 2012 bis 2022 ass ongeféier 67,4 %, déi Realisatioun kruten am Budget rectifié. D'Joer 2015 war de Budget rectifié déi kléngsten an de leschten zéng Joer mat der Zomm vu 46 Milliounen Euro. An 2022 war de Montant dräimol méi grouss, bei 137 Milliounen Euro.

Tëschent 2019 an 2020 kënne mir déi gréisst Erhéijung vu Realisatiounsquot vum Budget rectifié vun 64 % op 79 % gesinn. Also de Budget rectifié geet vu 66 Milliounen an 2019 op 100 Milliounen an 2020.

Wéinst de Covid am Joer 2021 ass de Realisatiounsquot am Budget réalisé ëm méi wéi 110 % op 67 % gefall. Vun deem Budget rectifié och stabill war, erop vun 100 Milliounen op 115 Milliounen, a fir den Héichpunkt an dem Joer 2022 mat 137 Milliounen Euro ze reechen.

Wéi mir all wëssen, war de Joer 2022 e Joer vun der Projet Kulturville Esch22 an d'Kreditter am héijen Niveau waren. Perséinlech, ech si ganz optimistesch fir den nächsten dräi, véier Joer, well mer eis aktuelle Projekten ofgeschloss hunn an eise Budget stabiliséieren. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Ramdedovic. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm d'Comptes de gestion an d'Comptes administratifs. De Gestion ass effektiv, wéi Der gesot hutt, deen, datt een eigentlech seet, de Receveur huet seng Aarbecht gemeet, an den administrativen ass de politschen, dee mer hei diskutéieren.

Den Här Faltz huet effektiv ganz zu Recht gesot, datt een dee Réalisé – och wann Der sot, et ass den héchsten zënter der Aféierung vun der Gemengefinanzreform –, ass awer nach een, wou ee sech als Escher Gemeng awer ganz seriö muss soen, do ass awer nach Sputt no uewen. An zwar ganz vill Sputt no uewen.

Evidenterweis wäert e Réalisé ni 100 % erreeche kënnen, well dat hänkt jo domadder un, wéini e Chantier ufänkt. Sou dat, déi Saache kann een natierlech net honnertprozenteg agesinn, am Viraus wëssen.

Mee awer, 54 % ass awer nach ëmmer ënner der Moyenne vun eisen Nopeschgemengen. An ech mengen, datt dat eigentlech och en Impakt op d'finanziell Situatioun vun der Stad Esch huet. An ech géif mer wënschen, datt mer méi Scholden hätten als Escher Gemeng, a mir hätte vill méi Saache scho realiséiert.

An dofir ass d'finanziell Situatioun vun der Escher Gemeng am Fong guer net schlecht am Géigesaz zu deem, wat sou dacks erzielt gëtt, oder eis probéiert, wäissgemeet ze ginn. An dat kënnt awer dohier, datt zwar riseg Zommen, och vun EmpErunten, ëmmer erëm ageschriwwe ginn, awer an de mannste Fäll gezu ginn, well déi Saachen eeben net realiséiert gi sinn.

An dann – den Här Faltz huet do e bëssen d'Feinanalys gemeet. Effektiv, d'Stéifkanner, oder eent vun de Stéifkanner ass nach ëmmer de Logement, respektiv d'Voirie, wou mer net séier genuch virkommen. An dat huet effektiv mat all deene Froen ze dinn. An do muss sech d'Gemeng oder de Schäfferot awer och d'Fro stellen, firwat dat sou ass.

Ass et sou, well et keng Prioritéit ass fir de Schäfferot respektiv seng Servicer? Oder huet et domadder ze dinn, datt innerhalb vun de Servicer, datt ee muss kucken, eng aner, méi straff Organisatiounsform ze kréien, fir datt een déi Projeten, déi ee sech virhëlt, och kënnen duerchgesat ginn?

Et wäert Iech net wonneren, ech ginn awer och nach eng Kéier op ee Punkt an. Nämlech dat, wat den Interieur eis da schreift iwwer de Rapport de vérification. An den Interieur selwer schéngt, wann ee sech dat uliest, och ëmmer méi midd ze ginn, well se schreiwen ëmmer dat selwecht. An dat zënter Joren.

A se soen dat och zënter 2015, 2016, 2017, 2018, 2019, 2020, 2021 schreiwe se all Kéier, datt de Schäfferot déi Tax endlech muss ophiewen. Oder awer, e muss se reforméieren oder ofschafen. Mee eng Tax, déi votéiert ass an en vigueur ass: Et ass keng Optioun, ob ee se ophieft oder net. Et muss ee se ophiewen!

An den Interieur –d'lescht Joer war et fir d'éischt, an dës Kéier huet en dat nach eng Kéier widderholl – ass och relativ sec doranner. „Dans ce contexte, l'attention des responsables communaux" – also de Schäfferot – „est attiré sur l'article 164, la loi communale, qui dispose que les bourgmestres et échevins peuvent être déclarés personnellement responsables des recettes qui n'ont pu être recouvrées par leurs fautes."

Dat ass schonn, dat ass schonn zimmlech hefteg, fir dann zur Konklusioun ze kommen: „Les responsables communaux sont invités avec insistance à régulariser la situation."

Also als Lénk ass dat jo e Punkt, wou mer ëmmer erëm drop zeréckkommen, an ech ka mech der Insistance vum Interieur just uschléissen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Also ech wollt agoen natierlech op d'Remark par rapport zum Logement, wou vun deenen 2 %, déi nach ënnerbuede gi wieren, wa mer bei deene Prozentrechnunge sinn, awer dorop agoen. Obwuel dat natierlech zu enger anerer Mandatsperiod war.

Awer et ass e Rechefeeler, deen huet och den Här Dax zu senger Zäit ëmmer erëm hei, wann en zu deem do Punkt geschwat huet, hei an der Ronn gemaach. Also, 13 % vun deem dote Budget hunn de 6N an de 7N ausgemaach, wou Logement entstanen ass. An de Logement ëmmer nëmmen dann op déi dote Prozentzuel do ze fixéieren.

Ech mengen, datt ech de Problem einfach sou léisen an dass mer dee Problem schnell geléist hunn an den nächste Joren, well iergendwa wäert de 6N an de 7N net méi dra sinn. Dann ass de Projet Nonnewisen net méi sou dran. A wann einfach dat dann d'Léisung ass, fir net déi do Diskussioun ëmmer erëm mussen ze féieren, dass mer dann de Logement als Global drasetzen, dann ass dat eng technesch Léisung, déi mer kënnen do aféieren.

Well tatsächlech ass awer de Fall, dass 13 % vun de Konten a vun den Invester dann awer d'Nonnewise mat betraff hunn. Plus nach zousätzlech e puer – natierlech net sou en héije Pourcentage – Montanten, wou dann de Rescht vum Logement betraff hunn.

Da wëll ech nach soen, dass mer ganz gären och kënnen d'Konten an engem nächste Joer op enger anerer Plaz kënne placéieren am Ordre du jour, wann dat eng Demande ass. Dat ass kee Problem.

Dee Verglach ze zéie par rapport mat den Initial, Rectifié, de Budget 2025 a sou weider. Dat geet hei natierlech iwwer eng länger Breetspan. Mee wann Der awer fir de Budget oder fir d'Budgetsdiskussiounen een dee Besoin huet, da kritt een awer all déi Informatiounen an déi Vergläicher, déi Tabellen ëm sou vill Joer zeréck, wéi ee se gären hätt, bei eise Finanzleit. An da kann ee gären nofroen.

Ech weess net, ob den Här Sehovic nach eppes ... O, ech hunn den Här Schmit vergiess. Wéi konnt dat geschéien? Här Schmit, Dir hutt d'Wuert. Et deet mer leed.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hale mech och ganz kuerz dës Kéier.

Mir hunn enger Kéier hei vun den Zuele geschwat am Fong geholl, an och vum Pourcentage vum Réalisé. Wéi Der dat jo och gesot hutt, hat dat gewëss Erklärungen, wou een deelweis da ka verstoen. Mee mir sinn trotzdeem op 54 %. An do ass e bëssen, huet een d'Gefill, e Manque de serieusité, wou hei ëmmer erëm matspillt.

Den Här Baum hat och gesot, eis Situatioun, wat d'Schold ubelaangt, wou ech jo, solle mer soen, ëmmer relativ direkt drop hikucken. Dat wäert wuel iergend wéi eng Beruffskrankheet sinn, mee bon.

Déi wär dann doduerch, datt de Réalisé am Fong geholl net sou grouss ass, wär deen natierlech och sou, géif net sou an d'Gewiicht falen. Wat wouer ass. Trotzdeem – wéi gesot, do kommen ech erëm op de Punkt vun der Serieusité.

Et ass net gutt, de Leit alleguerten, oder souguer mir selwer, Angscht ze maache mat enormen Zuele vun Emprunten, an duerno nëmme 50 % dovunner ze realiséieren.

Da brauch een de Leit guer net Angscht ze maachen, fir unzefänken.

Ech weess, et ass ëmmer eng Diskrepanz, mee 54 % Réalisé, dat ass net näischt. Also d'Diskrepanz ass ze grouss. 46 % Diskrepanz ass wierklech ze vill. Egal wat fir Erklärungen datt Der dozou ginn hutt. Dat muss ech awer leider soen.

Ech hoffen, wéi gesot, elo kommen nach ganz vill Budgetsdiskussiounen. Ech ralliéiere mech och u mengem Virgänger, engem vu menge Virgänger, dee wou gesot huet – an Dir hutt et jo och selwer unerkannt –, datt dee Punkt hei méi, solle mer soen, Aufmerksamkeet verdéngt, wéi just um Schluss vun enger Sitzung stattzefannen.

An do muss och, mengen ech, méi am Detail doriwwer geschwat ginn an och méi Erklärunge kommen, wisou et zu deenen Diskrepanze kënnt.

Wat d'Schold ubelaangt, wäert ech trotzdeem am nächste Budget ganz gutt drop oppassen, wéi vill datt virgesinn ass. Denn, wann een eis e Budget virleet, wou ee virgesäit, datt een enorm vill an d'Tut gräift, also Scholde mécht, dann ass dat fir mech en Alarmzeechen.

An och wann een dann duerno, gottseidank, manner Suen ausginn huet, ass dat, solle mer soen, trotzdeem im Endeffekt net esou einfach ze erklären. An do soll een net esou einfach doriwwer kucken. Et ass scho ganz wichteg, wat ee fir Schold virgesäit am Budget.

A wéi gesot, dat kënnt elo gläich, déi Diskussioun. Dir kënnt sécher sinn, datt meng Aufmerksamkeet speziell op dee Punkt wäert geriicht sinn. Ech soen lech awer Merci. An, jo, dat war et fir mech.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Mee da reagéieren ech awer och nach d'Scholden, wou den Här Baum gesot huet, hien hätt kee Prroblem, wann et der méi wieren, wou Dir awer elo sot, dass Dir ganz gutt dorobber wäert oppassen.

Ech muss lech soen, dass ech net gäre Scholde maachen, mee dass et dovunner ofhänkt, firwat ee Scholde mécht. An et gëtt gutt Investitiounen, wou et absolutt derwäert ass, fir Scholden ze maachen An et gëtt der, wou een zweemol muss iwwerleeën, ob een et wëll maachen.

An dat ass meng Astellung dozou a wäert och an de Budgetsdiskussiounen dann och an d'Presentatioun bestëmmt mat afléissen. Dofir loosst lech net vill vun enger Zuel erféieren oder erschrecken oder Angscht maachen.

Wann elo nach den Här Sehovic eppes wëll soen.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Vläicht als alleréischt als Schäffen, deen an der Reegel ganz zum Schluss vum Conseil communal d'Verkéiersreglementer virstellt, wollt ech awer soen, dass den Ordre chronologique vun de Punkten um Ordre du jour vum Gemengerot net onbedéngt iwwer d'Importenz vun deene Punkten eppes ausseet. Do géing ech elo net ze vill dran interpretéieren.

Et ass ...

*(Ënnerbriechung Här Steve Faltz)*

Et ass schwéier am Endeffekt ze reagéieren op déi eenzel Kriticken, déi elo mol, géing ech soen, éischter de Stroossebau an den Urbanismus ugeet, well ech

wierklech eng Schwieregkeet hunn, fir déi Widdersprëchlechkeet an den Aussoen, déi ëmmer erëmkënnt, vu Conseil communal zu Conseil communal, nozevollzéien.

Engersäits kann ech mech erënneren, dass ech emol an enger Kommissiounsëtzung souz, wou ech virgeheit kritt hu vun der selwechter Säit, et géing een d'Gefill kréien heiansdo, dass mer sou deier bauen iwwerall, dass d'Krinn aus Gold wären.

Haut heescht et, dass, wa mer mat ganz klenge Moyenen am ëffentleche Raum eppes ëmsetzen, dat eng grouss Verbesserung fir d'Biergerinnen an d'Bierger mat sech bréngt, dass dat dann och net duergeet. Ech recommandéieren dem Här Faltz ...

*(Ënnerbriechungen)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

E bësse Calme hei am Sall, wannechgelift. Och hei op menger rietser, wannechgelift. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Ech géing gären dem Här Faltz recommandéieren, eng Kéier sech mam Term vum Takteschen Urbanismus auserneenzesetzen. An ... iwwer dee mer scho geschwat hunn hei am Conseil communal.

An ech rappelléieren och un d'Budgetsried vum Här Buergermeeschter vum leschte Joer, dass .... Et kann ee mat ganz wéineg Moyene ganz ganz vill bewierken. Heiansdo ass less more. An ech mengen, dass mer do op deem Wee ganz sécher sinn.

Engersäits awer och ëmmer erëm d'Remark, dass mer am Chaos versénke wéinst deene ville Chantieren, déi mer zu Esch uschëffen. Op der anerer Säit dann awer haut bemierken, dass mer der net genuch maachen. Wéi gesot, dat si Widdersprëch, do hunn ech meng Schwieregkeet, fir déi opzeléisen.

Et ass reprochéiert ginn, dass den Zentrum d'Stéifkand ass. Ech wëll awer dorop hiweisen, dass mer grad a rezenter Vergaangenheet eng ganz Rei vu Chantiere finaliséiert hunn. An der Zenon Bernard, an der Rue du Moulin hu mer den éischten Deel gemaach, den zweeten Deel, dee kënnt geschwënn. An der Rue du X Septembre, an der Rue du Charbon ass e Chantier amgaangen.

Ënnerwee ass den zweeten Deel vun der Rue du Moulin, ënnerwee ass d'Neimaache vun der Wurth-Paquet, vun der Hoferlin, vun der Petit-Strooss.

An da wëll ech drop hiweisen, dass mer natierlech aktuell verschidde ganz ganz grouss Chantieren hunn, déi vill Ressourcë bannen. Bei eis an de Servicer vill Ressourcë bannen, awer och bei de privaten Entreprisen, a bei allen Acteuren: um Prince Henri, um Boulevard Grande-Duchesse Charlotte, um Hubert Clement.

An dass, ech mengen, dass et jo awer kloer ass, dass een net kann alles matenee maachen, dass ee muss kucken, ze prioritiséieren. An dass mer guer net genuch Entrepreneuren an net genuch Mataarbechterinnen a Mataarbechter hätten an eise Servicer, fir alles zesummen ze maachen.

An da vläicht nach eng lescht Remark. Eng kleng Remark nach zum Fortschrëtt. Ech sinn net d'accord oder net der Meenung, dass een dee just kann a Kilometer oder a Meter Tapis moossen. Sou einfach ass et dann awer net. Ech mengen, dass Urbanismus a Mobilitéit e bësse méi komplex ass.

Ech moossen en u ganz ville verschiddene Facteuren: un der Unzuel vu Foussgänger-iwwerweeër, déi mer securiséieren, un der Unzuel vun Trottoiren a Vëlospisten, déi mer securiséieren.

Un der Unzuel u Verkéiersreglementer, déi mer an all Conseil communal hunn a wou mer mat all Reglement, dat mer stëmmen, eng Verännerung, a meeschtens eng Verbesserung vun der Situatioun erbäiféieren. Mee mir wäerten do jo nach ganz vill Geleegenheeten hunn, fir doriwwer ze schwätzen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Da komme mer elo zur Ofstëmmung.

- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

Mer stëmmen déi elo einfach getrennt. Dat heescht, mer fänken u mat de Comptes administratifs. Au vote.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Comptes de gestion. Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann zu eiser Äntwert op de Rapport de vérification. Au vote.

- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.1.1. Devis complémentaire ; Parc animalier – accès et aménagements extérieurs ; décision

### 8.1.2. Devis complémentaire ; Bamhaiser Gaalgebierg – infrastructures d'exploitation – construction ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Devis-complementairen.

Hei hu mer als éischt en Devis iwwer 500.000 € fir Amenagementer a Renovatiounen am Déierepark virleien. Dëse Montant verdeelt sech op den 2024er- an den 2025er-Budget an dréit dozou bäi, dass mir ee vun de schéinsten Ecker zu Esch nach weider verschéineren. Eisen Déierepark, dee wierklech e Risesuccès ass.

An dann hu mer nach en Devis iwwer 700.000 € fir Infrastrukturen, déi fir d'Exploitatioun vun de Bamhaiser néideg sinn. Dat heescht, wou weider Elementer gebaut ginn, wou zum Beispill Vestiairë fir Mataarbechter dra sinn oder fir Ekipementer ze stockéieren oder fir den Ëmgang mat den Iesswueren ze assuréieren.

Et wäert awer, dat preziséieren ech och, keen zousätzlecht Bamhaus gebaut ginn. Dat ass net virgesinn. Se hunn e gudde Ruff, eis Bamhaiser. Dat ass absolutt berechtegt. Se sinn ëmmer ausgebucht an dës Invester sollen den Accueil nach emol verbesseren.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Nee? Au vote.

Da stëmme mer déi zwee Devisë mateneen.

- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 9. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

### 9.1. Modification temporaire du règlement de la circulation – Avenue du Rock'n'Roll ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei déi net onwichteg temporär Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn der sechs dobäi dës Kéier. Verschiddener geschëllt duerch Chantieren, awer net alleguerten.

Ech fänke bei deenen un, déi mat engem Chantier ze dinn hunn. Dat ass de Reglement 19030/24, wou mer Aarbechten hunn um Boulevard Charles de Gaulle a wou mer en temporäert Verkéiersreglement geholl hunn. An dann zwee temporär Verkéiersreglementer, déi mat engem Chantier an der Rue Sidney Thomas ze dinn hunn.

An dann dräi temporär Reglementer, déi elo net direkt mat engem Chantier ze dinn hunn, mee wou mer séier wollte Mesuren ëmsetzen. Eng Kéier an der Rue Emile Mayrisch den Deplacement vum bestoende Busarrêt virum Spidol.

Dir wäert froe wisou. Ma well mer ganz geschwënn, zäitno wäerten de bestoende Busarrêt PMR-gerecht ëmbauen. An dann eebe fir d'Zäit, fir d'Durée vun deem Chantier de provisoreschen Arrêt e bësse méi wäit wäerte maachen.

Am Kader vun der PMR-Conformitéit vun deenen zwee Busarrête wäerte mer awer och, an dat ass eng grouss Demande gewiescht, déi oft u mech erugedroen ass, och en zousätzleche PMR-gerechte selbstverständlech Foussgängeriwwerwee nach maachen direkt beim Bus, deen da méi no ass bei der Entrée zum Spidol. Wat wierklech e Feedback ass, dee mer oft kritt hunn, dass dat nach noutwendeg wier.

Dann en temporäert Verkéiersreglement, fir en neie Busarrêt ze reglementéieren an der Rue Winston Churchill. Och dat hin op Demande vun der Schoulcommunautéit. Dat ass e Busarrêt, deen et scho gëtt, mee deen am Moment op der anerer Stroossesäit ass vun der Schoul, wou Camionettë fir eis Logopediesklassen notamment zum Beispill stoe bleiwen.

Mir hunn op Demande, wéi gesot, vun der Schoulcommunautéit decidéiert, dass mer dee Busarrêt op déi aner Stroossesäit deplacéieren, also op d'Stroossesäit vun der Schoul, sou dass do dann d'Kanner kënnen nach méi sécher eran- an erausklammen.

Ech verweisen awer och drop, dass mer mat ganz klenge Mesuren, och erëm mat Blummebacken a mat temporäre Mesuren, eng Popup-Installatioun an der Rue Winston Churchill en place gesat hunn.

Aus zwee Beweeggrënn: Eng Kéier fir den Duerchgangsverkéier duerch d'Rue Henri Dunant ze kappen, an zweetens fir eng Vitessreduktioun am direkte Schoulëmfeld ze maachen. Do ass d'Spuer vereenkt ginn op just nach eng Spuer direkt virun der Schoul. An de Passage vun der Winston Churchill an d'Dunants-Strooss ass gekappt, do zirkuléiert keen Duerchgangsverkéier méi.

An dann en drëtten temporäre Verkéiersreglement an der Avenue du Rock'n'Roll, wou mer en zousätzleche Foussgängeriwwerwee maachen – och dat op Demande hi vu ville Biergerinnen a Bierger – tëschent dem Plaza I an dem Plaza II, wou aktuell nach kee Passage besteet, mee deen awer an der Praxis ganz oft genotzt gëtt. An dofir maache mer do e Foussgängeriwwerwee dohinner.

Ech bieden ëm Är Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ⊜ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Funck, wëllt Der gär Är Abstentioun begrënnen?

**M. Ben Funck (LSAP)**

Et ass déi selwecht wéi virdrun: Et ass eng Abstentioun vum Här Tonnar, ech däerf keng Erklärung ofginn.

## 10. Contrats de bail et avenants ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee. Da komme mer bei d'Contrat-de-bailen. Do hu mer zwee Kontrakter, déi hat Der virleien, wou et eng Kéier ëm en neie Kontrakt an eng Kéier ëm en Avenant geet fir zwou Sozialwunnengen.

Gëtt et Froen dozou? Nee. Dann au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar** ↻ (Ben Funck)
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 11. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Bei de Commission-consultativë leie keng Verännerungsvirschléi vir, sou dass mer eigentlech duerch den Ordre du jour sinn.

*(Interventioun)*

Nee, et ass keng Verännerung ukomm à ce stade.

Zu den nächste Gemengeréit wollt ech nach eng Kéier e puer Wuert soen. Dat heescht, den nächsten ass e Méindeg, den 2. Dezember. Dann eng Kéier um 9 Auer, wou mer d'Presentatioun vum Budget maachen. 9 Auer, well dat op e Méindeg fält, a wann dann eventuell nach Saachen ëmzedrécke wieren, dann hu mer do, dann hunn d'Servicer nach dee Moment awer eng Stonn, wou se dat kéinte maachen.

Dann ass et sou, dass zwou Wochen drop de Budget, dann d'Diskussioune sinn an dann och gestëmmt gëtt. Dat fält op den 13. Dezember. Et ass esou, dass mer do méi Zäit agerechent hunn dës Kéier fir d'Conseilleren, fir dann de Budget kënnen ze consultéieren. Do si mer dës Kéier bei zéng Deeg.

Wat awer och wäert sinn, dat ass, dass mer net wéi an de Virjoren esou virginn, dass d'Finanzkommissioun de Budget virum Gemengerot presentéiert kritt, well da misste dat an deem Moment scho freides owes maachen.

Et wäert sou sinn, dass mer warscheinlech den Dag vun der Presentatioun, wou de Gemengerot de Budget kritt, och d'Kommissioun en da kritt. Och soss wär dat dann eng Saach vun e puer Stonnen éischter.

Ech mengen, dass dat elo net vill ännert. Och doduerch, dass mer alleguerte méi Zäit hunn, fir de Budget ze consultéieren, an och d'Kommissiounen awer genuch Zäit hunn, de Budget ze consultéieren, dass do wierklech kee Retard bei den Avisen dierft entstoen.

An dann hu mer awer och den 20. Dezember sécherlech nach e Gemengerot, wou mer probéieren, de Fokus op administrativ Dossieren ze leeën, mee wou awer net ausgeschloss ass, dass deen een oder aneren Aktualitéitsdossier awer mat erakënnt.

Dir kuckt mech skeptesch!?

Okee, mee dann hu mer den Timing, hunn ech deen awer exposéiert. An da gesi mer eis fir d'nächst den 2. Dezember.

## CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV